

INFO °07 24 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 8. NOVEMBER 2024

Conseil communal du 7 mai 2025

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL 07 MAI 2025

1 2 3



L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{07 24}

COMPTE-RENDU DU 8 NOVEMBRE 2024

4-76

FOODSHARING BBQ

77

STEEL RUN 2025

78

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Tom Ulveling

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03/2022, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 8 NOVEMBRE 2025

CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenja Charlé, échevin (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)

Morgan Engel (LSAP)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: modification ponctuelle du PAG à Differdange concernant le projet d'aménagement particulier Op de breeden Dréischer II à Oberkorn — vote du conseil communal suivant l'article 14 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.
3. Enseignement fondamental: plans de surveillance de l'année scolaire 2024-2025.
4. Office social de Differdange: validation de la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psychosocial pour les besoins du service des agents d'inclusion sociale — avis.
5. Personnel communal: organigramme — transformation d'un poste de fonctionnaire communal appartenant au groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique, en poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique.
6. Actes et conventions:
 - a. Acte notarié de vente et convention de concession d'un droit de superficie pour une parcelle de 14,97 a située dans la ZAC Haneboesch II à Niederkorn;
 - b. Contrat de réservation et projet d'avenant avec VOI SÀRL concernant le projet immobilier de logements dédiés et abordables au no 98 de l'avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn (ancien Maxim's);
 - c. Contrat de réservation avec Immo-Constructions 5 SA pour une vente en futur état d'achèvement concernant des logements pour étudiants situés dans l'avenue de la Liberté (ancien Monopol) à Differdange;
 - d. Convention tripartite avec l'office social de Differdange et l'ASBL HUT — Hëllef um Terrain pour l'exécution de la suite du projet Streetwork — CollecDiff à Differdange;
 - e. Convention entre les communes de Pétange et Differdange, et l'ASBL Minièresbunn portant sur la prise en charge communale des frais salariaux d'un agent technique engagé par l'association;
 - f. Convention d'adhésion au service repas sur routes proposé par l'établissement public Servior;
 - g. Contrats de bail concernant des espaces de création, ainsi qu'un contrat de bail commercial pour le Kesselbetrib Concept Store au 1535° Creative Hub;
 - h. Contrat de bail commercial d'un local situé dans la résidence Lara situé au no 13, Grand-rue à Differdange;
 - i. Contrat de bail commercial d'un local situé dans la maison Moderne au no 30, avenue de la Liberté à Differdange;
 - j. Contrats de location de toiture sur les sites du centre sportif d'Oberkorn, du CID, du campus Um-Bock et du centre aquatique Aquasud pour installer des panneaux photovoltaïques;
 - k. Convention de mise à disposition d'un local situé à Lasauvage, 88 et 88a, rue Principale;
 - l. Avenant no 1 à la convention de prêt à usage ou commodat avec ArcelorMittal en relation avec des travaux d'assainissement au carreau minier du Thillebiert à Differdange;
 - m. Quatrième avenant à la convention conclue le 25 juin 2020 avec l'État pour le centre culturel Aalt Stadhaus.
7. Plan de gestion annuel des forêts 2025
8. Intention de classement comme patrimoine culturel national du centre Marcel-Noppeney sis 212, avenue Charlotte, inscrit au cadastre de la commune de Differdange, section c d'Oberkorn, sous le numéro 130/7879 — avis.
9. Règlements communaux:
 - a. Modifications au chapitre E-2 Eau et canalisation du Règlement des taxes, tarifs et prix;
 - b. Modification du Règlement de circulation;
 - c. Règlements temporaires de circulation.
10. Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail

1. Communications

GUY ALTMEISCH (LSAP) ouvre la séance du 8 novembre 2024 en saluant tous les membres présents au complet, se réjouissant que tous soient en bonne santé.

Il demande qui souhaite poser des questions, notant monsieur Cillien, madame Pregno, madame Schütz, monsieur Aguiar et monsieur Diderich, précisant que ces questions seront traitées avant la séance non publique.

Concernant les communications du collège échevinal, il évoque la présence récente de nombreux communiqués oraux, écrits et radiophoniques, qui ne correspondaient pas à la vérité et qui ont engendré des discussions négatives sur certaines personnes et la politique, avec des déclarations incorrectes continuant d'être propagées. Il souligne que ces fausses informations peuvent causer une douleur personnelle à ceux qui s'engagent en politique.

Il donne ensuite la parole à madame Engel pour qu'elle puisse s'expliquer et clarifier les informations erronées diffusées dans les médias.

MORGAN ENGEL (LSAP) remercie le bourgmestre de lui permettre de s'expliquer. Elle a indiqué que son changement de parti n'a pas été pris à la légère et qu'elle souhaite exposer avec transparence le processus qui l'a menée à cette décision.

Elle est entrée au conseil communal motivée par un sincère désir de servir la commune et de contribuer au bien-être des citoyens. Avec le temps, elle a constaté que ses convictions profondes ne correspondaient plus aux directives de son ancien parti, l'empêchant de travailler comme elle le souhaitait pour les citoyens.

Elle souligne que cette démarche n'était pas un acte contre ceux qui l'ont soutenue, mais une recherche de cohérence avec ses valeurs personnelles. Pour elle, un parti politique ne doit pas être une fin en soi, mais un instrument pour réaliser des projets et défendre des valeurs. Son choix de rejoindre le LSAP s'inscrit dans cette volonté de continuer à promouvoir les idées qui lui tiennent à cœur.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, ech si frou, Iech haut um 8. November 2024 um aacht Auer hei am Sëtzungssall begrëissen ze dierfen. Mir si vollzieleg, wat mer besonnesch Freed mécht, dass mer all gesond a monter sinn.

Den Ordre du jour hutt Der geschéckt kritt. Ech géif ufänken, déi Leit opzeruffen, déi eng Fro unzemellen hätten. Da géif ech mer déi opschreiwen, fir dass ech déi herno net vergiessen.

Den Här Cillien, d'Madamm Pregno, d'Madamm Schütz, den Här Aguiar. Ech soen Iech Merci. An och den Här Diderich. Déi Froen traitéiere mer, ier mer an d'Séance non publique iwwerginn.

Wéi gewinnt, géife mer zum Punkt 1 kommen, de Kommunikatioun vum Schäfferot. Ech géif mer erlaben unzufänken. A leschter Zäit gouf et vill Communiquéen, geschwatener, geschriwwener an och am Radio, déi net der Wourecht entsprach hunn.

Vill Communiquéen, déi fir vill Gespréich gesuergt hunn an déi och vill negativ Säiten ervirbruecht hu vis-à-vis vu verschiddene Persounen an och vis-à-vis vun der Politik. Mat Aussoen, déi einfach net gestëmmt hunn, an Aussoen, déi net stëmmen, an Aussoen, déi dann no bei falschen Informatiounen sinn an dann ëmmer erëm weider gedroe ginn.

Dat sinn Aussoen, déi engem perséinlech, wann ee sech engagéiert fir d'Politik, ganz wéi kënnen doen.

Dofir profitéieren ech vun der Situatioun vun haut, fir der Madamm Engel d'Wuert ze ginn, fir dass si sech kéint dozou erklären. Fir dat alles riichtzebéien a fir dat kloerzestellen, wat am Virfeld vu Feelinformatiounen an de Medie war. Madamm Engel, wannech gelift.

MORGAN ENGEL (LSAP):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, Memberen aus dem

Gemengerot, fir d'éischt wéilt ech Iech Merci soen, fir Är Opmierksamkeet a fir d'Geleeënheet, déi ech kréien, d'Wuert ze ergräifen a mech ze erklären.

Heiansdo ass et néideg, fir déi, déi an der Politik aktiv sinn, ee Moment ze iwwerdenken, de Bilan ze maachen a sech Froen iwwer hir Engagementer, hir Wäerter an hir Iwwerzeegungen ze stellen. Dese Parteiwiessel hunn ech net op déi liicht Schëller geholl. Ech wëll Iech mat Respekt an Transparenz de Prozess erklären, dee mech zu dëser Decisioun gefouert huet.

Wéi ech an dese Gemengerot komm sinn, war ech duerch een oprechte Wonsch gedriwwen, der Gemeng ze dengen, zum Wuelbefanne vun eise Bierger bäizedroen an déi Prinzipien ze verdeedegen, déi ech als essenziell fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng ugesinn hunn.

Mat der Zäit gouf et ëmmer méi kloer, datt meng déif Iwwerzeegungen an d'Uweisung vu menger fréierer Partei net méi menger Visioun entsprach hunn an ech doduercher net am Sënn vun eise Bierger schaffe konnt.

Ech wëll ënnersträichen, datt dëst net en Akt vu Verdeedegung vis-à-vis vun deenen ass, déi mech ënnerstëtzt hunn, mee eng Approche vu Konsistenz mat menge perséinleche Wäerter an den Inspiratiounen, déi ech an d'Zukunft vun eiser Gemeng hunn.

Politik ass virun allem eng Fro vun Iddien, Projeten an Iwwerzeegungen. Et ass eis Verantwortung, am allgemengen Interêt ze handeln. An heiansdo ass d'Evolutioun, egal wéi schwéier et ass, néideg, fir dës Idealer besser ze verkierperen.

Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt eng politesch Partei keen Zil u sech soll sinn, mee een Instrument, wat et erméiglecht e Projet ze realiséieren a Wäerter ze verdeedegen.

De Choix, fir bei d'LSAP ze kommen, gehéiert zu dëser Logik, weiderhin déi Iddien ze promouvéieren, déi mir um Häerze leien. Et ass kee Verzicht, mee eng nei Definitioun vu mengem Engagement an enger Ekipp, déi mir et

1. Communications

erlaabt, eiser Gemeng an eise Matbierger besser ze dengen.

Dat gesot, wëll ech jidderee vun Iech berouegen: Dëse Parteiwiessel hënnert op kee Fall mäi perséinlecht Engagement an och net mäi Wonsch, mat strenger Integritéit am Déngscht vun allen Awunner vun eiser Gemeng ze schaffen.

Meng Roll hei ass et, mat Iech ze schaffen an engem konstruktive Geescht a menge Prinzippien trei ze bleiwen, egal ob se vu partisanem Ursprung sinn oder aus menger eegener Iwwerzeegung eraus gebuer sinn.

Lokal Politik heescht fir mech, déi reell Bedierfnisser vun eise Bierger ze berécksiichtegen, konkret Projeten ëmzesetzen, fir hiren Alldag ze verbesseren. Politesch Etiketten däerfe keen Hindernis fir d'Zesummenaarbecht an d'Sich no innovativer Léisunge fir eis Gemeng ginn.

Ech si weiderhi prett, mat jidderengem vun Iech zesummenzeschaffen an engem Geescht vun Oppenheet, géigesäitegem Respekt an Nolauschteren. Et gëtt ee grouse Räichtum aus Diversitéit vu Meenungen an Hannergrënn ze zéien. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir an dësem Gemengerot konstruktiv Debatte féiere kënnen an ambitiéis Projete fir eis Matbierger virbréngen. Ech soen Iech Merci fir Äert Versteesdemech a fir Äert Vertrauen, dat Dir nach u mech stellt. Ech sti weider zur Verfügung fir all Froen oder Erklärungen an ech si ganz decidéiert, mat Iech ze schaffen, fir eis Gemeng no virzebréngen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Engel, fir déi klärend Wieder. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir eis seng Kommunikatioun matzedeelen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll Iech driwwer informéieren, dass eis Plënnerraktioun an den CID leider nach net

stattfanne konnt, well mer déi néideg Autorisatiounen vun der ITM nach net kritt hunn. Et ass drop an drun, dass mer se kréien. Et wäert warscheinlech nach zwou, dräi Wochen daueren, ier alles „unter Dach und Fach“ ass. An da wäerte mer plënnere.

An d'Plënnerraktioun vum Stadhaus, wou éischt Aarbechte sollten Enn November ufänken, ass fir Enn Januar geplangt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Och vu mir aus schéine gudde Moien heibanen, mee och de Leit dobaussen, déi eis nolauschteren. D'Blieder si jo bal all vun de Beem, domadder gëtt et esou lues Zäit fir eis traditionell Evenementer zum Joresofschloss. Ech wollt Iech e puer vun den Highlights matdeelen.

Ech fänken u mam Adventsmaart op der Zowaasch, vum 22. bis de 24. November 2024.

De 25. November 2024 ass d'Sportleréierung, de Gala sportif, am Hall O, fest an der Agenda. Ewéi all Joer ginn eng Onmass vu Championne geëiert, mee och eis Benevoller aus de Veräiner, well si sinn a bleiwen d'Häerzstéck vun eisen Associatiounen.

Néng Titele gi verginn, ënner anerem beschte Sportler/Sportlerin, déi beschte weiblech a männlech Ekipp, déi beschten Trainerin an Trainer vun der Saison, beschten Nowuessathleet an -athleetin.

Nei dëst Joer ass den Inklusiounsgedanken. Honoréiert gi Projete vun de Veräiner respektiv d'Aktiounen, wou ee Club sech staark mécht, fir Sportler mat spezifesche Besoinen ze encadréieren.

All dës Titele gi vun de Membere vun der Sportskommissioun gestëmmt. An ech soen et och direkt, dass de Sportschäffen an de Sekretär vun där Kommissioun kee Stëmmrecht dozou hunn.

Elle assure que ce changement n'affectera pas son engagement personnel ni son désir de servir avec intégrité tous les habitants de la commune.

Elle se dit prête à collaborer avec tous les membres du conseil dans un esprit d'ouverture, considérant que la politique locale doit répondre aux besoins réels des citoyens et que les étiquettes politiques ne doivent pas être un obstacle à la coopération.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie madame Engel pour ses éclaircissements et donne la parole à monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) informe le conseil communal que le déménagement au CID n'a pas encore pu avoir lieu faute d'autorisations nécessaires de l'ITM. Ces autorisations sont en cours d'obtention et le déménagement devrait pouvoir se faire dans deux ou trois semaines. Il ajoute que le déménagement de l'hôtel de ville, initialement prévu pour fin novembre, est désormais planifié pour fin janvier.

THIERRY WAGNER (LSAP) présente quelques temps forts à venir : le marché de l'avent à Lasauvage, du 22 au 24 novembre 2024, et le Gala sportif le 25 novembre 2024 au Hall O.

Lors de cette cérémonie, de nombreux champions seront honorés ainsi que les bénévoles des associations. Neuf titres seront décernés, notamment ceux du meilleur sportif et de la meilleure sportive, des meilleures équipes féminine et masculine, des meilleurs entraîneurs et des meilleurs jeunes athlètes.

La nouveauté cette année est l'accent mis sur l'inclusion, avec la reconnaissance de projets d'associations ou d'actions, où un club s'engage à encadrer des sportifs ayant des besoins spécifiques.

1. Communications

Thierry Wagner précise que tous ces titres sont votés par les membres de la Commission des sports, l'échevin aux sports et le secrétaire de la commission n'ayant pas droit de vote.

Thierry Wagner annonce l'ouverture du marché de Noël, le plus ancien du pays, du 29 novembre au 22 décembre 2024.

Le cortège de Saint-Nicolas aura lieu le samedi 30 novembre.

La fête de la Sainte-Barbe se tiendra le 4 décembre à Lasauvage.

Dans le cadre du marché de Noël, une course de Noël est prévue le 8 décembre dans le centre-ville.

Du 10 au 12 décembre se déroulera la traditionnelle fête des seniors au Hall O.

Thierry Wagner mentionne également le retour du tipi au parc Gerlache pour le weekend du 13 au 15 décembre, avec des activités pour tous les âges et le premier atelier citoyen du vivre-ensemble dans le cadre du Pacte du vivre-ensemble interculturel. Il précise que tous les détails sont disponibles dans le «Diffmag», sur differdange.lu et sur les plateformes de médias sociaux.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente ses excuses pour les problèmes liés aux adresses e-mail à la suite de travaux sur le serveur et invite les personnes concernées à contacter le service informatique.

Elle évoque ensuite la phase de test dans la rue de Soleuvre, qui a suscité beaucoup d'agitation.

Elle explique que cette phase vise à mieux analyser la situation du trafic dans cette zone. L'objectif est de simuler différentes situations de circulation et d'observer les comportements à court et long terme.

Une partie de la rue étant uniquement accessible aux bus et aux résidents, le trafic s'est réparti différemment. Ces réactions sont analysées sur une certaine période pour comprendre l'adaptation des usagers aux changements.

Zenia Charlé indique que la commune étudie également les variations de trafic entre les périodes scolaires et les vacances, l'impact des agents aux passages piétons et les effets sur le carrefour vers le centre de Differdange. Elle précise

Fuere mer weider mat eisem Kalenner. Den 29. November 2024 ass d'Ouverture vun eisem Chrëschtmaart, deem eelsten aus dem Land, deem op ass vum 29.11. bis den 22. Dezember 2024. Do däerf de Kleeserchersënzuch net feelen, deem ass samschdes den 30. November 2024.

De 4. Dezember 2024 ass d'Bärbelefest op der Zowaasch.

Am Kader vum Chrëschtmaart ass dann och de Chrëschtlaf den 8. Dezember 2024 am Stadzentrum.

Vum 10. bis den 12. Dezember 2024 ass eis traditionell Seniorefeier, och nees am Hall O.

Och am Kader vum Chrëschtmaart hu mer e Revival vum Tipi, dee viru Jore schonns am Parc Gerlache stoung. Et ass eng Aart Tipi, en ass complementaire zu den Aktivitéiten op der Maartplaz, a just fir de Weekend vum 13. op de 15. Dezember 2024. Do wäerten Eventer stattfanne fir Grouss, fir Kleng a Familljen. Do ass och sonndes moies eisen éischte Biergeratelier „Zesummeliewen“. Dëst, am Kader vum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen.

Et ass e prallgefüllten Eventkalenner. Et gëtt nach eng Panoplie u weideren Aktivitéiten am Ale Stadhaus respektiv eise Veräiner. All d'Detailer fannt Dir, wéi gewinnt, am Diffmag, op differdange.lu an op eise Social-Media-Plattformen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Da géif ech d'Wuert ginn un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moien alleguer, ech géif dovu profitéieren, vu dass et ugeschwat ginn ass, eis ze entschëllege fir déi Probleemer, déi Der vläicht hat mat Ären E-Mail-Adressen, opgrond vun Aarbechten um Server. Wann do Leit nach sollte Probleemer hunn, kënnst Der Iech ganz gare bei eisem Service informatique mellen. Si sinn op jidde Fall do. Och

wann et net esou evident ass, well mat all deenen E-Mail-Adressen, déi et gëtt, an déi Leit, déi Probleemer haten, ware se des Woch vill um Schaffen, fir jidderengem ze hëllefen. Op jidde Fall zéckt net, fir u si erunzetrieden.

Ech géif, als Zweet, ganz gären e puer Wieder soen zu der Testphas, déi fir vill Opregung gesuergt huet. D'Testphas an der Zolwer Strooss huet gestart, fir d'Verkéiserssituatioun an deem Beräich besser analyséieren ze kënnen. Während där Zäit huet de Bierger warscheinlech och Iech verschidde Froen iwwer Sënn an Zweck vun deenen Tester opgeworf. Et gouf natierlech och Kritik, well net direkt alleguerten d'Erwaardungen erfëllt goufe vun deser Testphas. Dofir wëilt ech Iech déi eng oder aner Erklärung heizou ginn.

D'Zil vun der Testphas war et verschidde Verkéiserssituatiounen ze simuléieren a kuerz- a laangfristeg Verhalensmuster ze dokumentéieren. Een Deel vun der Strooss war nëmme fir Busser an Awunner zougänglech, wat, ënner anerem, dozou gefouert huet, datt sech de Verkéier opgedeelt huet. Dat heescht verschidder hunn d'Kéier gemaach, aner sinn einfach duerchgefuer, deem nächsten, deem ass duerch de Quartier gefuer.

Dës Reaktiounen ginn iwwer ee gewëssenen Zäitraum analyséiert, fir Abléck ze kréien, wéi d'Leit sech mat der Zäit u Verännerungen upassen oder vläicht och net upassen. An deem Kontext analyséiere mir och d'Variatioun vum Verkéier an de Schoulvakanze géintwuer vum der Schoulzäit, d'Auswierkung vum den Agenten op den Iwwergang, fir de Kanner ze hëllefen, eriwuer ze kommen an awer och den Impakt op d'Kräizung Richtung Déifferdeng-Zentrum.

Mir schaffen dobäi enk mat Ponts et chaussées zesummen un der Luuchte-schaltung, souwuel op där enger Kräizung wéi op där anerer Kräizung. Dofir geet et an esou enger Testphas net drëms, dass direkt alles soll funktionéieren, mee et geet drëm d'Reaktiounen vun den Automobilisten an den Awunner ze verstoen.

D'Resultater ginn duerch prezis Zielungen erfaasst a bilde schliisslech d'Basis fir weider Simulatiounen an Upassungen. Dës Testserie gëtt eis ëmmer méi

2. Op de breeden Dréischer II / 3 Enseignement

konkreet Ablécker, déi eis um Enn erlaben, d'Zolwer Strooss no de Besoine vun de Kanner, der Liewensqualitéit vun den Awunner, dem noutwendige Verkéiersfloss fir de lokale Commerce, sou wéi der Kierch, der Schoul an dem 1535° ze amenagéieren.

An deem Sënn soen ech Merci menger ganzer Ekip aus dem Servic, fir hir Zesummenaarbecht um Terrain an hoffen op Äert Verständnis an Är Gedold, fir op dëser Plaz eppes kënnen ze maachen, wat besser ass wéi déi aktuell Situatioun. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. No deenen Informatiounen vum Schäfferot kéime mer zum Punkt 2 vun eisem Ordre du jour, enger punktueller Modifikatioun vum PAG zu Déifferdeng „Op de breeden Dréischer“. Här Ulveling, wann ech gelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass nëmmen eng Formalitéit. Mir haten dee Punkt am Gemengerot vum 5. Juni traitéiert. En ass do och ugeholl ginn. Dat ass du publizéiert ginn. Den Délai de réclamation vun 30 Deeg ass agehale ginn. Et gouf eng Réunion d'information, wou keen Asproch erhuewen huet. Soudass mer elo driwwer ofstëmme kënnen.

Et geet haaptsächlech drëm, fir d'Densité de logement vu 55 op 69 Logementen „Op de breeden Dréischer“ eropzesetzen. Dat implizéiert net, dass méi gebaut gëtt, mee, wéi mer d'leschte Kéier gesot hunn, vu dass zousätzlech Kichen an déi verschidden Unitéite solle kommen, gëtt dat als Logement à part ugesinn. Dofir déi Modifikatioun. Wéi gesot, et ass eppes, wat mer schonn eng Kéier haten.

Ech géif Iech bieden, dat nach eng Kéier guttzeheeschen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Froen zu deenen Erklärungen oder zu deem Punkt? Wann net, kéime mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du PAG à Differdange concernant le projet d'aménagement particulier Op de breeden Dréischer II à Oberkorn.

Ech soen Iech Merci. Punkt 3 vum Ordre du jour, Enseignement fondamental. D'Wuert geet un den Här Wagner, wannech gelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm d'Surveillance-Pläng fir d'Schouljoer 2024/2025. Dat ass, wéi all Joer, eng Formalitéit déi duerch de Gemengerot goe muss, fir dass hire proposéierten Timing validéiert gëtt.

De Plan de surveillance gehéiert zu der Schoulorganisatioun an ass vun den Enseignanten op deene verschiddene Sitten ausgeschafft ginn. Dir fannt dat opgeléicht pro Schoul/Campus an Ären Dokumenter.

Ech bieden Iech, dëst esou matzestëmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Wuertmeldungen zu deem Punkt? D'Madamm Huberty, wannech gelift.

CAROLINE HUBERTY (LSAP):

Merci. D'Leit vum Terrain froe sech, ob eppes virgesinn ass fir d'Securitéit oder fir d'Surveillance an de Schoulhäff.

que la commune travaille étroitement avec l'Administration des ponts et chaussées sur les feux de signalisation.

Les résultats, recueillis par des comptages précis, serviront de base pour des simulations et ajustements futurs afin d'aménager la rue selon les besoins des enfants, la qualité de vie des résidents, et les nécessités de circulation pour le commerce local, l'église, l'école et le 1535°.

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 2 de l'ordre du jour concernant une modification ponctuelle du PAG Op de breeden Dréischer.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit d'une formalité puisque ce point a déjà été traité lors du conseil communal du 5 juin. Il a été publié, le délai de réclamation de trente jours a été respecté, et aucune objection n'a été formulée lors de la réunion d'information.

La modification consiste à augmenter la densité de logements de 55 à 69 sur le site Op de breeden Dréischer. Il précise que cela n'implique pas davantage de construction, mais que l'ajout de cuisines dans les différentes unités fait que chacune est considérée comme un logement distinct.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 3 de l'ordre du jour concernant l'enseignement fondamental.

THIERRY WAGNER (LSAP) présente les plans de surveillance pour l'année scolaire 2024-2025. Il explique que cette formalité annuelle doit être validée par le conseil communal. Ces plans, élaborés par les enseignants des différents sites, font partie de l'organisation scolaire.

CAROLINE HUBERTY (LSAP) demande si des mesures sont prévues pour la sécurité et la surveillance dans les cours d'école.

4. Office social

THIERRY WAGNER (LSAP) reconnaît que cette question a été soulevée plusieurs fois, concernant la période après l'école et parfois pendant les heures de cours. Il indique que le problème existe depuis plus de deux ans et que des travailleurs de rue sont déjà intervenus pour dialoguer avec les jeunes concernés, qui se rassemblent et laissent des déchets. Ce problème oblige les concierges à nettoyer chaque matin et crée des situations problématiques pour les enfants, qui utilisent ensuite ces espaces.

Des caméras sont installées dans les cours d'école pour surveiller, mais elles ont parfois été arrachées, notamment à Niederkorn. La commune a consulté les enseignants et les éducateurs de la maison relais pour trouver des solutions, qui doivent aussi être répressives à travers une base légale et un règlement.

Thierry Wagner envisage de travailler sur les horaires d'ouverture et de fermeture, et de permettre aux agents ou à la police d'intervenir pour faire sortir les personnes indésirables.

Il reconnaît les difficultés liées au fait que certaines personnes traversent la cour d'école comme passage, tant à Niederkorn qu'au centre de Differdange. Il regrette que ces mesures pénalisent aussi les enfants, qui utilisent légitimement ces espaces pour jouer.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 4 concernant la création d'un poste à l'office social.

JERRY HARTUNG (CSV) explique que l'office social est désormais un établissement public géré de manière indépendante par son conseil d'administration. La commune et l'office social travaillent ensemble pour que celui-ci assure entièrement la gestion de ses finances et de son personnel. La commune continue d'approuver les décisions relatives au personnel et participe au financement du budget avec le ministère par une convention.

Jerry Hartung précise que cette création de postes est nécessaire, car une partie du personnel de l'office est encore employée par la

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Dat ass ganz richtig, déi Diskussioun hate mer elo schonn e puermol, virun allem während där Zäit, wou d'Schoul aus ass, awer och emol während der Zäit, wou Schoul ass. aA mir hunn dat elo schonn e bëssen analyséiert an dat ass ee Probleem, deen et elo net säit de leschten zwee Joer gëtt, dat ass och scho virdru gewiescht. D'Streetworker ware schonn op der Plaz an hu mat deene Jonke geschwat, well et sinn deelweis praktesch ëmmer Jonker.

D'Resultater, dat si mer amgaangen auszeschaffen, wat mer kënnen maachen. Do gëtt et verschidde Moyenen. Natierlech fänke mer u mam preventive Volet. Wéi gesot, d'Streetworker hu mat de Leit geschwat, Probleemer erfaasst, firwat se sech treffen, firwat se ëmmer deen Dreck hannerloossen. Well dat ass den Haaptprobleem vun eise Portieren, déi all Moien do musse raume wéi verréckt. An d'Kanner, déi duerno an der Schoul sinn, op der Spillplaz sinn, ëmmer ganz skurril Situationnen hunn, déi net musse sinn. Respektiv si jo Kameraen an de Schoulhäff, wou dann och ëmmer gekuckt gëtt, wann eppes geschitt. Mee déi Kamerae goufen och alt mol ofgerappt, dat zu Nidderkuer.

Wéi gesot, mir ware mat de Leit um Terrain, mat den Enseignanten, mat den Educateuren aus der Maison relais, fir do Léisungen ze fannen, déi awer och repressiv misste sinn. An dat geet nëmmen iwwer eng Base légale. Dat heescht iwwer Reglement. An do misst ee mat den Auerzäite schaffen, respektiv kucken, ob mer op- oder zouspären zu gewëssenen Auerzäiten. Respektiv eisen Agenten oder der Police d'Méiglechkeet ginn, ze intervenéieren an d'Leit aus dem Haff ze begleeden, soe mer mol esou.

Mee mir hunn awer och Schwieregkeeten, well zu Nidderkuer deelweis och Leit duerch de Schoulhaff ginn, well dat ee Wee ass. Respektiv ass dat och hei zu Déifferdeng am Zentrum de Fall, mee do muss ee kucken, wéi gesot, mat den Auerzäiten ze schaffen.

Deen eenzege Bemoll, deen ech ëmmer bei esou Saache gesinn, dass dat awer och genotzt gëtt vu Kanner, déi gären dohinner spille ginn an d'Schoulhäff.

Do si jo och trotzdem Spillplazen a kleng Fussballsterrainen. An dat ass dat, wou ech ëmmer soen, dat ass awer schued, well déi da bestrooft gi wéinst dem Behuele vun aneren.

Wéi gesot, mir sinn amgaangen, konkret eppes auszeschaffen fir 2025, mat de Leit um Terrain. An da musse mer awer fir 2025 eppes Konkreetes och um Blat stoen hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Wagner. Et gëtt keng weider Wuertmeldung dozou, mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans de surveillance de l'année scolaire 2024-2025.

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 4, deen a Relatioun mam Office social vun Déifferdeng steet, mat enger Création de poste. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger, Verrieder vun der Press, gudde Moien. Den Office social ass mëttlerweil een Établissement public, deen eegestänneg vu sengem Conseil d'administration soll gefouert ginn, eppes, wat jo och schonn ass. Dat bréngt natierlech aner Ëmsetzung mat sech. Deementspriedend gëtt vun der Gemeng a vum Office social zesummen dru geschafft, datt d'Gestioun vun de Finanzen a vun hirem Personal ganz vun hinne gemaach gëtt.

Mir kréie weiderhin hir Personaldecisiounen, souzesoen als Avis, guttzeheeschen. An de Budget zum Vott. Dee bezuele mir mam Ministère jo iwwer d'Konventioun, zu engem Deel, mat.

Firwat dës Création de poste elo bei hinnen? Vu datt virdrun alles bei der Gemeng louch, ass een Deel vun hirem

5. Personnel communal

Personal nach bei der Gemeng ugestellt an eben iwwer e Prêt de main d'oeuvre un den Office ausgeléint, wou mir da rembourséiert ginn.

Hei hu mer elo de Fall vun enger vun hire Mataarbechterinnen, déi scho vun der Gemeng als Sozialarbechterin age stellt gouf, éier et iwwerhaupt den Office social tel quel gouf. Deement sprichend ass si net esou age stellt wéi dat virgesinn ass, soudatt, an Zesum menaarbecht vun eisem Service du personnel, dem Office social an natierlech och der betraffener Persoun, gekuckt gouf, dës Situatioun am Kader vun der ganzer Transitioun endlech ze regula riséieren.

Dofir mécht den Office hei eng Créa tion de poste, fir d'Persoun da richteg eriwwerzehuelen. Deen anere Poste fält dann ewech.

Ënner dem Stréch ännert näischt punk to Unzuel u Personal am Office social. Et muss ee jo wëssen, datt d'Unzuel vun hire Posten, déi besat ginn am Prorata zur Awunnerzuel, am Gesetz kloer définéiert ass.

Ech bieden Iech, dës esou matzestëm men. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen dozou? Nee. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psychosocial, pour les besoins du service des agents régionaux d'inclusion sociale.

Ech soen Iech Merci. Punkt 5, eng Transformatioun, eng Upassung am Fong geholl vum Organigramm vum Personal vun der Gemeng. Ee Posten, deen als Fonctionnaire communal am Organigramm steet, misste mer ëmmo difizéieren als Poste fir en Employé communal. Hutt Der Froen dozou oder Wuertmeldungen? Madamm Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moien alleguerten. Eng Fro, net onbe déngt zu dësem Posten hei, mee zum Organigramm am grouse Ganzen: Wä et méiglech, zäitno en aktualiséier ten Organigramm ze kréien? Den Här Diderich hat et d'leschte Kéier gefrot. Mir hunn den Iwwerbléck verluer tëscht Neischafungen, Transforma tioune vu Posten, déi bis ewell gemaach gi sinn.

Ech hu warscheinlech méi Iwwerbléck wéi aner Leit nach, well ech deen Orga nigramm vu méi no kannt hu wéi just d'Conseilleren. Mee och fir mech ass et net méi méiglech, all déi Schachzich, déi Der maacht, nozevollzéien. Dofir wä mer wierklech frou, zäitno eng aktua liséiert Versioun ze kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Ech äntweren Iech direkt. Ech fannen et e bësse komesch, dass Der dat mat Schachzich vergläicht, vu dass mir jo awer iwwer Poste schwätze vu Leit, déi d'Chance hunn, op der Gemeng kënnen ze schaf fen an esou enger oder esou enger Funktioun, dass mer vun Employéen oder Salariaéen oder Fonctionnaire schwätzen.

Ech verstinn Är Suerg awer ganz gutt. En attendant, bis deen Organigramm 100% à jour ass, confirméieren ech Iech, dass mer et nächste Gemengerot mat op den Ordre du jour huelen, fir dass mer dann en public kënnen doriw wer diskutéieren an Iech dat och da presentéieren.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci!

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. Den Här Cillien, wannechgelift.

commune et mise à disposition par un prêt de main-d'œuvre rem boursé. Il s'agit notamment d'une travailleuse sociale embauchée par la commune avant même l'exis tence de l'office social actuel.

Pour régulariser cette situation, l'office social crée ce poste pour employer directement cette per sonne, tandis que l'ancien poste sera supprimé.

Jerry Hartung souligne que le nombre total d'employés de l'office social reste inchangé, celui-ci étant défini par la loi proportionnelle ment au nombre d'habitants.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente le point 5 concernant une transfor mation dans l'organigramme du personnel communal, où un poste de fonctionnaire communal doit être modifié en poste d'employé.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) de mande s'il serait possible d'obtenir prochainement un organigramme actualisé, rappelant que monsieur Diderich l'avait déjà demandé pré cédemment. Elle explique avoir perdu la vue d'ensemble entre les créations de postes et les transfor mations effectuées jusqu'à présent. Bien qu'elle ait une meilleure connaissance de l'organigramme que d'autres conseillers, elle affirme qu'il est devenu impossible de suivre tous les coups d'échecs opé rés.

GUY ALTMEISCH (LSAP) trouve étrange que madame Pregno com pare cela à des coups d'échecs, puisqu'il s'agit de postes pour des personnes qui ont la chance de tra vailler à la commune.

Il comprend néanmoins sa préoc cupation et confirme que l'organi gramme actualisé sera inclus à l'ordre du jour du prochain conseil communal pour en discuter publi quement.

6. Actes et conventions

ERIC CILLIEN (DP) indique que sa question va dans le même sens. Il signale que le conseil communal n'a pas vu ce document depuis longtemps, ce qui l'aurait presque conduit à ne pas voter.

Il demande pourquoi le collège échevinal transforme un poste de fonctionnaire en poste d'employé, soulignant que la perte d'un poste de fonctionnaire n'est pas négligeable.

GUY ALTMEISCH (LSAP) explique que le collège échevinal essaie toujours de recruter autant de fonctionnaires que possible, suivant les recommandations des ministères et sa propre vision. Il précise que, lorsqu'un employé sous CDD qui s'avère être un candidat valable, mais qui, en raison de son âge, n'est plus disposé à suivre les formations nécessaires pour passer l'examen de fonctionnaire, la commune propose de l'embaucher comme employé communal pour la plus-value qu'il apporte.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) complète en expliquant que le poste en question avait été annoncé comme poste de fonctionnaire, mais que la commune n'a trouvé aucun candidat répondant aux critères. C'est pourquoi elle s'est tournée vers un employé avec de l'expérience professionnelle.

GUY ALTMEISCH (LSAP) confirme que, comme l'a expliqué monsieur Krecké, il n'y a parfois pas assez de candidats disponibles pour travailler comme fonctionnaires.

(Vote)

Guy Altmeisch présente le point 6a concernant un acte notarié visible sur le cloud. Il s'agit d'une cession d'une superficie de 14,97 a, située au Haneboesch à Niederkorn, de la société « Lux Sucre SÀRL » à la société « Car Location Garage Theves ».

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soulève plusieurs questions concernant cette entreprise.

ERIC CILLIEN (DP):

Villmools merci. Meng Fro geet an déi selwecht Richtung. Ech hunn hei stoen, datt mer e Manque du document hunn, datt mer dat Dokument schonn éiweg net méi ze gesi kritt hunn. An datt ech bal gewëllt gewiescht wier, dat net matzestëmmen, well ech keen Dokument gesinn.

Dat gesot, kann ee mir soen, firwat mer e Fonctionnairesposten an een Employéposten ëmwandelen? Well mir verléieren do ee Fonctionnairesposten. Dat ass jo awer eng Envergure, déi net keng ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech verstinn Iech ganz gutt. Mir probéieren och, op Recommandatioun vun de Ministären an op eis eegen Asiicht, déi mir hunn, ëmmer esou vill wéi méiglech Fonctionnairen anzustellen.

Et ass natierlech esou: Wa mer ee bei eis ënner engem CDD schaffen hunn a mir gesinn, dass dat wierklech ee valabelen Demandeur ass a schonn ee gewëssenen Alter huet an net méi bereet ass, fir déi Formatiounen do nach matzemaachen – et muss ee jo verstoen, dass een ab engem gewëssenen Alter net méi bereet ass, nach eng Kéier an d'Schoul ze goen, fir de Fonctionnairesexamen ze maachen –, dass mir eis dann awer proposéieren, vu déi Plus-value, déi mir als Gemeng hunn, wa mir deen astellen, dass mer en dann astellen als Employé communal.

Natierlech bleiwe mir och dem Prinzip treu, sou vill wéi méiglech Fonctionnairen anzustellen. Mee als Plus-value erlaabt mer eis awer, dann heiansdo en Employé mat an dee ganzen Organigramm do eranzehuelen. Da musse mer heiansdo ëmswitchen, wéi gesot, fir déi Plus-value kënnen ze begéinen an dem Bierger dat ze garantéieren, wat mer hinne versprach hunn.

Nach eng Weider Fro?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et kann een ergänzend soen, Här Cillien, dee Posten do, dee war ausgeschriwwen als Fonctionnaire. Mir hu kee Kandidat fonnt, deen de Krittären entsprach huet. Duerfir si mer am Employé da mat Expérience professionnelle gelant.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wéi den Här Krecké erkläert huet, heiansdo sinn net genuch Kandidaten do, déi als Fonctionnaire da kënnen schaffen.

Wann Der keng weider Froen oder Propositionen hutt, da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la transformation d'un poste de fonctionnaire communal appartenant au groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique, en poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique.

Da kéime mer zum Punkt 6a, en Acte notarié, wou Der den Detail op der Cloud fannt. Dat ass eng Successioun vun enger Superficie vu 14,97 Ar, geleeën am Haneboesch zu Nidderkuer, vun der Firma Luxsucré un d'Firma Car Location Garage Theves. Mer mussen déi stëmmen hei am Gemengerot, nodeems mer déi Vente am Fong geholl validéiert kritt hu vum Ministère de l'Économie. D'Prozedur gesäit dat esou vir. Da misste mir dat nach hei am Gemengerot stëmmen.

Op der Cloud misst Der den Detail gesinn, ëm wat et sech genau handelt. Hutt Dir Froen dozou? Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, bei där heite Firma stellt sech

6. Actes et conventions

d’Fro, wéi vill Parkplazen hu si op der Surface selwer? Ass dat net déi Firma, wou ganz vill ausserhalb dovunner geparkt gëtt? Wéi gi mer domadder ëm? Respektiv, am Haneboesch hunn ech matkritt, dass dee Probleem scho länger besteet, dass verschidde Plazen net reglementéiert sinn, well se net am Gemengereglement sinn. Dat misst een eebe kucken.

Wat ech och wéilt opwerfen: Een Deel vun der Zone d’activité ass jo staatlech, an een Deel ass vun der Gemeng. An déi sinn ënnerschiddlech gereegelt. Respektiv ass et e bëssen onkloer, firwat déi eng esou gereegelt sinn an déi aner esou.

De Costantini, zum Beispill, deen huet masseg Parkplazen innerhalb vu senger Parzell. Et ass jo awer de But vun enger Zone d’activité, dass do industriell geschafft gëtt. Do ass also ganz vill Bëton am Endeffekt an ass ganz anescht gereegelt wéi anerer.

An hei hu mer elo ee Betrib, dee just op Autoen ausgeluecht ass, wou sech d’Fro stellt, ob genuch Parkplazen do sinn. Wou ee sech e bësse freet, ob mer do gutt opgestallt sinn am Ganzen an déi richteg Reglementatioun hu fir déi richteg Betriber. An och, datt dat gläichwäerteg traitéiert gëtt, wéi mer do d’Reglementatioun maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, Kolleginnen a Kollegen, ech wollt Froen an déi selwecht Richtung stellen, well déi Entrepen, déi elo schonn an der Zon sinn, déi maache sech och doriwwer Gedanken. Well dat jo elo expressément e Service ass, dee Locatioun vun Autoe mécht. Et trieden och Autoe méi, normalerweis, duerch d’Aktivitéit op der Plaz op.

Ech hu gesinn, an eisem neie Verkéiersreglement, wouriwwer mer jo nach

haut ofstëmmen, do ass eng Mesure virgesinn, e Parking réglementé payant op där Plaz. Dat heescht, dat ännert awer elo weesentlech d’Situatioun.

Do gëtt awer och da gefrot, wat mat deem Parking geschitt, dee mer do nach zousätzlech amenagéieren um Terrain vu Collé. Do kann den Här Ulveling eis vläicht soen, wéi dee soll reglementéiert ginn. Eng Fro, déi och ëmmer erëm opkënnt: Ass dat dann op fir d’Bierger alleguer, fir d’Leit alleguer aus dem Zoning? Ech mengen, et wär vläicht gutt, wa mer de Leit kéinte matdeelen, wéi mer dat wëlle maachen.

Wat ech och nach hunn, méi allgemeng mat der Kap vum Comité économique, ech mengen, dee Zoning ass do, fir Aarbechtsplazen ze schafen an ze erhalen. Mir kënnen zwar hei näischt maachen, dat ass ee Privatverkauf tëscht zwou Gesellschaften. Do ass et schwéier säitens der Gemeng, wann déi d’Autorisatioun kréien, fir esou ee Commerce oder esou eng Aktivitéit op der Plaz ze maachen, da kënnen mer net grouss dergéint virgoen.

Op där anerer Säit, wann een neie Betrib dohikënnt, kucke mer ëmmer: Wéi vill Aarbechtsplaze kréie mer bäi oder kënnen mer erhalen? Dat wär och eng wichteg Approche, wann an deem Zoning effektiv esou Changementer kommen.

Wéi gesot, et huet een an deene Saachen net ëmmer d’lescht Wuert. Dee Moment, wou déi Aktivitéit vum Ministère de l’Économie akzeptéiert gëtt oder wann déi en Agreement kréien, dann ass et och schwéier fir eis, oder fir d’Gemeng selwer, fir do nach ee Kail dertëscht ze dreiwien.

Wat ee kéint maachen, dat wär, mat deem neie Propriétaire mol zesummenzekommen an ze kucken, wat do richteg ufält. Do ass och geschwat ginn, dass do Autoe géife gewäsch ginn, ob eng Autorisatioun op där Plaz méiglech wär. Dat ass alles reglementéiert vum Point de vue ITM an esou.

Ech mengen, duerfir wär et gutt, de Kontakt ze siche mat deem neie Propriétaire an déi Saachen unzeschneiden. Et kann och vläicht sinn, dass déi Situatioun schonn anescht ausgesäit. Ech soen Iech Merci.

Il demande de combien de places de stationnement elle dispose sur son propre terrain et s’il ne s’agit pas de la société, où beaucoup de véhicules sont garés à l’extérieur.

Il fait remarquer que certains espaces dans le Haneboesch ne sont pas réglementés, car ils ne figurent pas dans le règlement communal.

Il évoque également une entreprise de construction dans la zone d’activité, dont une partie est gérée par l’État et une autre par la commune, avec des réglementations différentes. Il mentionne l’entreprise « Costantini », qui dispose de nombreuses places de parking sur sa parcelle, alors que, pour l’entreprise en question, qui est spécialisée dans les voitures, il se demande s’il y a suffisamment de places de stationnement et si la réglementation est appropriée.

ERNY MULLER (LSAP) indique que les entreprises déjà présentes dans la zone se posent également des questions, car il s’agit expressément d’un service de location de voitures, qui génère davantage de circulation.

Il mentionne avoir vu dans le nouveau Règlement de circulation, sur lequel le conseil communal doit encore voter aujourd’hui, qu’un parking réglementé payant est prévu à cet endroit. Il s’enquiert du sort réservé au stationnement supplémentaire à construire sur le terrain de Collé et de la manière dont il sera encadré. Il soulève la question générale de savoir si ce parking sera ouvert à tous les citoyens et à toutes les entreprises de la zone.

Il rappelle que cette zone est destinée à créer et maintenir des emplois, mais reconnaît qu’il est difficile pour la commune d’intervenir dans une vente privée entre deux sociétés. Il suggère de prendre contact avec le nouveau propriétaire pour discuter de ces questions et s’informer sur les activités prévues, notamment si des voitures y seront lavées et si une autorisation est possible à cet endroit.

6. Actes et conventions

ZENIA CHARLÉ (LSAP) précise que le Règlement de circulation et sa modification, qui sera votée aujourd'hui, indiquent comment le parking et les rues seront réglementés dans toute cette zone où de nombreux problèmes existent. Elle explique que cela ne concerne pas seulement la nouvelle entreprise, mais également le grand nombre de véhicules qui y stationnent déjà et qui ne devraient pas s'y trouver.

Elle mentionne qu'un parking est désormais disponible pour les camionnettes, ce qui permettra qu'elles ne stationnent plus dans les rues. Elle souligne que c'est un point très important dans ce règlement pour faire revenir plus de calme dans cette zone.

Zenia Charlé explique que le parking en question est destiné aux personnes qui travaillent dans la zone. Ces personnes pourront louer une place moyennant un paiement mensuel. Elle précise qu'il ne s'agit pas d'un parking pour stationnement temporaire, mais bien d'une solution pour répondre aux besoins spécifiques des travailleurs du secteur.

Cette possibilité sera offerte tant aux employés du CID qu'à ceux de toutes les autres entreprises, avec des tarifs et conditions identiques pour tous.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que le parking était initialement prévu principalement pour les employés du CID, car ils avaient déjà des places sur le toit qu'ils jugeaient insuffisantes. À la suite d'une enquête, la commune a constaté qu'il ne manquait en réalité que cinq ou six places. Ces personnes auront donc priorité pour y louer un emplacement.

Il mentionne que monsieur Collé gèrera lui-même 120 places de stationnement. Un appel sera lancé pour identifier les personnes intéressées par une location mensuelle. Si la demande est insuffisante, la commune envisagera de louer partiellement au mois et de réserver d'autres places pour les visiteurs.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute concernant le nouveau propriétaire des terrains que celui-ci est venu plusieurs fois à la commune pour

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci. Zu den Explikatiounen. Den Här Muller huet et schonn ugedeit, an eisem Verkéiersreglement an an der Modifikatioun, wouriwwer mer haut ofstëmmen, steet dran, wéi de Parking respektiv dass d'Stroosse reglementéiert solle ginn an där ganzer Zon, well do eebe ganz vill Probleemer sinn.

Ech mengen, dat huet net nëmme mat där neier Firma ze dinn, déi dohinner kënnt, mee datt insgesamt schonn extreem vill Autoen do stinn, déi deelweis net do sollte stoen. Well déi Plazen eigentlech net dofir do sinn, fir de Firmen hir Autoen dauerhaft do ofzestellen. Ënner anerem hu mer elo jo fir d'Camionnetten ee Parking do, wou ee sech kann histellen. Dat heescht, dass déi net méi an de Stroosse stinn. Dat ass op jidde Fall ee ganz wichtege Punkt haut an dësem Reglement, fir einfach an där Zon e bësse méi Rou eranzekréien.

Här Ulveling, soll ech eppes soen zu deem Parking, wat mer do wëlles hunn oder? Jiddefalls dee Parking, deen elo och schonn ugeschwat ginn ass, soll sou reglementéiert ginn, dass dee soll op jidde Fall dofir do sinn, dass déi Leit, déi do schaffen, sech d'office kéinten eng Plaz lounen, déi pro Mount soll gelount ginn. Dat heescht een, deen do schafft, bezilt einfach ee monatleche Betrag, fir sech dierfen dohin ze stellen, fir net mussen an der Strooss ze stoen.

Dat soll kee Parking ginn, wou ee sech emol eng hallef Stonn kann histellen, mee wierklech, fir de Besoine vun deene Leit aus där Zon entgéintzekommen. Souwuel fir d'Leit, déi am CID schaffen, wéi och all aner Firma. Et soll jiddwereen déi selwecht Méiglechkeeten an Tariffer kréien. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Komplementar zu deem, wat d'Madamm Charlé elo gesot huet, ass et esou, dass mir de Parking primairement fir eis Leit am CID virgesinn haten, well mer jo do um Daach scho Parkplazen haten a mer gemengt haten, an enger éischer Phas, dat géif net duergoen. Mir stellen awer elo fest, nodeem mer eng Ëmfro gemaach hunn, dass am Fong just eng fënnf oder sechs Parkplazen nach géife feelen. Soudass mer gesot hunn, déi Leit hunn natierlech da prioritär e Recht, do eng Parkplaz ze lounen.

Den Här Collé selwer brauch 20 vun deenen 120 Parkplazen, déi hien och da selwer geréiert. An da muss ee kucken, dass een en Opruff mécht, wien interesséiert ass, dat op de Mount ze lounen. A wa mer der dann net géife genuch fannen oder esou, da kéint ee sech nach ëmmer iwwerleeën, ob een dann net, sou wéi an engem Parkhaus, verschidde Parkplazen op de Mount verlount an anerer opléisst fir d'Visiteuren. Et muss een da kucken, wéi d'Demande ass. An da kënne mer dat esou reglementéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Ech wëll zu deem Ganzen och soen, a Relatioun mat deem neie Proprietär vun deenen Terrainen, dass deen zwee-, dräimol bei eis war op der Gemeng, beim Sekretär a bei mir, wou e säi ganze Projet virgestallt huet. Wou mer an den Detail gaange si mat deem alen Exploitant a mat deem neien Exploitant, wou mer mam Mann geschwat hunn, de Mann eis säi Projet duergeluecht huet a wou mer, an Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Économie, gemeinsam der Meenung waren, dass dat dee richtege Mann wier, fir op déi richtege Plaz ze kommen.

Selbstverständlech behale mir déi Entwécklung do am A. Et ass un eis och schonn erugedroe ginn, dass do méi Autoe wieren, wéi der versprach wieren. Mee mir behalen dat am A. Mir wäerten dat och duerch déi nei Reglementatioun vum Verkéiersreglement, déi d'Madamm Charlé Iech elo pre-

6. Actes et conventions

sentéiert huet, besser an de Grëff kréien.

Ech kann Iech awer op dëser Plaz confirméieren, dass et ee Zoning ass, dee voller Aktivitéit ass an dee ganz aktiv ass. Wat soe wëll: Et si vill Firmaen, déi sech vergréssere wëllen, et si vill Firmaen, déi dann op eemol een Deel wëlle verkafen an esou virun. Net méi spéit wéi gëschter si mer nach gewuer ginn, dass een Exploitant do wär, deen eventuell bereet wär, der Gemeng eppes ofzetrieden an esou virun. Also et ass ee Zoning, deen eis vill Freed mécht, a wou mer vill Aarbechtsplaze kënne sammelen. A wou mer frou sinn, dass esou vill Aktivitéit dran ass.

Natierlech mat deenen Nodeeler, déi dat dann och mat sech bréngt. Dee Zoning wiest da méi séier wéi déi Parkplazen, déi mer zur Verfügung kënne stellen. Mee mer wäerten do um Ball bleiwen, fir de Zoning esou attraktiv wéi méiglech ze halen, fir Nidderkuer an och fir déi Leit, déi do wëlle schaffen. An och vergiesse wäerte mer net, dass mer mussen Arrête maache vun de Busser an esou virun, an d'Mobilité douce och do fuerdere fir déi Leit, déi do schaffen, fir deenen all Méiglechkeet ze bidden.

Dat gesot, wa weider keng Fro méi wier, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de vente entre Serlosam SCI et Car Location du Sud by Jalocar SÀRL, et la convention d'un droit de superficie pour une parcelle de 14,97 a dans la ZAC Haneboesch II à Niederkorn.

Ech soen Iech Merci. Punkt 6b, ee Contrat de réservation, eng Adress, déi eis gutt bekannt ass heibannen, an zwar den ancien Maxim's, deen 78, Avenue du Parc des Sports läit. Ech géif den Här Hartung froen, eis dozou den Detail matzedeele. Här Hartung, wannechgeift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Hei si mer um Site vum fréiere Maxim's. Deen Dossier ass al bekannt, mer haten dee schonn e puermol hei am Gemengerot. Dee steet ganz laang eidel an delabréiert. Elo kréie mer endlech Beweegung dran.

Zur Erënnerung: Um Site sinn zwee Bléck geplangt. Dee lénken als Wunblock mat 18 Appartementer, dee rietsen als Studenteresidenz fir d'LUNEX.

Initial sollt d'Gemeng am rietsen Deel just Studentewunnenge kafen an am lénken Deel dräi Appartementer, en contrepartie fir den Terrain ze kréien, dee mer an den abordable Logement geholl hätten.

Elo ass et esou, datt de Fonds de Logement de Wunblock lénks ganz wëll hunn. Op där anerer Säit ass et esou, datt d'LUNEX weider Formatiounsraum brauch a fir dësen Zweck och un de reschtliche Raimlechkeeten um Rez-de-chaussée an am Keller vun der Studenteresidenz interesséiert ass.

Dohier den Avenant, datt mir amplatz vun den dräi Appartementer am lénke Block, dee ganze Commerce sou wéi d'Espace extérieur an am Sous-sol tauschen.

Zu den Zuelen: Déi dräi Appartementer haten zesummen 211,58 Meterkaree, also eng Kéier 55,54, eng Kéier 77,61 an eng Kéier 78,43 Meterkaree. Am Ganze war e Wäert drop gesat gi vun 1.321.740 Euro.

De Commerce huet eng definéiert Surface vun 290 Meterkaree, besteeënd aus 170 Meterkaree bannen an 361 Meterkaree Terrasse baussen, déi just zu engem Drëttel agerechent goufen. An da kommen nach d'Flächen am Sous-sol dobäi, wou och Formatiounsall virgesi sinn.

Mat dëser Surface louch den initiale Präis vum Commerce däitlech iwwer deem vun den dräi Appartementer. Fir den Tosch gouf dës vum Promoteur no ënnen, op de Präis vun eeben dësen dräi Appartementer, ugepasst, well et och am Promoteur sengem Interêt ass, well esou huet hie fir alles ee Keefer a ka séier ufänken.

présenter son projet en détail. Des discussions ont eu lieu avec l'ancien locataire, l'ancien exploitant et le nouvel exploitant. En collaboration avec le ministère de l'Économie, ils ont convenu que c'était la bonne personne pour cet emplacement.

Guy Altmeisch assure que le collègue échevinal surveille l'évolution de la situation, notamment le nombre de voitures, qui serait plus élevé que prévu. La nouvelle réglementation du Règlement de circulation présentée par madame Charlé permettra de mieux gérer cette situation.

Guy Altmeisch confirme que c'est une zone très active, où de nombreuses entreprises souhaitent s'agrandir ou parfois vendre une partie de leurs locaux. C'est une zone qui apporte satisfaction à la commune et génère beaucoup d'emplois.

Guy Altmeisch reconnaît que cela comporte aussi des inconvénients, notamment une croissance de la zone plus rapide que celle des places de stationnement disponibles. Il affirme que le collègue échevinal restera vigilant pour maintenir la zone attractive.

(Vote)

JERRY HARTUNG (CSV) explique que le dossier de l'ancien « Maxim's » est bien connu et que le site, vide et délabré depuis longtemps, connaît enfin une évolution. Il rappelle que deux blocs sont prévus: le bloc gauche sera un immeuble résidentiel de 18 appartements, et le bloc droit une résidence pour étudiants de la LU:NEX.

Initialement, la commune devait acheter des logements étudiants dans la partie droite et recevoir trois appartements dans la partie gauche en contrepartie du terrain. Cependant, le Fonds du logement souhaite désormais acquérir tout le bloc résidentiel gauche, tandis que LU:NEX a besoin d'espaces de formation supplémentaires et s'intéresse aux locaux du rez-de-chaussée et du sous-sol de la résidence étudiante.

Un avenant prévoit donc que la commune échange les trois appartements contre l'ensemble du com-

6. Actes et conventions

merce, les espaces extérieurs et le sous-sol.

Les trois appartements représentent 211,58 m² pour une valeur de 1 321 740 €, tandis que le commerce a une surface de 290 m², comprenant 170 m² intérieurs et 361 m² de terrasse. Le prix initial du commerce, supérieur à celui des appartements, a été ajusté à la baisse. Cette nouvelle répartition permet au bloc gauche d'appartenir entièrement au Fonds du logement et au bloc droit d'appartenir à la commune, qui le louera à LU:NEX, simplifiant ainsi la gestion en évitant la copropriété.

La résidence étudiante comprendra 54 logements pour 79 étudiants, sur six étages, avec une salle commune, pour environ 13 millions d'euros. Les calculs indiquent une subvention de presque neuf millions d'euros, soit environ 68 %, ce qui est satisfaisant sachant que le maximum de 75 % est difficile à atteindre.

Jerry Hartung explique que la différence de cout restante est principalement due au fait que les chambres sont légèrement plus grandes que ce qui est prévu dans le catalogue de subventions du ministère. Cette partie doit être entièrement prise en charge par la commune. Il précise qu'elle recevra 225 000 € supplémentaires par le biais du Pacte logement 2.0.

LU:NEX sera le preneur et souhaite proposer les logements étudiants à 400 € par mois sans charges pour un étudiant dans un logement individuel. Pour les salles de formation, ils appliqueront le prix courant pour LU:NEX, soit environ 18 €/m².

Jerry Hartung souligne que cela crée un espace scolaire spécialisé permettant à LU:NEX d'élargir son offre, ce qui constitue une plus-value pour Differdange.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) salue la mise en place du projet de logement étudiant dans l'ancien «Maxim's». Il considère comme encourageant de voir enfin un projet qui répond aux besoins importants de logements pour étudiants après des décennies d'attente. Il note que la résidence, qui prévoit 54 chambres pouvant accueillir

Dës nei Opdeelung huet elo dann och dee grouse Virdeel, datt dee lénke Block ganz dem Fonds de Logement gehéiert, wou eeben dës 18 Wunnengen zu engem abordable Präis entstinn. An dee rietse Block ganz der Gemeng gehéiert. Deen integral duerno un d'LUNEX verlount gëtt. Et brauch keen a Kopropriétéiten ze funktionéieren, wat d'Gerance vereinfacht.

Da bleiwen ech elo an der Studenteresidenz, wou mer den Deel Studentewunnengen jo kafen. Do schwätze mer vun insgesamt 54 Wunnengen fir 79 Studenten, op sechs Stäck verdeelt, plus ee grouse Gemeinschaftsraum um Rez-de-chaussée. Fir ee Präis vu ronn 13 Milliounen, Premiers équipements scho mat dran.

25 Wunnengen fir jee zwee Studenten an 29 eenzel Wunnengen. 10 % vun de Wunnengen si PMR-gerecht.

Ons Berechnungen erginn ee Subsid, wou mer sou just ënner néng Milliounen Euro leien, 8.990.000 Euro, wou mer an enger éischter Schätzung vum Ministère esou confirméiert kruten. Dat wäre plus-minus 68 %. Wat jo zimmlech gutt ass, bedenkt een, datt de Maximum vu 75 % schwiereg ze erreechen ass.

D'Differenz, déi iwwreg bleift, ass haaptsächlech, well d'Zëmmere mat knapp iwwer 20 Meterkaree fir en Eenzelzëmmer an e bësse méi wéi 30 Meterkaree fir en Duebelzëmmer, ee Krack méi grouss si wéi dat, wat am Subsidekatalog vum Ministère virgesinn ass. Dës Part muss een dann eeben als Gemeng ganz iwwerhuelen.

Awer nach ze preziséieren, datt mer iwwer de Pacte Logement 2.0 weider 225.000 Euro kréien.

D'LUNEX ass, wéi gesot, Abnehmer. Mir géifen d'Studentewunnengen gäre fir 400 Euro de Mount ouni Chargen, fir ee Student an enger Eenzelwunneng spéider ubidden.

Fir d'Formationssäll wäerte mer herno den normale Marchéspräis fir d'LUNEX applizéieren, dat heescht ronn 18 Euro de Meterkaree.

Hei entsti spezialiséiert Schoulraum, woumat d'LUNEX hir Offer weider

ausbauen a sech spezialiséiere kann, wat eng Plus-value fir de Standuert Déifferdeng bréngt.

Ech bieden Iech, dëse Contrat de réservation matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Aguiar, wannechge-lift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moie vu menger Säit. Merci fir d'Wuert, Här Buergermeesch-ter.

Chers membres vum Schäfferot an dem conseil communal, nous tenons à saluer la mise en place de ce projet de logements d'étudiant dans l'ancien Maxim's.

Il est vrai, comme monsieur Hartung a bien dit, qu'après des décennies sans concrétisation, il est encourageant de voir enfin un projet qui répond à l'important besoin des logements pour les étudiants.

Comme vous l'avez dit, c'est une résidence qui prévoit 54 chambres qui peuvent accueillir 79 étudiants. Elle semble adaptée et le budget annoncé paraît raisonnable et cohérent pour un aménagement de cette envergure.

Un autre aspect positif est la réhabilitation de l'ancien Maxim's, qui devrait apporter un dynamisme au quartier et contribuer à revitaliser la zone.

Les logements d'étudiant sont un atout pour notre Ville. Ils apportent de la vie, favorisent la mixité dans les quartiers, soutiennent le commerce local et répondent aux besoins urgents en ce moment pour les étudiants des universités.

Vous l'avez bien dit, selon l'avis de la Commission des jeunes, les logements seraient exclusivement destinés aux étudiants de la LUNEX.

Ma première question: ne pensez-vous pas qu'il serait mieux d'avoir un

6. Actes et conventions

concept général qui répondrait au besoin de toutes les autres universités qui sont autour ? L'uni.lu, justement, a besoin de logements pour étudiants. La Miami University, la LUNEX... Il y a effectivement un vrai besoin. Au lieu de ne prévoir qu'une seule université avec des aspects dont nous ne sommes pas au courant, ne serait-il pas mieux d'avoir un concept général pour le besoin des étudiants ici au Luxembourg ?

Et puis, sauf erreur de ma part, il me semble que toutes les commissions n'ont pas fait partie de ces discussions-là. Il manque l'avis de la Commission des bâtisses, la Commission des finances, la Commission du vivre ensemble interculturel... Elles n'ont pas été consultées. Pourquoi cette absence de concertation ?

(Diskussionen)

Nee, fir de Maxim's net. Vous pouvez vérifier. Pas pour l'ancien Maxim's. Il y a des avis des commissions en ce qui concerne l'ancien Monopol, mais pas de l'ancien Maxim's.

Il est regrettable que nous nous retrouvions à poser les mêmes questions. Bien que nous soyons d'accord sur la pertinence de ce projet, sa mise en œuvre aurait gagné de vivre une démarche plus cohérente.

En conclusion : naturellement, nous sommes pour ce projet. Nous trouvons vraiment que c'est une bonne chose, que cela répond vraiment au besoin des étudiants. C'est pour nous, déi gréng, également une priorité. Mais nous encourageons le collège échevinal à investir également dans le Housing First et dans les logements d'urgence. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Ech ginn dem Här Hartung direkt d'Wuert, fir Iech dorop ze äntweren. Da sinn am Virfeld scho vill Froen, déi elo nach vläicht kommen, scho beäntwert. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Et ass presentéiert ginn an der Sozialkommissioun an an der Jugendkommissioun. Dat sinn u sech déi Kommissiounen, déi an der éischter Linn domadder befaasst sinn. D'Bautekommissioun – wann ech dat richtig weess, ass d'Baugeneemegung schonn eraus.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hätt och eppes dozou ze soen. Ech wollt keng Erklärung ofginn. Mee ech froe mech, et sinn nach aner Leit, déi schwätzen, ob mer net sollten d'Konklusiounen herno zéien, wa se alleguer geschwat hunn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat kënne mer och maachen. Ech hu geduecht, mam Här Hartung senger Äntwert wiere verschidde Froe scho beäntwert.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hunn do och eppes dozou ze soen. Mir kënnen awer esou virufueren. Dat ass kee Problem.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Hartung, da fuert emol virun.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Dat anert, ech mengen, Dir schwätzt do een anere Projet un, dee beim nächste Punkt kënnt, de Monopol. Do ass effektiv d'Commission du vivre-ensemble, déi mer elo hei eeben net hunn, well mer d'Sozialkommissioun hei ëm en Avis gefrot hunn. Beim Monopol ass jo wierklech d'Situatioun, datt mer herno do plangen, mat dräi verschiddenen Unien a mam Quartier zesummenzeschaffen. Hei ass et effektiv just

179 étudiants, semble adaptée, et que le budget annoncé paraît raisonnable pour un aménagement de cette envergure.

Il estime que la réhabilitation de l'ancien « Maxim's » devrait dynamiser le quartier. Il souligne que les logements étudiants sont un atout pour la ville, car ils apportent de la vie, favorisent la mixité dans les quartiers, soutiennent le commerce local et répondent à des besoins urgents.

Il pose une première question concernant le fait que les logements seraient exclusivement destinés aux étudiants de LU:NEX et demande s'il ne serait pas préférable d'avoir un concept général qui répondrait aux besoins de toutes les universités environnantes, comme Uni.lu et la Miami University.

Il relève également que toutes les commissions n'ont pas été consultées et demande pourquoi cette absence de concertation.

(Interruption)

Paulo Aguiar précise que l'ancien « Maxim's » n'a pas fait l'objet d'avis des commissions, contrairement à l'ancien « Monopol ». Il trouve regrettable que les conseillers communaux se retrouvent à poser les mêmes questions.

En conclusion, Paulo Aguiar affirme que son parti soutient ce projet, qui répond aux besoins des étudiants, mais encourage également le collège échevinal à investir dans le « Housing First » et dans des logements d'urgence.

JERRY HARTUNG (CSV) explique que le projet a été présenté à la Commission sociale et à la Commission de la jeunesse, qui sont les commissions concernées en premier lieu. Concernant la Commission des bâtisses, il commence à dire que le permis de construire est déjà délivré, mais s'interrompt pour vérifier.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) confirme qu'un permis est délivré.

ERNY MULLER (LSAP) souhaite intervenir.

GUY ALTMEISCH (LSAP) demande à monsieur Hartung de poursuivre.

6. Actes et conventions

JERRY HARTUNG (CSV) précise qu'un autre projet concernant « Monopol » sera discuté au point suivant. Pour ce projet-là, le collège échevinal prévoit de collaborer avec trois universités différentes.

Pour le projet actuel LU:NEX, la commune s'est concentrée sur l'impact social dans le voisinage.

Jerry Hartung explique que la Commission des finances sera consultée plus tard quand la commune aura des données financières précises.

Il souligne la nécessité d'établir une cohérence tarifaire pour les différents logements étudiants développés par la commune. Il affirme que les prix doivent être similaires ou du moins logiquement justifiables entre les différentes unités comme « Monopol » et « Maxim's », contrairement au marché privé où les prix peuvent fortement varier.

Il informe que le collège échevinal a déjà entamé des discussions avec LU:NEX et l'Université de Miami concernant l'organisation future. Il ajoute qu'il faudra réfléchir à comment garder les étudiants à Differdange en leur offrant des commerces adaptés.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute que le projet au parc des Sports est lié à un plan d'aménagement particulier. Les modifications de ce PAP ont été examinées par la Commission des bâtisses. Il exprime sa satisfaction de voir le projet avancer après dix ans d'inactivité.

Il souligne l'importance de coordonner ce projet avec la rénovation de la piscine extérieure située à proximité pour éviter des nuisances supplémentaires aux riverains si les travaux ne sont pas réalisés simultanément.

ERIC CILLIEN (DP) remercie le bourgmestre pour les explications fournies et félicite l'équipe pour ce projet qu'il juge bon et nécessaire. Il annonce que son groupe votera en faveur du projet.

d'LUNEX selwer, dofir ass méi den Impakt an der Noperschaft, eeben um Sozialen, wou mer gesinn hunn.

D'Finanzkommissioun wollt mer zu engem spéideren Zäitpunkt consultéieren, wa mer genee Donnéeën vun de Finanzen hunn. An ech mengen, do kënnt dann och dat, wat Der ugeschwat hutt, Här Aguiar, de Concept général fir d'Studenten.

Mer schafen elo hei op verschiddene Plaze Studentewunnengen. Do musse mer herno eng präislech Kohärenz era kréien, datt mer déi verschidden Unitéiten d'selwecht handhaben.

Et ka jo net sinn, datt wann ee Student vun der LUNEX eppes lount, awou d'Gemeng Proprietär ass – mir geréieren et jo net selwer –, da sollen d'Präisser zimmlech kohärent sinn. Dat zum Beispill am Monopol an hei beim Maxim's d'Präisser herno änlech sinn, oder op d'mannst logesch novollzéierbar sinn, an net wéi um private Marché, wou dat wierklech heiansdo ganz derapéiert.

D'Concept général, dat ass dat, wat och aus den Avisen ervirgeet, och beim Monopol, wann ech deem ka virgräifen. Dat ass effektiv eppes, wa mer déi Studentewunnenge schafen, musse mer dat natierlech herno op de Leescht huelen. Mee als Éischt musse mer mol d'Studentewunnenge schafen. Dat hält jo och e puer Joer Zäit, bis déi gebaut sinn.

An da sëtze mer eis natierlech och zesummen, respektiv hu mer eis scho mat der LUNEX a mat der Miami University zesummegesat, fir driwwer ze schwätzen, wéi dat kéint ausgesinn.

Natierlech muss dat alles herno gekuckt ginn, wat Sënn mécht, och punkto Commerce zu Déifferdeng. Ech mengen, et ass och evident, wa mir Studentewunnenge schafen, datt mer och herno musse kucken, déi Studenten hei zu Déifferdeng ze behalen, datt si hei Offere fannen. Mee do musse mer dann och éischter an der Geschäftswelt kucken. Dat ass jo elo net Sujet vun de Studentewunnengen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Ech wollt zousätzlech dozou nach soen, dee Projet an der Parc des Sports, do hängt jo och ee PAP drun. Déi Modifikatiounen um PAP sinn allkéiers duerch d'Bautekommissioun gaangen an déi si mat den Avisa vun der Bautekommissioun zréckkomm, soss wiere mer net op deem Punkt, wou mer haut sinn.

Mee mer sinn awer elo frou, dass mer dee Projet lasskréien, wann ech bedenken, dass zéng Joer iwwerhaupt näischt do geschitt ass. Dofir si mer frou, dass mer dat awer elo entaméiert kréien, an dass mer och sou virun der Dier stinn, dass mer dee Projet an d'Renovatioun an deem nächste Punkt kënnen attackéiere mat eiser oppener Schwämm, déi hannendru läit.

Dass mer wëssen, wann dee Chantier do ugeet, dass et da schwéier gëtt, wa mer net vun deem Chantier profitéieren, fir anengems déi oppe Schwämm ze renovéieren. Well dat ass dee leschten Accès, dee mer kréien zu der Haaptstrooss. Soss musse mer herno de Ramppli eropfuere mat Camionen an d'Leit nach eng Kéier belastsche mat nach eng Kéier Camionen, déi do rullen, fir d'Terrassementer respektiv d'Renovatiounen do ze maachen. Dofir ass et eis wichteg, dass mer an deem Dossier do virukommen.

Den Här Cillien freet d'Wuert. Här Cillien, wannech gelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Villmools merci fir d'Explicatiounen, wou effektiv elo schonn dat meescht gekläert ass. Mir felicitéiere fir dee Projet, dee gutt ass an deem och gebraucht gëtt. Dee wäerte mer natierlech matstëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Den Här Diderich.

6. Actes et conventions

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass schwéier, fir iwwert dee Projet ze schwätzen, ouni och vun der Virgeschicht ze schwätzen: dass mir deen Terrain do haten, deen Terrain 2021 am September un d'Immobilière BEI verkaf hunn an elo, am Endeffekt, dann an enger VEFA deen Terrain zrëckkafen an awer elo an d'Abordabilitéit bréngen. Natierlech ass dat net onbedéngt en Nullsummen-Geschäft. Ech mengen, eng Immobilière ass kee Wueltätegekeetsveräin a mécht do hir Marge, soss hätt se elo net véier, fénnef Joer an dee Projet investéiert.

Dat heescht et ass ee vun den etleche Projeten, wou mer d'Päerd e bësse vun hannen opgezunn hunn. Mee dat hate mer jo schonn hei am Gemengerot diskutéiert, an do si mer eis, mengen ech – hoffentlech – eens, dass mer dat an Zukunft net méi esou maachen.

Dat gesi mer dann, ënner anerem, bei Projete wéi dem Baurenhaff „Lommel“, wou ech mol wollt nofroen, ob do iergendwann eng Kéier eppes nach wäert geschéien. Well ech ka mech erënneren, virun de Walen huet d'LSAP nach d'Press geruff, fir ze soen, hei geschitt näischt, hei geschitt näischt. Zanter d'LSAP am Schäfferot ass, hunn ech elo net vill méi dovunner héieren, wéi et do weidergeet.

Mee dat gesot, hu mer hei awer méi ee positivt Beispill, dass et awer elo mol weidergeet, no deem Trauerspill, dass de Maxim's éiweg eidel stoung a vill ze laang. Nodeems en Apart/Hotel sollt doraus gemaach ginn, gëtt alles op d'Kopp gehäit – well dat warscheinlech elo kommerziell och net méi interessant genuch ass fir de Promoteur –, a gi mer elo dee ganze Projet an d'Abordabilitéit.

Ronn d'Hallschent dovunner Studentewunnengen. Wou een nach ka positiv umierken, dass een Deel, wann ech mech net an de Pläng geiert hunn, op d'mannst fénnef Zëmmere PMR-gerecht sinn. Deen aneren Deel geet ganz un de Fonds du Logement.

Ech hunn elo aus deenen Erklärungen, déi ech hei kritt hunn, an net an enger Kommissioun onbedéngt kritt hunn, elo verstane, firwat mer op eemol e Local commercial géint dräi Wunnen-

gen tauschen. Well ouni déi Erklärungen hätt ech geduecht: Wat soll dat? Mee ech mengen, et mécht Sënn, dass de Fonds du Logement dee ganze lénken Deel iwwerhëlt. An dat ass jo dann och abordabele Wunraum.

Ob mir elo primär do e Local commercial brauchen, sief dohigestallt, mee ech hu verstane, dass et einfach och drëm geet, elo endlech do weiderzekommen an dat eng vun deene Léisungen ass.

A mir sollten déi Geleeënheet notzen, dann och ze beaflossen, wat mer do maache fir de lokale Commerce. Uewerkuer ass jo awer zimmlech ausgestuerwen, wat d'lokal Commercen ugeet. Dat solle mer da kënnen och beaflossen.

Ech mengen, mir kommen elo hei bei de Präisser op ee Punkt, wou mer nach ëmmer déi 75 % Subside vum Staat kréien. Dat ass okay. Dat kënnen mer verkraaften, trotz deene Margen, déi fir de Promoteur mat dra sinn. Déi sinn natierlech mat dran, soss géif en dat och net maachen.

Wat natierlech am Moment feelt, an dat huet d'Logementskommissioun jo ugemierkt, dat ass e Konzept fir déi jonk Leit, déi da jo méi staark an där Uertschaft present si wäerten. Ech erënneren drun, dass op deem Eck weider schonn eng Studenteresidence ass, dass mer do mol ee Konzept brauchen, wéi mer déi Leit abannen. Well ech mengen, et ass eng Chance och, fir Déifferdeng op jidde Fall. Mir ginn ëmmer méi eng Studentestad a mir verstärken deen Effet, wa mer de Leit och d'Méiglechkeet ginn, hei sur place ze wunnen. An de Public vun de Studenten ass och ganz divers.

An ech muss och soen, ech sinn net an allen Hisiichte glécklech mat enger LUNEX-Uni, well d'Käschten awer wierklech ganz héich sinn. An zum Deel och do Situatiounen entstinn, fir d'Studenten, déi ganz, ganz, ganz prekär sinn. Wou zum Deel Studenten am Fong net all d'Prerequisiten hunn, fir déi Studien ze maachen, a sech quasi do akafen. An d'Uni dat eeben och matmécht. An dann no e puer Méint hänke se do ouni Wunneng, se kommen net wierklech weider an de Studien, se verléieren hir Openthaltsgeneemegung. An da strande se souzesoen hei zu Lëtzebu-

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) évoque l'histoire du projet, rappelant que le terrain a été vendu à l'« Immobilière Bei » en septembre 2021 et que la commune le rachète maintenant en VEFA pour le rendre abordable. Il souligne que ce n'est pas une opération financièrement neutre, car l'immobilière prend sa marge. Il considère que c'est l'un des nombreux projets, où les choses ont été faites « à l'envers » et espère qu'à l'avenir, on ne procèdera plus ainsi.

Il s'interroge sur l'évolution du projet de la ferme Lommel, notant que le LSAP avait critiqué l'inaction avant les élections. Il voit néanmoins ce projet comme un exemple positif après la longue période, où le « Maxim's » est resté vide.

Il note qu'environ la moitié du projet sera consacrée aux logements étudiants, dont certains adaptés aux personnes à mobilité réduite, et que l'autre partie ira au Fonds du logement. Il comprend maintenant pourquoi un local commercial est échangé contre trois logements et remarque que le quartier d'Oberkorn manque de commerces locaux.

Il conclut que les prix restent dans une fourchette permettant d'obtenir 75 % de subventions de l'État, ce qui est acceptable malgré les marges du promoteur.

Gary Diderich constate qu'il manque actuellement un concept pour les jeunes qui seront présents dans le quartier, rappelant qu'une résidence étudiante existe déjà dans ce secteur. Il souligne que Differdange devient de plus en plus une ville étudiante, ce qui représente une opportunité.

Il exprime ses préoccupations concernant l'université LU:NEX, dont les coûts très élevés créent des situations précaires pour certains étudiants, qui n'ont pas tous les prérequis.

6. Actes et conventions

Ces étudiants se retrouvent parfois après quelques mois sans logement, sans progression dans leurs études et sans autorisation de séjour. Il estime que l'aspect commercial de l'université contribue à ces situations problématiques.

Il mentionne avoir rencontré des personnes bien intentionnées travaillant à l'université, notamment dans le cadre du Pacte communal pour le vivre-ensemble interculturel, et suggère un partenariat étroit avec elles.

Concernant l'aspect VEFA du projet, il regrette que le guide pour la construction durable de la commune ne soit pas respecté. Il critique les matériaux prévus, notamment une façade en polystyrène avec fongicide, qui sera lessivé dans les eaux usées, et pour laquelle le cahier des charges n'offre aucune garantie contre le verdissement ou les fissures. Il mentionne des alternatives durables, comme la fibre de bois, le liège ou le chanvre.

Il conclut en notant positivement la création de logements abordables, mais espère pouvoir intervenir dans le cahier des charges.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *corrige monsieur Diderich en précisant que la commune n'a pas conclu de contrat avec « Bei », mais qu'il s'agit d'un contrat de vente entre deux sociétés SARL. Il affirme que le contrat concernant « Maxim's » ne concernait plus la commune.*

Il répond également à une critique sur le commerce à Oberkorn, soulignant que l'arrivée de 50 à 55 étudiants et la création de 18 appartements à prix acceptable constituent déjà une contribution significative pour les commerces locaux.

erg. Ech mengen, dat ass keng glécklech Situatioun. An do mierkt een, dass de kommerziellen Aspekt vun där Uni och mat esou Situatiounen provoziert. An ech mengen, domadder solle mir eis beschäftigen.

Ech hu scho Leit kennegeléiert, déi op der Uni schaffen, déi ganz gudder Dëng sinn. Och am Kader vum Gemengepakt fir interkulturellt Zesummeliewen ass eng Stell do, déi sech ëm d'Unisliewe këmmert. Ech mengen, mat deene sollt ee ganz staark zesummeschaffen. An et sollt een och dat dote Phänömen thematiséieren. Well dat ass awer mam Liewe vu jonke Mënsche gespillt. An do muss een als Institutioun wéi eng Uni awer och seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Da kommen ech op een aneren Aspekt vun där heite VEFA. VEFA ass jo eng Acquisitioun um Pabeier souzesoen. An do gëtt et ee Cahier de charges, wéi de Bau stattdanne soll. An do wollt ech awer bedauern, dass de Leitfaden iwwer d'nohaltge Bauen, deen d'Gemeng Déifferdeng huet, hei net zum Spille kënnt.

An deem Leitfaden steet ganz kloer, dass Baumaterialien, Bodenbeläge, Mobiliar a Faarwen, déi a Kontakt si mat de Leit, keng Weichmacher, Formaldehyd a sonsteg Gëftstoffer beinhalten sollen. A se sollen aus nowuessenden an nohaltge Baustoffer sinn.

Hei kënnt eng Fassad, fir et vereinfacht ze soen, aus Styropor drop, kënnt Botz drop, da gëtt ee Fungizid drop gesprézt, deen a fënnel Joer ganz an eist Ofwaasser ofgespullt gëtt, da gëtt déi Fassad gréng. An an deem Cahier de charges steet explizit dran, dass dofir keng Garantie iwwerholl gëtt.

Dat ass ee Passage an deem Cahier de charges, ech weess net ob Der e geliest hutt, mee mir ënnerschreien do eppes, wat beseet, wa Rëss an där Fassad entstinn a wann déi Fassad gréng gëtt, dann ass et eeben esou, dann huet Der dat esou a Kaf. Dat muss ech awer wierklech a Fro stellen, ob mer dat esou wëlle maachen. Schéi gëtt dat net fir deen Eck. Gutt fir eist Ofwaasser ass et och net.

Mir schwätzen haut, an engem anere Punkt, nach iwwer Ofwaasser. Do gëtt

och driwwer geschwat, wéi vill Responsabilitéit mer do sollen iwwerhuele fir eist Ofwaasser an esou weider an esou fort. An da maache mer esou eppes.

An zousätzlech zu dem Styropor gëtt dann nach Steewoll benotzt. Dat ass elo manner problematesch, mee dat léist d'Fro vum Botz net an dat ass keen nowuessende Rohstoff. Holzfaser, Kork, Hanf – et gëtt X Materialien, déi ee benotze kéint. Aus der Belsch kritt ee souguer Gras, wat zu Cellulose als Isolatiounsmaterial benotzt gëtt. Also do sinn ech dann awer enttäuscht, dass mer eise Leitfaden do wierklech net seriö huelen.

Dat zum baulechen Deel vun deem Projekt.

Positiv ze bewäerten ass, dass mer vill bezuelbare Wunnraum schafen. An ech hoffen, dass mer punkto Cahier de charges nach intervenéiere kënnen an do nach aner Léisunge fanne kënnen mam Promoteur. Do waarden ech dann op Är Äntwert, fir ze kucken, wéi ech mech do weider positionéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Ech muss Iech awer direkt soen, dass Der iwwer verschidde Punkte falsch informéiert sidd. Deen éischte Punkt, dat war Ären éischte Saz, dee war scho falsch. Et ass net, dass d'Gemeng dee Kontrakt gemaach huet mam Här Bei, wéi Der en zitéiert. Mee dat ass ee Contrat de vente, deen tëschent zwou Firmaen, zwou SARL stattfonnt huet.

De Contrat vum Maxim's huet also net méi d'Gemeng concernéiert, mee zwou verschidde Firmaen. Mat deem Contrat de vente hate mir näischt ze dinn. Et ass d'Firma, déi schlussendlech de Contrat de vente – nee, do war d'Gemeng net implizéiert, Här Aguiar.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Ech hunn näischt gesot.

(Gelaachs)

6. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee, ech kucken Äert d'Kappreselen. Wann Der esou mam Kapp hin an hier fuert, weess ech genau, dass Der net zefridde sidd mat deem, wat ech soen. Well dat ass esou an dat anert ass esou. Do weess ech awer nach den Ënnerscheid, och wann de Brëll heiansdo verrutscht.

Mee dat éischt war schonn eng Falsch- ausso. An déi zweet Ausso, déi Der maacht, mir misste méi maache fir de Commerce vun Uewerkuer. Wann ech kucken, dass mer 50-55 Studenten dohinner kréien, an 18 Appartementer do schafen zu engem akzeptabele Präis, dann hu mer scho vill gemaach, fir d'Plus-value vun de Commerce vun Uewerkuer. Ech mengen, dat bréngt de Leit jo dann och eppes.

Zum Lommelshaff, do géif ech d'Wuert dem Här Wagner ginn, dee kann eis genau soen, wéi wäit mer do sinn. Well et ass net esou, dass d'LSAP elo am Wanterschlof ass, mee d'LSAP schafft, och wann Der et net am Alldag gesitt oder net um Haff selwer gesitt, dass do Transformatiounen geschéien. Mee do geschéien Transformatiounen. A mir sinn och ganz no drun, fir Iech déi virzestellen. Mer kënnen och net alles matenee maachen. Mee mir sinn amgaangen, vill verlueren Zäit vu vir- drun opzehuelen.

Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt just e bësse kloerstellen: Effektiv sinn Aarbechten um Lommelshaff an der Preparatioun. Aarbechten, fir den Haff adequat ze notze respektiv gutt ze notzen. An der Schoulkommissioun hunn ech dat och schonn erwänt, dass effektiv een Deel wäert fir den CST, de Centre socio-thérapeutique sinn an een aneren Deel fir de CTSA, dat heescht fir Jonker am Spektrum vum Autismus.

Dat heescht, mir schaffen do ganz enk mam Educationnsministère zesummen. Mir haten och schonn eng etlech Reuniounen. Mir hunn och scho Pläng presentéiert kritt, wéi dat ausgesi kéint. En temps utile wäerte mer Iech natier-

lech doriwwer informéieren, soubal mer do méi accouchéiere kënnen.

Nee, mir sinn net am Wanterschlof, wéi den Här Buergermeeschter seet, mir hunn doru geschafft. An ech denken, mir hu gutt dru geschafft. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech kommen erëm op de Projet zréck vun dem, ech nennen et emol einfach Studentenhotel, fréiere Maxim's, een Deel dervun. An ech muss soen, ech sinn de Spriecher vun der LSAP, ech wëll awer e bësse meng perséinlech Erfahrung nach mat erabréngen an dee Projet, deen esou laang schonn op der Waardelëscht ass. Ech hunn déi verschidden Etappe matgemaach, wéi och den Här Diderich. Duerfir huet hien och vläicht e bësse méi ee Wäitbléck dorop oder ee Réckbléck dorop.

Fir d'éischt emol wëll ech soen, als Representant vun der LSAP, dass mer wirklech elo zefridde sinn, dass mer virukommen domat an dass dee Projet konkret Realitéit gëtt.

Och dass mer dat no bei der LUNEX maachen, wou ee grouse Besoin ass. Dir erënnert Iech vläicht, wéi d'LUNEX ugetrueden ass, hat se schonn ee Projet op eegenen Terrain, wou si jo e Bail emphytéotique drop hunn, wou dann ee PAP ausgeschafft ginn ass a wou sollt um Terrain direkt virun der LUNEX esou ee Studentenhotel gebaut ginn.

Dat war eng vun hiren Iddien, direkt am Ufank, wéi se komm sinn. An ech mengen, dat ass och, firwat een Deel vun deem Bau, dee mer da kafen, am Projet, wéi en elo eeben ass, elo esou gemaach gëtt.

Meng Fro derzou ass déi, an ech mengen dat schéngt mer evident, dat ass jo och vu Säite vum Schäfferot komplett mat der LUNEX esou diskutéiert ginn, mech wonneren e bëssen déi Duebelzëmmeren. Duebelzëmmeren hunn natierlech och Virdeeler. Ech mengen,

Concernant le Lommelshaff, il indique que le LSAP travaille activement même si cela n'est pas visible au quotidien, et passe la parole à monsieur Wagner pour plus de détails.

THIERRY WAGNER (LSAP) précise que des travaux sont en préparation au Lommelshaff pour une utilisation adéquate du site. Il a déjà mentionné dans la Commission scolaire qu'une partie sera destinée au Centre de compétences et une autre au CTSA pour les jeunes du spectre autistique.

La commune travaille en étroite collaboration avec le ministère de l'Éducation, a déjà eu plusieurs réunions et a reçu des plans. Le collège échevinal informera le conseil communal dès qu'il pourra en dire plus.

ERNY MULLER (LSAP) revient au projet qu'il nomme « hôtel pour étudiants », anciennement « Maxim's ». Il parle en tant que porte-parole du LSAP, mais souhaite aussi apporter son expérience personnelle sur ce projet, qui est sur liste d'attente depuis longtemps.

Il affirme que le LSAP est satisfait que le projet avance et devienne une réalité concrète, appréciant également que cela se fasse près de LU:NEX, où il existe un grand besoin.

Erny Muller rappelle que LU:NEX avait initialement un projet sur son propre terrain, avec un bail emphytéotique, pour lequel un PAP avait été développé et où un hôtel pour étudiants devait être construit directement devant LU:NEX. C'était une de leurs idées dès le début.

Il s'interroge sur la présence de chambres doubles dans le projet, tout en reconnaissant leurs avantages économiques, puisqu'elles permettent d'avoir une salle de bain et une kitchenette pour deux personnes au lieu d'une.

6. Actes et conventions

Bien entendu, il existe un véritable besoin en logements pour étudiants, que ce soit de la LU:NEX ou de la Miami University. Mais il faut d'ores et déjà réfléchir à la question de la gérance. Si Erny Muller a bien compris, la commune entend signer une convention avec la LU:NEX pour cette gérance.

Il souligne commence celle-ci devient complexe lorsqu'elle concerne différentes universités en raison du va-et-vient constant des étudiants. Il suppose que c'est pour cette raison que l'Université du Luxembourg réserve ses résidences uniquement à ses propres étudiants.

Concernant le projet actuel, il demande des précisions sur l'usage du rez-de-chaussée, s'interrogeant si les espaces prévus serviront à la restauration comme initialement envisagé par LU:NEX ou s'il s'agira de salles de formation comme mentionné précédemment.

Erny Muller note que le projet n'est pas passé par la Commission des bâtisses et que le permis de construire n'a pas encore été accordé. Il ne sait pas si le projet a été analysé dans ses moindres détails. Il s'inquiète du fait que toute modification requise ultérieurement pour se conformer au Règlement des bâtiments ou au PAP/PAG ne devrait pas entraîner de supplément de prix.

Il mentionne avoir appris que la résidence voisine sera cédée au Fonds du logement. Dans ce contexte, il suggère une révision des projets précédemment planifiés à cet endroit.

(Interruption)

Si ces projets ont été abandonnés, Erny Muller estime qu'il faudrait les supprimer du PAG et d'éventuels PAP. Car afin de développer un lieu de rencontre moderne, adapté aux besoins de la population, il sera nécessaire de reclasser le site.

La même chose est vraie pour la place en face de LU:NEX, où la construction d'une tour était prévue. Il faudrait corriger le PAP, car un tel bâtiment ne s'intégrerait pas dans les environs.

dat ass käschtepunktméisseg méi interessant an och vum Bau hier. Dir braucht dee Moment ee Buedzëmmer an eng Kichenzell fir zwou Persounen, op där anerer Sait huet dat eng Persoun. Ech ginn dervun aus, dass dat beschwat ginn ass.

An dann ass elo oft gesot ginn, bei aneren Universitëiten, sief dat d'LUNEX oder d'Miami oder wat och ëmmer, ass och ee Besoin do. Richteg! Mee et muss een och kucken, wéi een dat herno geréiert. Dat heescht, do spillt d'Gerance vun deem Ganzen eng Roll. An do fänkt et u komplizéiert ze ginn. Zum Beispill, wann ech dat richteg verstinn, gëtt hei eng Konventioun gemaach mat der LUNEX, an dann ass d'LUNEX zoustänneg herno fir d'Gerance, fir de Va-et-vient ze kucken.

Wou bei Studente jo ëmmer ee grouse Problem ass. E Student bleift eng begrenzten Zäit, da kënnt erëm een aneren eran. Dat heescht, et sinn ëmmer erëm Studenten, déi nei ukommen an ëmmer erëm Studenten, déi fort ginn. Dat ass eng speziell Gerance. An dat gëtt vläicht e wéineg komplex, wann een dat mécht fir verschidden Universitëiten. Duerfir huet och d'Uni Lëtzebuerg hir Residenzen ëmmer nëmme fir d'Uni Lëtzebuerg, keen aneren ass do derbäi. Ech huelen un, dass dat aus deem Grond ass, well d'Gerance méi einfach ass.

Zum Projet selwer. Ech hunn eng Fro un den Här Hartung. Hien hat gesot am Ufank, an op de Pläng hunn ech gesinn, do wär e Restaurant respektiv eng Lobby. Dir hutt geschwat vu Formatiounssäll. Dat heescht, hei op der Plaz wär elo keng Restauratioun? Well ee Moment war do ugeduecht, dass d'LUNEX sot, mir missten eng Mensa oder eppes an deem Sënn do maache fir d'Studenten. Dat wär dann net hei? Hei wäeren elo um Rez-de-chaussée herno Formatiounen. Ass dat esou?

Dann dat nächst: De Projet war net an der Bautekommissioun. Mir zwee sinn an der Bautekommissioun, den Här Diderich an ech selwer, an do war en net. Mee et ass awer esou, mir hunn nach keng Baugeneemegung ginn. De Projet ass zwar ganz ausgestallt, mee de Buergermeeschter huet nach keng Baugeneemegung ginn. An d'Baugeneemegung, ech weess net, ob den Dossier elo

am leschten Detail esou ënnersicht ass, dass deen an alle Punkten och deem entsprécht. Dat ass dee kleng Risiko.

Ech mengen, wann ee fäerdeg keeft, wéi mir hei, da muss ee jo awer sécher sinn, dass dat kann de Fall sinn. Oder wann eng Ännerung misst kommen, bedéngt duerch de PAP oder d'Bautereglement, dann däerf dat op jidde Fall kee Supplement sinn am Präis herno, well et muss jo konform sinn zum Bautereglement an zum PAG/PAP.

Deen zweete Punkt, déi Residence niewendrun, dat hunn ech och haut fir d'éischt héieren, dass déi global un de Fonds de Logement géif iwwergoen. Dat heescht, mir hu guer näischt domadder ze dinn. Dee Projet gëtt weider verkaf un de Fonds de Logement.

Ech wëll awer dozou eppes soen. Op der Place Jehan Steichen war ee Projet geplangt mat dem Fonds de Logement zesummen. Ech mengen, wann awer elo de Fonds de Logement hei optrëtt um Terrain vum fréiere Maxim's, da misst ee sech awer Gedanken maachen, dass mer eng Revisioun maache vun deene Projeten, déi schonn eng Kéier do geplangt wäeren an déi definitiv ...

(Ënnerbriechung)

Oder wa se gestuerwe sinn, dass se dann och net méi figuréieren an engem PAG an an engem PAP. Dat heescht, dass mer déi Plaz och erëm ëmklasséieren, zu deem, wat mer wëllen domadder maachen. Wa mer do eng flott innerstädtesch Plaz wëlle maachen, wéi dat haut üblech ass, mat Begréngung an esou weider, ee Lieu de rencontre fir d'Populatioun, da sollt mer dat och esou maachen a se och esou effektiv klasséieren.

Dat selwecht fir déi Plaz virun der LUNEX, wou dat héicht Gebai, fir et emol einfach esou ze nennen, virgesi war. Wat guer net an de Quartier wierklech gepasst huet an net am Interêt vun der Populatioun war. Dass mer och do eng Korrektur géife maache vun deem PAP. Dat wär eng Suggestioun, déi ech un de Schäfferot hätt, dass mer dat alles op een Niveau bréngen, dass déi Projeten, déi do elo entsinn, harmoniséieren.

6. Actes et conventions

Zum Zäitpunkt vun der Realisatioun: Ech mengen, et soll elo sou séier wéi méiglech ugoen. Dat ass d'Zil. Da géifen déi zwee Gebaier parallel gebaut ginn. Mee dat misst awer net sinn. Mir kéinten am Fong mat deem engen ufänken, an dat anert kéint dann einfach niewendru gebaut ginn.

Vu dass et elo de Fonds de Logement ass, ass dee Problem net méi. Wann dat privat gewiescht wär, dann hätt ee vläicht Versuch kritt, well dann och ëmmer gekuckt gëtt, wéi vill Appartements scho verkaf sinn a wéi vill nach net. Heiansdo dauert dat dann, zemools an enger Zäit, wéi mer elo sinn. Mee wann dat esou ass, mam Fonds de Logement, déi Kontrakter si kloer, da kéint dee gesamte Bau, déi zwou Residenzen, praktesch parallel an esou schnell wéi méiglech gebaut ginn.

Woumat ech awer nach ee kleng Problem hunn, well mer dat och ëmmer verteidegt hunn, säit zéng Joer, géif ech bal soen, als LSAP, dat ass dat Hotel, dat sollt op déi Plaz kommen. Mir hu wierklech ee Sënn gesinn an deem Hotel. An nach haut gesinn ech perséinlech och am Kader vun der ekonomescher Entwécklung vun eiser Stad, d'Wichtigkeet vun engem Hotel. Et misst net op där Plaz sinn, mee op där Plaz wär et awer ganz gutt.

Do hate mer jo gesot kritt, eventuell wär do Vert Marine interesséiert, fir do en Hotel ze bauen an d'Noperschaft vun der Schwämm.

(Ënnerbriechung)

Wann dat leeft, dann ass dat jo ganz gutt. Mee ech mengen awer, et wär net schlecht, an dat wollt ech dem Schäfferot mat op de Wee ginn, fir do och méi konkret ze ginn. Och wann elo Vert Marine do net méi géif dat wëllen – oder mir kënnen och zéng Joer vun eppes schwätzen an et awer net kréien –, dass mer vläicht géife probéieren, Tatsaachen ze schafen, andeem mer ganz genee d'Plaz definéieren. Dass mer géife soen, déi Plaz stelle mer zur Verfügung fir esou ee Projet. Dann hätte mer, änlech wéi beim City Parking, d'Méiglechkeet, dat méi an enger gewësser Form auszeschreiwen. Oder awer et bleift ee beim Partner Vert Marine, wou ech perséinlech och

näischt dogéint hunn, mee da muss et awer konkret ginn.

Ech wollt drop hiweisen, dass awer d'Wichtigkeet vun engem Hotel nach ëmmer besteet.

Mir stëmmen dee Projet op jidde Fall mat. Wa mer op déi aner zrëckkommen, da wollt ech dozou och nach Stellung huelen, zu der Approche vun der Diversitéit vun de Wunnengen. Dat géif ech da beim Monopol soen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen, nodeems den Här Hartung eis déi gutt Erklärungen ginn huet, wäert ech mech kuerz faassen. Mir als CSV gesinn de Bau vun deene 54 Studentenzëmmeren oder Hotelszëmmeren, wéi den Här Muller et mengt, positiv.

Mir gesinn dat positiv, well et schéngt sech opzeweisen, dass d'LUNEX soll heihinner kommen, well ech mengen, et läit op der Dier. Natierlech ass et richtig, et ass gesot ginn, dass vill Studentewunnengen gebraucht ginn. Et si vill Jonker, déi op der Sich sinn, fir ënnerdaach ze kommen, wa se studéiere kommen. An hei solle mer och um Ball bleiwen.

Wat awer och gutt ass, dass déi zwee Gebaier esou opgedeelt ginn, dass se kënne vunenee kënne geréiert ginn, wat och alles wäert e bësse méi einfach maachen.

Natierlech wäerte mir mat Jo stëmmen. Mir si frou, dass dee Projet elo virukënnt. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Den Här Diderich, nach eng Kéier.

Quant au calendrier de réalisation, Erny Muller indique que les deux bâtiments pourraient être construits en parallèle, ce qui est facilité par l'implication du Fonds du logement. S'il s'agissait d'un projet privé, des retards auraient été inévitables à cause des conditions supplémentaires. Mais dans ce cas-ci, le chantier pourra commencer le plus vite possible.

Enfin, il souligne l'importance d'un hôtel pour le développement économique de la ville, suggérant de concrétiser ce projet soit avec le partenaire actuel, soit par un appel d'offres. Pour Erny Muller, l'hôtel ne doit pas nécessairement être construit à cet endroit, mais Diffendange a besoin d'un tel établissement. En tout cas, « Vert marine » serait intéressé à construire un hôtel dans les environs de la piscine.

(Interruption)

Le collègue échevinal devrait se montrer plus concret. Si « Vert marine » change d'avis, la commune devrait planifier le site en détail et lancer un appel à candidatures comme pour le City Parking.

Erny Muller insiste une nouvelle fois sur l'importance d'un hôtel.

Il conclut en annonçant que son parti votera en faveur du projet.

GUY TEMPELS (CSV) affirme que son parti voit positivement la construction des 54 chambres d'étudiants ou chambres d'hôtel. Il note avec satisfaction que LU:NEX semble destiné à s'installer à cet endroit.

Il reconnaît le besoin important de logements étudiants car de nombreux jeunes cherchent un toit lorsqu'ils viennent étudier. Il apprécie que les deux bâtiments soient conçus pour être gérés indépendamment, ce qui simplifiera les choses. Il conclut en annonçant que son parti votera en faveur du projet.

6. Actes et conventions

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *revient sur ses propos antérieurs et clarifie qu'il n'a jamais accusé quiconque d'inaction concernant le commerce à Oberkorn, mais a simplement souligné une opportunité. Il précise que son intérêt principal reste le logement plutôt que le commerce. +Il rappelle que le « Maxim's » appartenait initialement à la Ville de Differdange avant d'être cédé à des intérêts privés. Il critique le modèle qui consiste à transférer des propriétés communales à des promoteurs privés, citant plusieurs exemples, où cette approche a considérablement ralenti des projets. Il souligne que ce système génère des marges qui rendent finalement l'espace habitable plus coûteux pour le secteur public. Il espère que cette erreur ne sera plus répétée à l'avenir et demande des précisions sur les matériaux de construction.*

JERRY HARTUNG (CSV) *remercie les intervenants pour le large consensus concernant la nécessité de logements étudiants à Differdange. Il reconnaît qu'un concept global pour les étudiants serait utile et qu'une collaboration avec les universités et écoles supérieures sera nécessaire dans les années à venir. Concernant les terrains et les échanges, il rassure monsieur Diderich en expliquant que le collège échevinal privilégie désormais les échanges pour conserver les logements et infrastructures importantes sous gestion communale.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt nach eng Kéier drop zrëckkommen, well Der hei wollt Juge sinn iwwer richtig a falsch, a sot, dass ech Falschaussoe maachen.

Éischtens, wat de Commerce ugeet, hunn ech jo gesot, Uewerkuer brauch eppes am Commerce. Ech hunn Iech net ënnerstallt, dass Dir do näischt maacht. Ech hu gesot, dat do ass eng Chance fir ze notzen. An ech hu gesot, eise primären Interêt ass éischer de Logement, wéi do elo Commerce ze huelen. Mee ech verstinn den Interêt, fir de Projet weiderzebréngen, an dass mir dee Local de commerce awer elo huelen an da kënne mer nach méi einfach Afloss dorobber huelen.

Dat war meng Ausso. Do war guer kee Reproche dran. Vlächent waren déi Reprochë vu virdrun ze staark, dass Der déi nach matschwéngen héieren hutt bei deenen do Aussoen.

A meng aner Ausso war, wat d'Propriétéitsverhältnissen vum Maxim's ugeet. Ech mengen, mir sinn eis eens, dass de Maxim's ursprénglech der Stad Déifferdeng gehéiert huet. Do si mer eis eens. Ech gesinn nécken.

Mir hunn do, d'nämmlecht wéi op anere Plazen, eppes aus Gemengenhand erausginn an hunn eis dann op iergendwellech Privater verlooss – ech hunn ee genannt, dat ass deen, deen et elo huet, mee dotëscht hat nach een aneren et –, dass si esou Projete weiderbréngen.

A mir sinn am Fong, allkéiers wa mer dat gemaach hunn, zimmlech bei d'Li-sette gelooss ginn, a mir hu vill méi laang gewaart, wéi wa mer et selwer gemaach hätten. Dat war an der Rue Pierre Gansen, do wou d'Spillplaz war, wou mer elo endlech weiderkommen. Dat ass beim Ancien Monopol, wou mer elo endlech weiderkommen.

An all deene Fäll gi mir eppes aus Gemengenhand eraus – souguer beim Gravity hu mer eppes aus Gemengenhand erausginn. Iergendee Promoteur huet et iwwerholl, huet et vlächent een-, zwee-, dräimol verkaf oder net verkaf, an duerno mat Marge kafe mir et erëm zrëck. Dat ass meng Ausso.

Dat ass net de Modell. Well do entsti Margen dotëscht, déi just maachen, dass de Wunnraum herno fir d'ëffentlech Hand méi deier gëtt. Wa mer eis do eens sinn, dann ass et gutt.

An ech mengen, mir ware schonn a Gemengerotssätzungen eens doriwwer an ech hoffen, dass mer dee Feeler dann an Zukunft net méi maachen. Ech soen Iech Merci.

An ech wollt nach froen, ob ech punkto Baumaterialien nach eng Ausso vum Schäfferot kréie kann.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mir maachen Iech eng Freed, Iech dorop ze äntwerten, Här Diderich. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Ech fänke mol un. Virop op jidde Fall ee grouse Merci fir dee breede Konsens, datt Studentewunnenge gebraucht ginn, notament hei zu Déifferdeng. Do si mer eis all eens. D'Studenten, déi wunnen iergendwou anescht, deelweis a Logementer, déi dann dee Moment fräi gi fir den normale Public.

Zu den Interventiounen. Ee Studentekonzept wär effektiv sënnvoll. Do musse mer mat deene verschiddene Partner, also den Unien, den Héichschoulen, mat eise Kommissiounen kucken, eppes an deenen nächste Joren en place ze setzen.

Dann ass ugeschwat ginn, wien den Terrain gehéiert huet a mam Echange an hei an do. Do kann ech Iech berouegen, Här Diderich. Zum Beispill bei de Wisen an der Rue Duchscher, hu mer elo, wou mer de Budget amgaange sinn ze preparéieren, ganz kloer festgehalten – well am Budget stoung ëmmer vun deene Jore virdrun nach, datt mer esou vill Sue géife kréien –, datt mer dee Montant eraushuelen aus dem Budget, well mer do een Echange wëllen, eebe fir Logement respektiv aner wichteg Strukture fir Déifferdeng a Gemengenhand ze kréien.

Da war d'Fro mat den Duebelzëmmere, datt hei esou vill Duebelzëmmere

6. Actes et conventions

sinn. Dat ass u sech eng Ufro vun der LUNEX respektiv hire Studenten. Dat ass elo just eng Pi-mal-Daumen-Rechnung, mee mir wëlle 400 Euro erreeche fir de Student am Eenzelzëmmer. An da muss ee wëssen, herno fir d'Duebelzëmmeren ass de Präis natierlech méi déif.

Hei gouf jo selwer gesot, datt immens vill Misär ass bei de Studenten, well da komme se heihinner, se schreiwe sech hei an an da fanne se keng Wunneng. Mat dësem Projet kënnen mer deem entgéintwierken.

Et ass kloer, et geet alles un d'LUNEX. Natierlech leeë mir de Präis vun de Wunnenge fest. Dat heescht, si verlounen et herno fir dee Präis, dee mir am Kontrakt mat hinne festleeën. Eng Gemeng ass jo net do fir Benefice ze maachen. Mir kucken eeben, wat een do freet, fir natierlech iergendwou räsounabel ze sinn. Datt dat sech iwwer eng gewëssen Zäit dann awer och amortiséiert.

De Local commercial. Also dat ass ee Local commercial, awer, wéi ech éinescht erkläert hunn, d'Uni brauch haaptsächlech Formatiounsraum. Dat heescht, si wëllen expandéieren. Och am Projet Aquasud hu se schonn ugeklappt, fir Raimlechkeeten ze kréien. An hei eeben och.

Et muss een natierlech wëssen, um Rez-de-chaussée ass net nëmme Commerce gewiescht, do war och nach de Gemeinschaftsraum. An doduerch, datt elo alles en bloc engem gehéiert, respektiv een et herno iwwerhëlt, kënnen mer natierlech elo all déi Saache vill méi flott funktionell aneneefléisse loossen, datt eeben och Plaz fir ze kachen, ze iesse an da Schoulraum entstinn.

Mee ech denken, de Commerce zu Uewerkuer profitéiert awer dovunner, wa jonk an dynamesch Leit an de Quartier bäikommen.

Zum Lommelshaff huet den Här Wagner scho ganz gutt alles gesot.

Da war geschwat gi vun der Place Jehan Steichen. Dat Gebai virun der LUNEX, dat ass, menges Wëssens, scho ganz laang gestuerwen. Besonnesch, wann ech un de Projet op der Place Jehan Steichen denken, fir do Fonds-de-Logements-Re-

sidenzen hinzebauen. Ech mengen, dat wär wierklech en Ondéng gewiescht.

Dëse Schäfferot huet dat op jiddwer Fall net seriö envisagéiert. Déi Plaz ass eng wichteg Plaz, wou muss Liewe sinn, eng Plaz fir d'Leit. Déi muss natierlech eng Kéier begréngt ginn. Ech denken, do ass d'Madamm Charlé och schonn um Dossier drun.

Déi Saach mam Bau. Wann alles gutt geet, hoffe mer, fir nach dëst Joer fäerdeg mat allem an de Schäfferot ze kommen. De Promoteur, dee géif natierlech am léifste mat deenen zwou Saache gläichzäiteg ufänken. Dat ass him och bewosst gewiescht, wou en eis entgéintkomm ass mat deem Echange, datt et fir hien natierlech och méi einfach a méi bëlleg herno gött am Bau, wann en alles beieneen ufänke kann.

Fir eis ass et natierlech och interessant, wéi den Här Altmeisch éinescht sot, well mer punkto oppe Schwämm ee besseren Accès kréien.

D'Hotel, wat ugeschwat ginn ass, do plange mer ganz intensiv un deem Sportshotel uewen. Dat mécht jo Sënn. Hanner der LUNEX ass jo dat ganz Sportsareal, wou vill Sportsunitéite sinn, do mécht ee Sportshotel wierklech Sënn.

Cahier de charges. Do muss een eng Kéier kucken, wat do dann – den Här Altmeisch seet nach eppes dozou, hie muss jo d'Baugeneemegung ënnerschreiwen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

No där Phas hei vun der Konventioun, komme mer jo an d'Phas vun der Baugeneemegung. Do läit de Cahier de charges bäi. Da wäerte mer deen nach eng Kéier genau analyséieren, wat fir eng Materialien do opgefouert sinn. An da wäerte mer Iech dat nach eng Kéier presentéieren.

Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn zwou Nofroen. Éischtens, bei enger Baugeneemegung huet d'Bauma-

Il explique que les nombreuses chambres doubles répondent à une demande spécifique de LU:NEX et de ses étudiants, avec un objectif de loyer d'environ 400 € pour une chambre individuelle. Il souligne que ce projet contribue à résoudre la pénurie de logements étudiants. Il précise que la commune fixera les prix des logements dans le contrat avec LU:NEX, sans viser de bénéfice.

Il explique que le local commercial servira principalement d'espace de formation pour l'université qui cherche à s'agrandir. Il estime que le commerce à Oberkorn bénéficiera de l'arrivée de jeunes dynamiques dans le quartier.

Concernant la place Jehan-Steichen, il affirme que le bâtiment devant LU:NEX est inutilisable depuis longtemps et que cette place importante nécessite d'être végétalisée.

Il espère finaliser tous les aspects du projet cette année et mentionne que le promoteur préférerait commencer les deux parties du projet simultanément pour des raisons d'efficacité et de coût.

Jerry Hartung trouve intéressant d'obtenir un meilleur accès à la piscine en plein air, comme l'a mentionné monsieur Altmeisch.

Concernant l'hôtel évoqué, il explique que le collège échevinal planifie intensivement un hôtel sportif en hauteur, ce qui est logique, car derrière LU:NEX se trouve tout un complexe sportif. Jerry Hartung évoque un cahier des charges qu'il faut examiner, tout en notant que monsieur Altmeisch doit signer l'autorisation de construction.

GUY ALTMEISCH (LSAP) précise qu'après la phase actuelle de convention, le collège échevinal passera à la phase d'autorisation de construction, où le cahier des charges est joint. Il analysera alors précisément quels matériaux y sont mentionnés et le présentera à nouveau. Il donne ensuite la parole à monsieur Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) pose deux questions.

6. Actes et conventions

Premièrement, il souligne que, dans une autorisation de construction, les matériaux de construction n'ont normalement rien à voir. Il comprend que le collège échevinal peut négocier cela, mais il veut savoir si les conseillers communaux votent le cahier des charges tel quel ou s'il est retiré de ce vote. Il se dit satisfait si on lui confirme que les conseillers communaux vont rediscuter des matériaux.

Sa deuxième question concerne le local commercial: il n'est pas clair pour lui si ce local sera principalement utilisé pour l'école ou s'il pourrait également être utilisé pour autre chose.

(Interruption)

Gary Diderich poursuit en disant que, si le local est « principalement » utilisé pour l'école, cela signifie qu'il n'est pas utilisé à 100 % pour l'école et qu'on pourrait y vendre des sneakers, des sandwiches ou des saucisses Thüringer.

TOM ULVELING (CSV) fait une remarque sur la possibilité d'installer un distributeur de Coca-Cola.

JERRY HARTUNG (CSV) répond que le local sera entièrement loué à LU:NEX, probablement à 18 €/m², qui est le prix courant.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se dit satisfait et remercie monsieur Hartung pour ces précisions.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rassure monsieur Diderich en disant qu'il ajoutera une condition lors de la délivrance du permis de construire pour demander à nouveau les matériaux de construction.

(Vote)

Guy Altmeisch présente le point suivant concernant un contrat de réservation de l'ancien « Monopol » sur l'avenue de la Liberté, qu'il décrit comme n'étant pas l'un des plus beaux endroits de la commune et que le collège échevinal est heureux de pouvoir embellir.

JERRY HARTUNG (CSV) présente alors le projet « Monopol », indiquant que le collège échevinal n'est pas en hibernation. Il explique que le projet avait déjà été présenté il y a quelques semaines et qu'on avait

terial näischt domadder ze dinn. Et ka sinn, dass Dir dat esou ausmaacht mat hinnen, an dass Dir nach d'Méiglecheet hutt, doriwwer ze negociéieren, mee haut läit et am Dossier. An ech wëll wëssen, ob mer dee Cahier de charges esou matstëmmen oder ob mer deen eraus aus deem dote Vott huelen oder dee just pour info bäileien hutt an Dir nach eng Kéier mat hinne schwätzt.

Wann Dir mir sot, Dir schwätzt nach eng Kéier mat hinnen an Dir kënnt dat mat de Baumaterialien nach eng Kéier iwwerkucken, da sinn ech zefridden. Da kann ech dat doten esou matstëmmen.

Eng lescht Nofro: Dat mam Local commercial ass mir elo nach net kloer. Mir kafen ee Local commercial, an d'Ausso vum Här Hartung war: Dat gëtt haapt-sächlech fir d'Schoul genotzt. Wann dat esou ass, dass et haapt-sächlech fir d'Schoul genotzt gëtt, dann ass et nach net 100 % fir d'Schoul. Da kann et nach sinn, dass Sneakers verkaf ginn oder Bréidercher oder Thüringer.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Et gëtt ganz fir d'LUNEX verlount, fir warscheinlech 18 Euro de Meterkaree, wat deen normale Marchéspäis ass.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An der Rei! Merci villmools.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech kann Iech och zefriddestellen: Ech wäert dat bei der Ausstellung vun der Baugeneemegung eng Konditioun maachen, dass ech nach eng Kéier no de Baumaterialie froen, soudass Der Iech do berouege kënnt, Här Diderich. Merci.

Wa weider keng wichteg Informatiounen méi um Dësch leien, da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de réservation et le projet d'avenant avec « VOI SÀRL » concernant le projet immobilier de logements dédiés et abordables au no 98 de l'avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 6c. Dat ass ee Contrat de réservation vun deem ale Monopol an der Liberté, och net där allerschéinste Plazen hei an der Gemeng. Wou mer och frou sinn, dass mer elo nobäi sinn, fir déi Plaz awer e bëssen ze verschéieren an eiser Gemeng unzepassen. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Dir gesitt, datt mer definitiv net am Wanterschlof sinn. Nom Projet Maxim's hu mer hei de Projet vum Monopol. Deen hate mer scho virun e puer Woche virleien an et war d'Demande, fir nach Avisa vum de verschiddene Kommissiounen heizou anezfrozen. Déi hu mer elo hei virleien, vun de fënnf verschiddene Kommissiounen. Et ass alles op der Diffcloud.

Dee grouss Konsens vun den Avisen ennersträicht d'Wichtigkeet vun de Studentewunnengen. Parallel zum Bau, schaffe mer drun, d'Offer fir Jonker punkto Commerce a soziaalt Liewen an eiser Stad auszebauen, des agebonne mat der Noperschaft. En ennersträicht déi grouss Plus-value, den Notze fir eng Stad wéi Déifferdeng, wa mer méi Studenten respektiv Studenteliewen heihi kréien.

Vu datt mer iwwer de Projet ofstëmmen, nach eng Kéier d'Eckdaten zur Erënnerung: D'Gemeng reservéiert de Studenten um Site vum ale Monopol an der Avenue de la Liberté ee VEFA-Projet vu ronn 112 Studentewunnengen zu abordabele Präisser. Wou eeben eng grouss Nofro ass, ze verlounen. Käschtepunkt: 22 Milliounen Euro, wouvu mer 14 Milliounen Euro u Subsidien zréckkréien. Iwwer de Pacte Logement 2.0 kréie mer weider 466.000 Euro och zu abordabele Präisser vu beispillsweis eeben de genannte 400 Euro, déi mer upeilen. Et kann ee spéider vu ronn

6. Actes et conventions

enger hallwer Millioun Euro Recettë pro Joer an eisem ordinäre Budget ausgoen duerch dës Locatioun, well et si jo eng jett Wunnengen. An och wann et kleng Loyere sinn, doduerch, datt et der vill sinn, mécht dat ee gudde Batz aus.

Am neie Gebai ginn zwou besteeënd historesch Fassade geschützt, wat den Architekt virun Erausfuerderunge stellt. Dës ginn integréiert an a Valeur gesat. Dat huet natierlech ee finanziellen Impakt, wat mer net iwwer Subside vum Logementsministère gedeckt kréien.

Dat Ganzt verdeelt op 2.321 Meterkaree Surface utile d'habitation. All Wunneng huet spéider hir Kitchenette a Sanitär. Dobäi kënnt ee Keller fir d'Technik, Stauraum an ee grouse Gemeinschaftsraum fir d'Bewunner. Alles PMR-konform. Och mat PMR-Wunnengen. Wéi d'leschte Kéier scho matgedeelt, sinn d'Delaen am Kontrakt festgehalen. D'Aarbechte sollen d'nächst Joer ufänken a wäerte plus/minus dräi Joer daueren.

Esou kréie mer op dëser Plaz den alen Déifferdenger Stadkär erëm beliebt. Dat ass ee Puzzlestéck vu villen, fir eise Quartier weider ze beräicheren. Ech hoffen op breede Konsens a bieten Iech, dëst matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Weiderhi begrësse mer et, wann a subventionéierte Wunnengsbau investéiert gëtt. Dat hu mer jorelaang hei gefuerdert, bis et dann endlech och ukomm an ëmgasat gouf.

Hei geet et ëm ee grouse Schandfleck, mir hunn et héieren, wou ganz laang Jore brooch louch. Et sollen 112 Studentewunnengen entstoën, dat an zwee verschiddene Gebaier, engem gréisseren an engem méi klengen, mat engem Haff an enger Salle commune vun 260 Meterkaree. Wat alles sécherlech hei an der Gemeng gebraucht gëtt.

Kleng Bemol heibäi ass d'Mixitéit, wat am ale Stadzentrum, a virun allem an deem Quartier, ee grouse Problem ass. Zweete Bemol: de Rez-de-chaussée, wou mer eis trotzdeem eppes méi Lieweges gewënscht hätten.

Trotz allem kënne mer dat dote gäre matstëmmen an hoffen, datt et esou schnell wéi méiglech lassgoe kann. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Den Här Olten, wannechgelift.

CLAUDE OLTEN (CSV):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, deen Avis vun deene verschiddene Kommissiounen ass jo duerchweegs positiv gewiescht. Mat de Studenten, déi elo dohinner kommen, entsteet ganz sécher eng nei Dynamik. A wann de Projet an der Maison moderne, wou ee Café culturel soll hikommen, seng Dieren opmécht, dann entsteet och do eng flott an eng aner Liewensqualitéit.

Wéi den Här Diderich scho gesot huet, mir kréien elo méi Studenten an d'Gemeng. Fir mech wär et och wichteg, dass een alles drusetze géif, fir si an eis kulturell oder eis Sportsveräiner ze kréien, well och dat gehéiert e bësse mat dozou. Si wäer méi an der Gemeng engagéiert. An dat wär eng gutt Saach. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Comme on avait dit à la dernière séance, on trouve ce projet un très bon, avec tout ce qu'il va apporter à Differdange pour l'économie locale. Et il répond également aux besoins des étudiants universitaires au Luxembourg.

demandé des avis de différentes commissions, qui sont maintenant disponibles. Le consensus des avis souligne l'importance des logements étudiants.

Jerry Hartung explique que la Ville réserve aux étudiants du site de l'ancien « Monopol » un projet VEFA d'environ 112 logements à des prix abordables.

Le coût est de 22 millions d'euros, dont 14 millions seront remboursés par des subventions. À travers le Pacte logement 2.0, la commune recevra 466 000 € supplémentaires.

Deux façades historiques existantes seront protégées et intégrées dans le projet.

L'ensemble sera réparti sur 2321 m², chaque logement disposant d'une kitchenette et de sanitaires, avec en plus une cave technique, un espace de rangement et une grande salle commune. Les travaux devraient commencer l'année prochaine et dureront environ trois ans.

Jerry Hartung affirme que ce projet permet de revitaliser l'ancien centre-ville de Differdange. Il considère cela comme une pièce d'un puzzle plus large pour enrichir le quartier et espère un large consensus pour ce vote.

FRANÇOIS MEISCH (DP) se réjouit des investissements dans le logement subventionné, une demande que les démocrates ont formulée pendant des années avant qu'elle ne soit enfin mise en œuvre.

Il explique que le projet concerne un site longtemps laissé à l'abandon et prévoit 112 logements étudiants répartis dans deux bâtiments différents, avec une cour et une salle commune de 260 m².

Il note deux bémols : le manque de mixité dans ce quartier du centre-ville et le rez-de-chaussée pour lequel il aurait souhaité quelque chose de plus vivant. Malgré ces réserves, il soutient le projet et espère qu'il pourra démarrer rapidement.

CLAUDE OLTEN (CSV) souligne que les avis des différentes commissions ont été unanimement positifs. Il affirme que l'arrivée des étudiants créera une nouvelle dynamique. Quand le projet de la maison Moderne avec son café culturel ou-

6. Actes et conventions

vrira, cela favorisera une meilleure qualité de vie. Il considère comme important d'intégrer ces étudiants dans les associations culturelles et sportives de la commune pour renforcer leur engagement local.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) considère ce projet comme très positif pour l'économie locale de Differdange et pour répondre aux besoins des étudiants universitaires au Luxembourg.

Il s'interroge sur qui gèrera le bâtiment.

Il partage l'inquiétude concernant la salle commune qu'il trouve trop petite pour une centaine d'étudiants.

Il insiste sur l'importance de la mixité et demande quel plan d'action sera mis en place par l'administration communale pour aider les étudiants à s'intégrer à Differdange, à s'informer, à participer à des activités et à vivre harmonieusement en communauté.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se réjouit que le projet ait été réexaminé par les commissions, apportant plusieurs précisions, notamment que l'Université gèrera le bâtiment. Il accueille favorablement l'arrivée de logements étudiants à cet emplacement stratégique pour la dynamisation du centre de Differdange. Il souligne que cela doit s'intégrer aux autres plans d'action en cours. Il note que, malgré le travail sur le Pacte communal pour le vivre-ensemble interculturel et le commerce local, la dimension étudiante n'y est pas suffisamment intégrée. Il rappelle le processus participatif initial pour la maison Moderne, plusieurs fois modifié depuis. Il estime prioritaire de déterminer, avant la fin de la construction, comment faire de Differdange une véritable ville étudiante, où le commerce local pourrait en bénéficier. Il déplore que la Commission d'accompagnement économique ne mentionne pas les étudiants. Pour lui, c'est surtout une question de coexistence, la ville entière devant offrir des espaces de rencontre pour les étudiants.

Il demande si le guide pour la construction durable sera pris en compte et espère que les aspects

Il reste toujours la même question : qui va gérer le bâtiment ? Avez-vous déjà une idée ? Si oui, on aimerait bien la connaître.

De l'autre côté, comme monsieur Meisch a bien dit, la salle de vie communautaire nous semble un peu préoccupante. On trouve que qu'elle est plutôt petite pour une centaine d'étudiants, qui vont y vivre. C'est une salle qui a plus ou moins 200 m². Si on arrive à mettre cent étudiants à l'intérieur, je ne sais pas ce que ça va faire. Je pense que ça va être un peu étroit.

Ce dont on avait discuté dans le cadre des différents avis est pour nous le plus important : la mixité. C'est-à-dire de voir comment ces étudiants peuvent vivre dans ce quartier. Quel est le plan d'action ? Parce qu'on parle d'une troisième résidence d'étudiants. Il faut absolument qu'un plan d'action soit mis en place par l'administration communale afin que les étudiants puissent venir ici à Differdange pour se renseigner, faire des activités ou vivre en communauté. Merci fir d'Wuert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir haten dëse Projet d'leschte Kéier ugerass. Ech begrëissen et, dass mer nach eng Kéier den Tour duerch d'Kommissioun maache konnten, wou eng Rei Prezisioun kumm sinn. Ënner anerem konnt een an där enger oder anerer Kommissioun eng Äntwert op dem Här Aguiar seng Fro fannen. Nämlech, dass dat d'Unie sinn, déi dat geréieren. Dat heescht, do wäerten elo keng Gemeinsewercer oder aner Acteuren dofir engagéiert ginn.

Mir begrëissen et, dass elo Studentewunnengen dohinnerkommen. Et ass eng gutt Plaz, ass sënnvoll an der Entwécklung vum Zentrum fir Déifferdeng, fir deen ze dynamiséieren. Dat setzt natierlech viraus, dass een dat Puzzlestück mat aneren zesummebréngt an an déi verschidden Aktiounspläng,

wéi et och elo gesot ginn ass, och wierklech abezitt. Dir sidd amgaangen, um Gemengepakt fir interkulturellt Zesummeliewen ze schaffen, et gëtt um lokale Commerce geschafft, an ech spieren am Moment nach net, dass déi Saachen do, also déi Iwwerleeung do esou staark do mat dran ass.

Deemools, wéi um Konzept vun der Maison Moderne geschafft ginn ass, do ass sech iwwerluecht ginn: Wat brénge mer an d'Maison Moderne, wat eeben enger Studentestad gerecht gëtt? Dat war e partizipative Prozess. Deen ass awer schonn dräimol op d'Kopp gehäit ginn, an haut wäerte mer, beim nächste Punkt, nach eng Kéier dorop agoen.

Dat heescht, wat feelt oder wat deen nächste Schrëtt menger Meenung no wär, dass dat eng Prioritéit ass, ier dee Bau do fäerdeg ass, ze wëssen, wéi mer dat maachen, hei an eeben och zu Uewerkuer – dat hu mer jo elo scho gesot –, fir dass eis Stad wierklech Plaze bitt fir Studenten. An dass eise Commerce och déi Angeboter mécht, fir eppes dovunner ze hunn.

Well an der Commission d'accompagnement économique gëtt vu ville Publicke geschwat, awer net vun de Studenten. D'leschte Kéier, Här Muller, hate mer nach driwwer geschwat, wéi wichteg et wär, déi méi héich Salairen, déi mer och zu Déifferdeng hunn, iwwer verschidde Publicken, déi hei schaffen, hei an der Stad ze halen.

Mir hunn awer nach net driwwer geschwat, wéi mer d'Studenten hei halen. An dat feelt menger Meenung no. Et ass net nëmmen d'Fro vu Commerce, et ass virun allem d'Fro vum Zesummeliewen. Den Här Aguiar huet de Gemeinschaftsraum ugeschwat, ma d'Stad soll ee Gemeinschaftsraum si fir d'Studenten. D'ganz Stad soll Raim bidden, wou d'Studente sech treffe kënnen.

An dat soll ee sech schonn iwwerleeën. Et ass jo net jiddereen, deen dat just wäert begrëissen. Studente sinn aktiv, déi ginn net onbedéngt um 22 Auer an d'Bett a se hale sech och am ëffentleche Raum op. Dat ass och ze begrëissen, mee dat muss ee begleeden. An do muss een d'Bevëlkerung och matabannen. Dat kann een net dem Zoufall iwwer-

6. Actes et conventions

loossen. Ech mengen, et ass dat, wat wichteg ass.

Ech soen elo net nach eng Kéier hei bei deem Projet, wat ech beim virege Projet gesot hunn, d'Ëmweeër, déi mer hei gemaach hunn, dat war gesot ginn. Ech wëll awer wëssen, ob mer hei dann d'nämmlecht virginn, dass bei der Baugeneemegung, spéitstens, op de Leitfaden fir d'nohaltegt Baue gekuckt gëtt. Oder spéitstens no dëser Reunioun vum Gemengerot dem Promoteur dee Leitfaden nach eng Kéier geschéckt gëtt a gefrot gëtt, fir sou vill wéi méiglech dovunner bei der Auswärtung anzebannen.

Well et ass ee grouse Bauprojet. Bis ewell ass guer net vum NetZeroCities geschwat ginn, et gëtt net vum Leitfaden geschwat. Am Cahier de charges steet näischt iwwer d'Baumaterial dran, fir zum Beispill d'Isolatiounsfasad. Dat heescht, do misst jo dann nach Sputt sinn. An ech hoffen, dass mer dann och kënnen dorobber zielen, dass dat mam Promoteur gekuckt gëtt.

An ech wollt froen, fir dëse Punkt a fir de virege Punkt, wéi mir als Gemengerot dann do um Lafende gehale ginn. Well fir d'Baugeneemegung selwer, dat kënnt jo net an de Gemengerot. Wéi kënne mer do de Suivi kréien, ob déi Negociatioun mam Promoteur gegléckt ass an déi Saachen da consideréiert gi si fir méi een nohaltegt Bauen? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir begrëssen dee Projet do wierklech mat allem, wat mer zur Verfügung hunn. Dat war ee Schandfleck, säit Joren. Domadder ass dat dann eriwuer an et kënnt eng nei Dynamik, eng nei Entwécklung grad just an deem dote Quartier, deem e bëssen ausserhalb vum deem normale Commerce läit.

Mer gesinn et jo bei der Braderie, déi soss ëmmer bis bei de Carlo Bernard

gaangen ass, déi hält haut schonn op bei der Post. Vlächgt gëtt dat och entwéckelt. Niewendrun a vis-à-vis vum deem hei Gebai sinn nach Geschäftslokaler, déi awer meeschtens eidel stinn. Ech ka mer gutt virstellen, dass direkt op der Plaz do och kann nach eppes Neits Entstoen, Studentenaktivitéiten, déi mer dann do envisagéieren.

Ech wëll och begrëissen, dass deem Tour, deem iwwer d'Kommissioun gaangen ass mat den Avisen, vill Positives bruecht huet. Do ass wierklech ze erkennen, wou deenen eenzele Kommissiounen hir Interête leien, wou se drop schaffen. Et gesäit een déi Verschiddenheet. Dat ass jo och normal. Ech mengen, eng Jugendkommissioun huet eng aner Approche wéi eng Logementskommissioun. Wichteg ass, dass mer alleguer hir Iddien do erakréien, hir Meenungen an och hir Suggestiounen.

Dofir wollt ech soen, dat huet een zum Beispill bei der Logementskommissioun gesinn, déi gesinn dann d'Diversifizéierung vum de Logementsprojeten.

Nieft de Studentewunnenge besteet Besoin vum anere méi spezifische Wunnengen, notament Logements d'urgence. Mir hunn herno ee Projet an deem Sënn. Mee mir stelle fest, am Office social si mer vill mat Froe beschäftigt, mat Adresses de référence nennt een dat, dat heescht eng Adress fir Leit, déi am Fong keng richtig Adress hunn.

Leider musse mer feststellen, dass ëmmer méi där Leit kommen, déi an de sougenannte Cafészëmmere wunnen, wou dann d'Zëmmere net méi konform sinn, well mer jo een neit Règlement hunn, eist neit Bauterèglement, wat gewëssen Ufuerderunge stellt un esou Zëmmere.

An da stellt ee fest, wann da Leit nach do wunnen, da gëtt dat toleréiert. Mee wann dann ee wiesselt, da kënnt een Neien eran an dee gëtt dann net méi ugemellt op der Gemeng. An déi Persoun si schlecht drun, well déi hunn ee Kontrakt mat engem Locataire an am Fong fir d'Zëmmere zoustänneg sinn d'Proprietären. Soudass mer do ee Problem hunn. An dee musse mer och eng Kéier op enger anerer Plaz diskutéieren.

écologiques seront discutés avec le promoteur.

Gary Diderich demande comment le conseil communal sera tenu informé concernant ce point et le point précédent, particulièrement pour le permis de construire, qui ne passe pas par le conseil communal. Il souhaite savoir comment ils pourront suivre si les négociations avec le promoteur ont abouti et si les considérations pour une construction plus durable ont été prises en compte.

ERNY MULLER (LSAP) accueille très favorablement ce projet. Il souligne que cet endroit était un point noir depuis des années et qu'une nouvelle dynamique va maintenant s'installer dans ce quartier situé un peu à l'écart de la zone commerciale traditionnelle. Il remarque que, alors de la braderie s'étendait autrefois jusqu'à Carlo Bernard, celle-ci s'arrête maintenant à la poste.

Il note que, près du bâtiment concerné, d'autres locaux commerciaux, souvent vides, pourraient accueillir des activités pour étudiants. Il apprécie le processus de consultation des différentes commissions, qui ont enrichi le projet grâce à leurs perspectives variées.

Erny Muller évoque le besoin de diversification des logements, au-delà des résidences étudiantes, notamment pour des logements d'urgence. Il mentionne le problème croissant des personnes vivant dans des chambres de café non conformes au nouveau Règlement des bâtiments communal. Il insiste sur l'importance de rendre ces logements conformes pour garantir des conditions de vie dignes.

6. Actes et conventions

Concernant le projet étudiant, il se montre enthousiaste, particulièrement pour le café culturel et littéraire, qui deviendra un lieu de rencontre entre étudiants et population locale. Il estime que, même si les espaces communautaires sur place sont importants, il est bénéfique que les étudiants sortent de leur résidence et s'intègrent à la vie locale. Il considère que le statut de ville universitaire et étudiante constitue un atout majeur pour la revitalisation commerciale du centre-ville.

Il conclut en annonçant que le LSAP votera pour ce projet et se réjouit du retour à la vie de l'ancien « Monopol ».

JERRY HARTUNG (CSV) remercie le conseil communal pour le large consensus. Il affirme la volonté de garder à Differdange les étudiants qui y étudient ou étudient à Belval, en créant des espaces agréables dans le bâtiment et au-delà, apportant un développement positif pour la ville. Il se réjouit du délai de trois ans avant l'achèvement de la construction, permettant d'élaborer un concept réfléchi.

Il apprécie les contributions concernant la culture, le sport et la vie interculturelle, et note la nécessité de déterminer qui gèrera ces aspects.

Concernant la salle communautaire, il explique que sa localisation au sous-sol est avantageuse, car il s'agit d'un rez-de-jardin à l'arrière, offrant une grande ouverture vers l'extérieur.

Ech mengen, dat muss an engem Gesamtkontext vun alle Wunnengen, déi musse weiderentwéckelt ginn hei an eiser Stad, gekuckt ginn. A mer mussen och kucken, eng Léisung ze fannen.

Do wäerte mir vu Säite vum Office social eng Entrevue ustriewen, och mam Schäfferot, fir mol ze kucken, wéi een déi Problematik ugoe kann.

Eis muss dru geleeë sinn, dass alleguer déi Wunnengen, déi bestoend sougenannte Cafészëmmeren, alleguer konform gesat ginn, an dass déi Leit, déi do wunnen, och e mënschewierdegt Dasein do kënnen féieren. Dat elo niewebäi gesot.

Hei geet et ëm d'Studenten. Ech sinn immens optimistes, ech hu mech e bësse méi mat deem Projet elo déi lescht Zäit ofgi vum Café culturel et littéraire, loosse mer et esou nennen. Ee ganz flotte Projet gëtt dat. Mir wäerten nach oft d'Geleeënheet hunn. Haut stëmme mer jo nach iwwer de Bail de location of. Ech mengen, dat gëtt eppes par excellence fir d'Studenten, mee och fir aner Leit, wierklech ee Lieu de rencontre tëschent de Studenten an eiser normaler Populatioun. Dat sinn déi Beréierungspunkten, wou mer gesot hunn, wat wichteg ass.

Déi Gemeinschaftsraum op der Plaz, dat ass hei schonn ugeklongen, dat ass zwar wichteg, wann dat op der Plaz wär, mee mir si jo och frou, wann d'Studenten aus hirer normaler Residence erausginn. Do kënnen mir als Gemeng de Studenten aner Raimlechteken zur Verfügung stellen. Mir wëlle se jo och a Kontakt brénge mat der Populatioun, mat de Veräiner.

Ech ginn d'Beispill vun der Madamm Da Silva, wat, ech muss soen, d'international Schoul par excellence mécht, mir maachen dat jo och. Do musse mir déi Kooperatioun, déi Kontakter maache mat deene verschiddene Schichten, Veräiner, Populatiounsschichten. Fir dass d'Studenten do eng Plus-value ginn, an dass jiddwereen och gesäit, wéi wichteg dat ass.

Am Geschäftsmodell, wéi mer an Zukunft sollen d'Geschäfte an der Stad gestalten, leeë mer grouse Wäert drop. Mer soen, mir wäeren eng Universitätsstad, mir wäeren eng Studentestad,

wat fir eis als e Plus duergestallt gëtt fir d'Entwécklung vun de Geschäfte an och fir d'Revitaliséierung vun der Geschäftswelt am Zentrum. Ech mengen, dat ass ee grouse Plus.

Ech wäert Iech elo net weider ophalen, ech wollt ganz einfach soen, dass mer als LSAP op jidde Fall dee Projet hei stëmmen an och frou sinn, dass an den ale Monopol erëm neit Liewen erakënnt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Och hei ee grouse Merci fir dee breede Konsens. Ech mengen, mir sinn eis all eens, dass mer d'Studenten, déi hei zu Déifferdeng studéieren, respektiv an der Nopeschgemeng um Belval, och hei wëllen halen. Dass mer hinne flott Plaze schafen am Gebai selwer an natierlech och doriwwer eraus. An dass dat wierklech eng flott Entwécklung an eng weider Dynamik fir Déifferdeng bréngt.

D'Konzept ass virdrun ugeschwat ginn, ech denken, dat geet hei mat eriwir. Ech si frou, dass gesot gouf, éier de Bau fäerdeg ass, dat gëtt eis nach dräi Joer. Et ass jo och net, fir eppes iwwer de Knéi ze brieche. Dat soll schonn ee Konzept sinn, wat Sënn mécht. Ech si frou fir all deen Input: kulturell, Sport, interkulturell Zesummeliewen. An natierlech muss een dann och kucken, wien dat geréiert.

Zum Gemeinschaftsraum. Op de Pläng gesäit dat effektiv esou aus, wéi wann dat am Keller wier. Dat ass awer ee grouse Virdeel, dass et am Keller ass, ganz einfach, well de Keller no hannen u sech ee Rez-de-jardin ass. Wann et um Rez-de-chaussée wier, da wier bausse just en Trottoir an d'Strooss. Doduerch, dass et an deem Rez-de-jardin ass, wou mer natierlech gekuckt hunn, dee méi grouss a funktionell ze gestalten, entsteet eng grouss Ouverture no bausse, wou se net nëmme bannen, mee och baussen en Espace hunn.

6. Actes et conventions

Do ware mer a Gespräicher. De Feed-back krute mer an deen hu mer och scho matgehall. Deementspriedend sinn d'Pläng ugepasst ginn, datt mer dee Gemeinschaftsraum méi grouss maachen. Och wichteg, hannen ass jo een Accès, wann ee mam Vëlo erakënnt. Do ass jo och ee grouss Vëloskeller. Eis ass och wichteg, datt ee vun hannen och en uerdentlechen Accès an d'Gebai huet, datt net de Student, wann e mam Vëlo ukënnt, da muss ronderëm dat ganz Gebai lafen.

Logements d'urgence sinn ugeschwat ginn. Et si vill Leit, déi dovunner betraff sinn, och vill Studenten. Virdrun ass gesot ginn, datt hei Jonker sech aschreiw kënnen mat der Hoffnung, eng Wunneng hei ze fannen oder hei zu Lëtzebuerg ze fannen an da si se herno op der Strooss souzesoen. Dat heescht, déi sinn och dovunner betraff.

Mat dëser Mesure hëllef mer jo dann dësem Deel. An da muss ee bedenken, datt och scho Studenten hei sinn, déi iergendeppes fonnt hunn, vläicht och zimmlech deier fir e Student, um normale Wunnraum. An huelen esou Plazen ewech da vläicht fir anerer. A mer dës Méiglechkeet schafen, wou mer anere Wunnraum liberéieren. Fir da fir aner Leit, déi och an der Urgence sinn, accessibel ze maachen.

Mer maache vill punkto abordable Wunnraum. Zu Nidderkuer ass den Heliosmaart um Lafen. Wann der d'Noriichte verfolgegt hutt, zu Nidderkuer am Mathendahl entsteet zimmlech vill abordable Wunnraum. Ech mengen, et kann ee roueg awer mat Houfert soen, datt mer zu Déifferdeng eng vun deene Gemenge sinn, déi wierklech immens vill an dësem Beräich scho gemaach hunn. Wann aner Gemengen och esou wäit wieren, da mengen ech, hätte mer do vläicht e bësse manner Probleemer op nationalem Niveau.

De Leitfaden. Natierlech huele mer dat nach eng Kéier mat, Här Diderich. Mir kucken, wat realisabel ass. Hunn dat och um Schierm. Mussen natierlech och kucken, mir hu jo och eng budgetär Enveloppe a versichen, dat och iergendwéi ze respektéieren. Versichen do iergendwéi, wéi sote mer all hei d'lescht Joer am Budget, l'utile et le nécessaire ze maachen. An deem Kontext kann ech iech, zum Beispill, soen, datt mer

och scho gekuckt hunn, ob um Daach eng Photovoltaikanlag ka virgesi ginn.

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Wagner hätt nach eppes dozou ze soen. Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Zum Studenteliewen, respektiv Schülerliewen gehéiert natierlech en Encadrement duerno an der Fräizäit.

Eise Service jeunesse ass amgaangen, mat de Studentevereenegungen eppes auszeschaffen oder mat hinnen zesummeschaffe respektiv se ze guidéieren, wa se wëlle mol eng Party organiséieren an esou weider an esou fort. Do si mer um Ball mat hinnen, awer och mat de Schülerdelegatiounen. Et si jo net nëmmen d'Studenten.

An do si mer um gudde Wee. Respektiv wëlle mer och eis Veräiner fit maachen a se vläicht och op de Wee bréngen, Offerté fir eis Studenten a Schüler auszeschaffen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Ech wollt nach just deem bäifügen, dass mer eis d'Urgence vun engem Logement d'urgence wuel bewosst sinn. A mir hunn dat och matgehall an de SIKOR, wou mer regional mat de Gemenge Péteng, Käerjeng a Suessem zesumme kucken, fir do eng Léisung ze fannen, fir esou eppes ze schafen. Wat kommunal kéint benotzt gi vun deene véier Gemengen. Soudass mer awer och doru schaffen an dat net wäerte vergiessen.

Den Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Ech wollt reagéieren op dat, wat den Här Muller éinescht ugeschwat huet.

À la suite des retours reçus, les plans ont été modifiés pour agrandir cette salle. Il souligne l'importance de l'accès arrière pour les cyclistes, évitant aux étudiants de contourner tout le bâtiment.

À propos des logements d'urgence, il rappelle que de nombreux étudiants se retrouvent sans logement après s'être inscrits. Ce projet aidera cette catégorie de personnes tout en libérant d'autres logements occupés par des étudiants sur le marché normal, les rendant accessibles à d'autres personnes en situation d'urgence.

Jerry Hartung souligne les efforts de la commune de Differdange concernant les logements abordables, notamment le projet Heliosmart à Niederkorn et les développements dans le quartier Mathendahl. Il affirme avec fierté que Differdange est l'une des communes les plus actives dans ce domaine, et que, si d'autres communes en faisaient autant, le Luxembourg aurait moins de problèmes à l'échelle nationale.

Il mentionne que le collège échevinal va examiner le guide en tenant compte de leur enveloppe budgétaire, en privilégiant « l'utile et le nécessaire », et qu'il a déjà étudié la possibilité d'installer des panneaux photovoltaïques sur le toit.

THIERRY WAGNER (LSAP) aborde l'encadrement des étudiants pendant leur temps libre. Il explique que le service jeunesse collabore avec les associations étudiantes pour les guider dans l'organisation d'événements comme des fêtes. Il précise que la commune travaille également avec les délégations d'élèves et veut encourager les associations locales à développer des offres pour les étudiants et les élèves.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute que le collège échevinal est conscient de la nécessité d'un logement d'urgence et qu'il a porté cette question au SIKOR, où on cherche une solution régionale avec les communes de Pétange, Käerjeng et Sanem pour créer un dispositif qui pourrait être utilisé par ces quatre communes.

6. Actes et conventions

JERRY HARTUNG (CSV) répond à une intervention antérieure de monsieur Muller en expliquant que la commune a présenté le projet à la Commission de la jeunesse, mais attend encore l'avis du CGDIS. Il espère pouvoir présenter prochainement un projet de logement d'urgence dans la rue Duchscher.

(Vote)

Jerry Hartung présente une convention tripartite concernant le financement et le fonctionnement du projet de travailleurs de rue CollecDiff à Differdange. Il explique qu'après l'arrêt des activités de Caritas, c'est la nouvelle ASBL Hëllef um Terrain qui a repris le projet.

La convention est fixée pour trois mois, le temps de clarifier certains points avant une nouvelle version prévue pour fin décembre.

L'office social paie les frais de personnel et de gestion, l'ASBL fournit le personnel qualifié, et la commune met à disposition les locaux et le matériel.

(Vote)

Dat hate mer der Jugendkommissioun presentéiert, do waarde mer awer elo nach – u sech ass sécher alles konform, mee mir waarden nach gären den Avis vum CGDIS of. Dat hoffe mer d'nächste Kéier matbréngen ze kënnen. Wou mer am Haus an der Rue Duchscher eppes punkto Logement d'urgence wäerte presentéieren, wat dann och direkt soll hoffentlech dann opgoen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Wann et weider keng Informatiounen oder Wuertmeldunge gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de réservation avec « Immo-Constructions 5 SA » pour une vente en futur état d'achèvement concernant des logements pour étudiants situés avenue de la Liberté à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Punkt 6d, eng Konventioun tëschent dem Office social vun Déifferdeng an der ASBL Hëllef um Terrain. Ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Hartung ginn, fir eis den Detail ze ginn. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Jamais deux sans trois! Hei hu mer d'Konventioun tripartite, déi d'Finanzement an d'Funktionement vun eise Projet vun de Streetworker zu Déifferdeng reegelt.

Nieft der Gemeng Déifferdeng an eise Office social war d'Caritas den drëtten Partner an där aler Konventioun, déi jo, aus bekannte Grënn, all hir Aktivitéiten astellt. Am Kader vun der Reprise vun der Caritas hire verschiddenen Aktivitéite vun der neier ASBL HUT, Hëllef um Terrain, ass dann och eise Streetwork-Projet Collec'Diff betrafft.

Déi nei Konventioun ass op dräi Méint fixéiert. Mir hunn eis dorop geeenegt,

well mer wollten dovunner profitéieren, fir verschidde Punkte fir d'Zukunft méi kloer an der Konventioun festzehalen.

Do gëtt och schonns gutt dru geschafft. Et ass geplangt, fir de Gemengerot vun Enn Dezember déi nei Versioun virleien ze hunn, déi dann ab dem 1. Januar 2025 géif lafen.

Déi Konventioun, déi Der elo am Dossier leien hutt, ass u sech déi selwecht wéi déi vireg, just eebe mat där neier ASBL. Mat der Caritas wär jo och esou an deem Zäitraum des Konventioun esou gelaf.

Dëst, well et eeben huet misse séier goen, wou d'Caritas hir Aktivitéiten agestallt huet. A mer jo, zum engen, wëllen, datt dese Projet weiderleeft an, zum aneren, datt dat aktuell ageschafftent Personal bleiwe kann. Et muss ee jo och bedenken, datt mir zwar just vun deser enger Konventioun betrafft sinn, déi nei ASBL HUT awer d'Iwwernam vu villen anere Projeten innerhalb vun e puer Deeg huet musse schëlleren.

Zur Erënnerung: Den Office social bezilt d'Personal- an d'Gestiounskäschten un d'ASBL. D'ASBL stellt d'ausgebiltent Personal a mécht d'Gestioun vum Projet. An d'Gemeng stellt d'Raimlechkeeten an d'Material zur Verfügung.

Ech bieden Iech, des Konventioun esou matzestëmmen. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Gëtt et iergendwellech Froen? Wann net, da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention tripartite avec l'office social de Differdange et l'ASBL HUT — Hëllef um Terrain pour l'exécution de la suite du projet Streetwork — CollecDiff à Differdange.

Da soen ech Iech Merci. Da géif ech mer selwer d'Wuert ginn, fir de

6. Actes et conventions

Punkt 6e. Do handelt et sech ëm eng Konventioun tëschent de Gemenge Péiteng, Déifferdeng an der ASBL Minièresbunn. Déi sollen zesummen een Agent technique fir dës Associatioun engagéieren an déi zwou Gemenge solle fir déi Käschten opkommen.

Eis ass et wichteg, fir dee ganze Minett Park weider ze beliewen. Mir stelle fest, dass d'Minièresbunn natierlech ee ganze Koup Fräiwëlleger huet, mee dat geet leider net duer, fir de Service ze gewärleeschten. Si brauchen zousätzlech ee Mann, fir dat Material a Schoss ze halen, fir dass och an Zukunft reegelméisseg Tier kënnen organiséiert ginn.

Ech géif Iech bidden, dës Konventioun ze ënnerschreiwen. De Salaire vun deem Agent technique gött zur Hallschlecht, pro rata vun der Populatioun, vun der Gemeng Déifferdeng an der Gemeng Péiteng bezuelt. Et ass eppes, wat mer fir d'Zukunft brauchen, wa mer dee Site weider developpéiere wëllen. En vue och, dass iergendwann eng Kéier zu Péiteng dann och dee Musée kënnt vun der CFL, wat dann natierlech wäert derzou bäidroen, dass sech nach méi Leit op deem Site do ophale wäerten. Dofir soen ech Iech elo scho Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Zu de Wuertmeldungen. Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Mir kënnen dat doten nëmmen ënnerstëtzen. D'Minièresbunn ass ee ganz wichtige Projet fir eis Gemeng a fir den Tourismus an eiser Gemeng. Selbstverständlech wäerte mer dat matstëmmen.

Am Kontext vum Tourismus an eiser Gemeng hätt ech eng Fro. Am Koalitionsaccord stoung et dran a mir haten och schonn driwwer rieds, datt eng Jugendherberg géif op Déifferdeng kommen eventuell. Wou si mer domadder drun? Well och dat spillt jo am Sënn vum Tourismus an am Sënn vun der Minièresbunn eng Roll. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Den Här Olten.

CLAUDE OLTEN (CSV):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Et si scho ganz vill Saachen heizou gesot ginn. Déi Leit am Minett Park Fond-de-Gras, déi maachen eng ganz gutt Aarbecht. Dowéinst komme vill Touristen dohinner. Elo gött een Agent technique agestellt. Déi Käschte ginn iwwerhol vum der Péitenger an der Déifferdenger Gemeng. Oder ass et Déifferdang – ech weess et elo net, do ware jo d'leschte Kéier Diskussiounen doriwwer.

(Gelaachs)

Et ass ee Patrimoine, dee musse mer esou virundreiwen. Mir hunn déi grouss Chance, dass mer dat an eisem Eck hei hunn. Mir ënnerstëtzen dat voll a ganz mat.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Vun déi Léng aus ass dat hei ze begréisen. D'Engagement vun der Minièresbunn ass bedeitend zënter Joerzénge a wichteg fir eise Patrimoine, awer och fir den Tourismus. Dat ass quasi e Service public, dee si do leeschte fir d'Allgemengheet zënter Joerzénge, wéi gesot. Dass d'Gemengen hei ganz an hirem Rôle sinn, fir si esou ze ënnerstëtzen, wéi mer dat hei maachen, ech mengen, dat ass absolutt justifiéiert.

Ech begréissen déi Saach a stëmmen dat mat. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller.

TOM ULVELING (CSV) présente une convention entre les communes de Pétange, Differdange et l'ASBL Minièresbunn pour l'embauche commune d'un agent technique. Il souligne l'importance de continuer à animer le Minett Park et explique que, malgré les nombreux bénévoles, un professionnel est nécessaire pour maintenir l'équipement en bon état et assurer des visites régulières. Le salaire sera partagé entre les deux communes au prorata de leur population, une nécessité dans la perspective du futur musée CFL à Pétange.

ERIC CILLIEN (DP) exprime son soutien au projet du train minier Minièresbunn, qu'il considère comme crucial pour la commune et son tourisme.

Il interroge ensuite sur l'état d'avancement du projet d'auberge de jeunesse mentionné dans l'accord de coalition, estimant que celle-ci jouerait également un rôle important pour le tourisme et le train minier.

CLAUDE OLTEN (CSV) souligne l'excellent travail réalisé par les responsables du Minett Park Fond-de-Gras, qui attire de nombreux touristes. Il évoque le recrutement de l'agent technique, dont les coûts seront pris en charge par les communes de Pétange et Differdange. Il considère ce patrimoine comme une grande chance pour la région et affirme le soutenir pleinement.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue l'engagement du train minier, qu'il juge important depuis des décennies tant pour le patrimoine que pour le tourisme. Il estime que ce service public pour la collectivité mérite le soutien des communes et approuve cette initiative qu'il considère comme parfaitement justifiée.

6. Actes et conventions

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit du soutien accordé au train minier, qui lui permettra de travailler de façon plus professionnelle.

Il précise que le Train 1900 bénéficie du même soutien dans le cadre du contrat concernant le Minett Park, avec également un agent pris en charge. Il mentionne l'implication importante de l'économie solidaire, avec le CIGL pour le train minier et ProActif pour le Train 1900, soulignant l'intérêt que ces activités touristiques représentent pour les générations actuelles et futures.

TOM ULVELING (CSV), en tant que président du Minett Park, informe que trois rencontres ont déjà eu lieu avec le nouveau ministre de la Culture sur le site. Ce dernier reconnaît la nécessité d'investir davantage dans ce patrimoine sidérurgique national.

Concernant la question de l'auberge de jeunesse soulevée par monsieur Cillien, il indique qu'à ce stade, la priorité est donnée à la promotion des gîtes-étapes existants, avec une brochure en cours de finalisation pour mettre en valeur les attractions de Differdange et Lasauvage. Il admet que l'établissement d'une auberge de jeunesse sera complexe et que ce projet n'est pas encore à l'étude.

(Vote)

JERRY HARTUNG (CSV) explique ensuite la nouvelle convention avec Servior concernant le service des repas sur roues, à la suite de la loi du 23 août 2023 réglementant les services pour personnes âgées.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir als LSAP kënnen dat do nëmme begreissen, dass d'Minièresbunn déi Ënnerstëtzung kritt. Dat erlaabt hinnen, méi professionell ze schaffen.

Et muss een iwwregens soen, dass den Train 1900 déi selwecht Ënnerstëtzung huet am Kader vum Kontrakt iwwer de Minett Park. Do ass ee gesamte Kontrakt. Do intervenéiere mer jo och mat enger Participatioun. An do ass och een Agent, deen do iwwerholl gëtt. Soudass mer hei am Fong gläichzéien.

Ech wollt awer och soen, dass do dernewent och nach um Niveau vun der Économie solidaire d'CIGL an de ProActif och do staark engagéiert sinn. De CIGL am Kader vun der Minièresbunn an de ProActif am Kader vum Train 1900. Soudass déi allgemeng Aarbechten um Bäibehale vun deenen Aktivitéite fir d'Zukunft fir déi haiteg Generatioun, awer och fir déi zukünfteg Generatioun, mengen ech, vu grousem Interesse sinn. Dat gesäit ee jo ëmmer erëm, wat fir een Interêt déi Aktivitéiten hunn am Kader vum Tourismus. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Wann et keng Wuertmeldung gëtt, ginn ech d'Wuert un den Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Als President vum Minett Park wollt ech soen, dass mer dräimol scho mam neie Minister vun der Kultur um Site waren. Hie gesäit och an, dass ee méi Suen an dee Site muss an Zukunft wäerte stiechen, fir dee weiderhin ze beliewen. Et ass e Patrimoine, géif ech soen, national sidérurgique. Et ass wichteg, dass mer dee Schrëtt hei elo maachen. Natierlech wäerte mer am Kader vum Minett Park kucken, fir weider Subventiounen ze kréien, fir dat Ganzt kënnen ze developpéieren, wéi ech virdru gesot hunn.

Wat den Tourismus ugeet, oder d'Jugendherberg, wat den Här Cillien gefrot huet, do ass et esou, dass mer à ce stade mol eis Gites d'étape, eis Zëm-

meren wäerte versichen ze propagéieren. Mir sinn amgaangen, eng Broschür erauszebréngen – déi ass bal fäerdeg, déi wäert Der deemnächst gewise kréien –, fir d'Leit op Déifferdeng ze kréien an op all déi Sehenswürdigkeiten, déi mer zu Lasauvage respektiv och hei zu Déifferdeng hunn, hinzeweisen. Och fir hinnen ze weisen, wou se kënnen iesse goen oder esou. Dat ass alles amgaangen.

Natierlech kann een an enger weiderer Etapp kucken, iergendwou eng Jugendherberg ze kréien. Dat wäert net esou einfach ginn. Mee à ce stade hu mer, muss ech éierlech soen, nach net un deem Projet geschafft.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Wann et weider keng Wuertmeldung dozou gëtt, kéime mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre les communes de Pétange, Differdange et l'ASBL Minièresbunn pour la prise en charge communale de frais salariaux d'un agent technique engagé par l'association.

Ech soen Iech Merci. Punkt 6f, eng Konventioun betreffend de Service Repas sur roues mat dem Service Servior. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Genee. Am Kader vum neie Gesetz vum 23. August 2023 bezüglech de Servicer fir Leit am drëtten a véierten Alter, deen d'Relatiounen tëscht dem Staat an den entsprecheende Prestatairë reegelt, hunn déi ënnerschiddlech Konventiounen respektiv Kontrakter missen ugepasst ginn.

An dësem Kontext ware souwuel mir wéi Servior am Kader vum eiser gemeinsamer Offer Repas sur roues zu Déifferdeng betraff.

6. Actes et conventions

Déi nei Konventioun mat Servior an déi nei Kontrakter mat de Clientë maachen d'Offer vum Repas sur Roues fir all Bedeelegter elo méi kloer, wie fir wat zoustänneg ass, wie wéini d'Kontaktpersoun ass.

Fir de Client ännert sech doduerch näischt. De Präis fir de Client bleift. Et ass jo 1:1 den Akafspräis, dee mir vu Servior fir d'essen an den Transport verrechent kréien. D'Fraise vun de Placken, fir d'esse sécher ze wiermen, iwwerhëlt d'Gemeng weiderhi ganz.

Servior hat proposéiert, d'Gestioun vun de Placken ze iwwerhuelen. Dat hätt ronn 25.000 Euro d'Joer kascht. Dat loosse mer awer an eisem Service, deem dat bis dato gutt geréiert huet an och weider maache wäert, mat engem Budgetartikel vu 15.000 Euro, fir d'Placken wann néideg ze flécken oder ze ersetzen.

Ech wëll preziséieren, datt mer wierklech eng gutt Zesummenaarbecht mat Servior hunn. Um Pabeier ass elo alles méi formell festgehalten, mee um Terrain ännert sech näischt. Et war wierklech ee gudden Echange, et kann ee just luewen alleguerten. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Gëtt et eng Wuertmeldung zu deenen Erklärungen? Nee, mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention d'adhésion au service de repas sur roues proposé par l'établissement public Servior.

Ech soen Iech Merci. Ech géif proposéieren, dass mer de Punkt 6g nach duerchhuelen an duerno eis géifen eng Paus vun zéng Minutte gënnen.

Am Punkt 6g geet et ëm dräi nei Kontrakter an de kreativen Espacen, wou sech dräi nei Firmaen nidderloossen. Et geet ëm ee Contrat de bail fir de Kesselbetrib, wou sech eng nei Gesellschaft niddergelooss huet an och schonn

Ouverture gefeiert huet. Den Detail vun deene Kontrakter ass op der Diffcloud.

Et ass am Fong geholl esou, dass déi Leit, déi ech dann och gesinn, ier mer iwwer de Kontrakt schwätzen, zréckbehale gi vum Comité de sélection. Do sinn da véier, fënnf Leit, déi sech mellen. Verschidde Leit erfëllen d'Krittären net oder bréngen d'Pabeieren net mat Zäiten erbäi. An da ginn déi Leit zréckbehale vum Comité de sélection. Ech passe mech ëmmer deem dann un. An da presentéieren ech Iech déi Kontrakter hei am Gemengerot.

An deem Zesummenhang seet de Kolleeg Ulveling mer hei Bescheid: Dir wësst jo, dass eis Responsabel vum Site eng nei Plaz unhuele wäert. Déi Plaz ass ausgeschriwwen, do hu mer deemnächst Gespréicher mat deene Leit, déi zréckbehale ginn, fir do een ze selektionéieren, deem am Januar de Posten als Responsabele vum 1535° iwwerhuele kann.

Et waren eng 37 Kandidaten erakomm. Dovu sinn der siwen zréckbehale ginn, déi d'Konditiounen erfëllen. Déi Interviewe féiere mer an deenen nächste Wochen. Soudass ech Iech am nächste Gemengerot den Numm virstellen, wie mer proposéieren op Suite vun de Selektiounsgespréicher, déi mer dann zesummen haten. D'Directrice, déi elo do ass, huet sech och zur Verfügung gestallt, d'autant plus de Service personnel a meng Wéinegkeet. Mir wäerte kucken, fir do déi beschtméiglech Selektioun ze treffen.

Dat gesot als Informatioun, géif ech Iech bidden, déi aner dräi Kontrakter ze stëmmen. Merci. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Nee, mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial pour le « Kesselbetrieb Concept Store » avec « Phoebe SARL ».

Cette convention clarifie les responsabilités de chaque partie sans modifier les conditions pour les clients, le prix restant inchangé. Il précise que la commune continuera à prendre en charge les frais des plaques chauffantes plutôt que de confier cette gestion à SERVIOR, ce qui permettra une économie de 10 000 euros. Il conclut en saluant l'excellente collaboration avec Servior.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) propose de traiter le point 6g) avant de faire une pause de dix minutes. Ce point concerne trois nouveaux contrats dans des espaces créatifs et un contrat de bail dans une ancienne chaufferie, où une nouvelle société s'est déjà installée. Les détails des contrats sont disponibles sur Diffcloud.

Il explique que les candidats sont sélectionnés par un comité, qui retient ceux qui remplissent les critères requis.

Il informe également que la responsable du site 1535° a démissionné. Son poste a été publié et des entretiens sont prévus prochainement avec 7 candidats retenus sur 37 candidatures reçues. Il présentera le nom du candidat choisi lors du prochain conseil communal. L'actuelle directrice s'est mise à disposition pour faciliter cette transition.

Il demande ensuite de voter sur les trois contrats.

(Vote)

(Pause)

6. Actes et conventions

Guy Altmeisch reprend avec le point 6 h) concernant un contrat de bail commercial dans la résidence Lara et donne la parole à monsieur Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) explique que la commune loue un bureau de 53,5 m² dans la résidence LARA, située sur la Grand-rue. Ce local, anciennement occupé par le service Senior Plus, sera loué à madame Stéphanie Guérisse, écrivaine publique et conseillère juridique pour la commune. L'emplacement est stratégique, car proche de l'office social et du département du vivre-ensemble.

Le loyer est fixé à 970 € hors charges pour la surface de bureau plus deux places de stationnement à 100 € chacune, soit un total de 1170 € hors charges. Le contrat date du 15 novembre, court pendant un an et peut être automatiquement renouvelé. Le prix est indexé.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe ensuite au point 6i) concernant un contrat de bail commercial avec la maison Moderne au 30, avenue de la Liberté. Il remercie tous ceux qui ont contribué à faire avancer ce projet rapidement et avec des moyens budgétaires limités.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec « Button Up SÀRLS » concernant un espace de création.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec monsieur Samuel Levy concernant un espace de création.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec « Tijo Studio SÀRL » concernant un espace de création.

Ech soen Iech Merci. Da géife mer zéng Minutte Paus maachen. An da géife mer erëm frësch unzéien.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Musse mer driwwer ofstëmmen, Här Buergermeeschter?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee.

(Paus)

Mir fuere viru mat eisem Ordre du jour mam Punkt 6h, ee Contrat de bail commercial an der Résidence Lara. Ech géif dofir dem Här Hartung d'Wuert ginn, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. An der Résidence Lara an der Grousstrooss verloune mer ee Büro, dee bis ewell eidel stoung: 53,5 Meterkaree, opgedeelt op zwee Raim, eng Entrée an eng kleng Toilette.

Dir kennt d'Lokal vu fréier, wou eise Service Senior Plus dra war. Fir si war et ze kleng ginn.

D'Ufro koum vun der Madamm Stéphanie Guérisse, déi fir d'Gemeng den Écrivain public an de Conseil juridique iwwerhëlt. Dës Plaz mécht Sënn, well si hei no beim Office social a Service Vivre-ensemble ass.

Mir brauchen d'Fläch net méi, well se ze kleng ass. Fir si passt et, ouni iergendwellech Embaumarbechten.

Als Independant bezilt si den normale Marchéspräis, 970 Euro hors charges fir d'Bürosfläch plus zwou Stellplaze fir jee 100 Euro. Insgesamt 1.170 Euro hors charges.

De Kontrakt datéiert op de 15. November leeft ee Joer a kann automatesch verlängert ginn. De Präis ass indexéiert. Ech bieden Iech, dëst wannechgelift matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu där Locatioun? Mir ginn iwwer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec maître Stéphanie Guérisse d'un local situé dans la résidence Lara située au no 13, Grand-rue à Differdange.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 6i ass e Contrat de bail commercial vun der Maison Moderne op 30, Avenue de la Liberté zu Déifferdeng. Wat mer verlount hunn. De Contrat de bail ass op der Diffcloud. Ech ginn herno am Detail drop an.

Ech wëll direkt vun der Geleeënheet profitieren, fir alleguer deene Leit Merci ze soen, déi tatkräfteg ugepaakt hunn, fir dee Projet esou séier virunzedreiwen, virun allem mat deene budgetäre Moyenen, déi mer zur Verfügung haten.aA wou immens gutt geschafft ginn ass, net ze deier, a wierklech all Frang dräimol emgedréit ginn ass, fir eng rasonabel Balance ze fannen.

6. Actes et conventions

Dee ganze Projet, dee mer verlounen, huet eng Gréisst vun 223 Meterkaree an déi Locatioun géif den 1. Januar 2025 ulafen.

Wéi schonn e puermol erwäant haut, handelt et sech ëm e Café culturel. Wat momentan renovéiert gëtt, oder an der Renovatiounsofschlossphas ass, loosse mer et esou nennen, ass de Rez-de-chaussée an den éischte Stack, mat PMR-Zougang zur Säit vun der Liberté, dee bäigefügt ginn ass, well déi aner Entrée war net dofir gëeegent.

Mir géifen dat verlounen an ufänke mat engem Loyer vun 3.200 Euro monatlech a géifen deen da steigere bis 3.600 Euro dat Joer drop fir den 1. Januar.

Et gëtt en État des lieux gemaach. Mir hunn dës Ëftere Kontakt mat deem Locataire, mat senger Gehilfen a mat deene Leit, déi mer hëllefen, fir dat Ganz ze realiséieren. Dat gesäit sech alles positiv un – positiv fir d'Stad an och positiv fir d'Integratioun vun deem Projet an déi ganz Studentewelt, déi mer op deem Eck wäerte begéinen. An och eng Plus-value fir eis Leit, déi ronderëm de Park wunnen, wann dat erëm méi beliebt ass.

Dat gesot, sinn ech bereet, Är Froen ze beäntweren, wann Der Froen hutt oder zousätzlech Informatiounen braucht. Madamm Pregno, wannechge-lift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmoools merci fir d'Wuert a villmoools merci fir déi Detailler. Mir hätten e puer Froen zu dem Background vun deem Café – Café M-TISS, mengen ech, heescht e jo. Ech hat gelies, dass et e Café war, deen zënter 2018 zu Metz etabliert war, relativ erfollegräich, a wéinst enger blöder Geschicht huet mussen zoumaachen. Ëmsou méi flott, wann esou eppes op Déifferdeng komme kann.

Mir froen eis just, wéi et mam Sproochebackground ass, well et ass jo dann ee Café littéraire. Den Här kënnt aus Frankräich, mir hu jo ee ganz anere Sproochebackground hei zu Déifferdeng, wéi dat vläicht zu Metz de Fall ass. Ass dem Monsieur dat bewosst?

Ech denke schonn, mee wat si seng Outilen, fir domadder ëmzegoen? Dat war déi éischt Fro.

Ee Loyer vun 3.200 Euro respektiv 3.600 Euro ass warscheinlech ee gerechtfäerdigte Loyer. Awer och een héije Loyer. Dat heescht, de Businessplang muss da wierklech funktionéieren. Wéi gesäit deen aus? Mir gesinn dee jo net. Kéint Der eis dozou e puer Detailler ginn, wéi den Här seng Recettë maache wëll.

Ee Punkt, deen eis e bësse stéiert oder e bësse stutzeg mécht: Mir fänken u mat engem Loyer vu 14,35 Euro de Meterkaree, no engem Joer geet en op 3.600 Euro erop. Wann ech dat ausrechnen, mécht dat 16,14 Euro de Meterkaree.

Mir hunn ee Restaurant op der Maartplaz, wou de Präis gestaffelt gouf, wat eng gutt Saach ass. Do hu mer 8, 12, 15 Euro de Meterkaree gemaach. Mir hunn ee Buttek an der Foussgängerzon, do hu mer 12, 13, 14 Euro de Meterkaree. Wou kommen déi Ënnerscheeder hier vun der Präisstaffelung?

Hei ass ee ganz aneren Astiegspräis. A mir wësse jo awer, dass den Challenge deen nämmlechten ass. Dir hutt vläicht eng Erklärung, mee deen Ufankspräis ass immens héich. Mir wëlle jo awer, dass et eng Reussite gëtt. Mir wëllen him keng Steng an de Wee leeën. A säin Job ass warscheinlech schwierereg.

Mir wëssen, dass d'Commercewelt zu Déifferdeng oder d'Landschaft ass, déi se ass. A mir si jo frou, wa mer nohalte schaffen an déi Leit, déi scho kommen – ech mengen et ass schwierereg – och sur place ze halen. Wann Der eis kéint Erklärungen ginn, wouhier déi Ënnerscheeder kommen? U sech sollt jo jiddereen déi nämmlechte Chance kréien. Dir hutt bestëmmt super gutt Erklärungen fir eis. Mir soe Merci am Viraus.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir dat Vertrauen, wat Der an eis hutt, all déi super gutt Rotschléi. Ech kann Iech just confirméieren, dass mer – Här Krecké, Dir musst mech zréckhuelen, wann et net richteg ass – dräi, véier Reuniounen mam Mann selwer haten a mat sengen

L'espace loué fait 223 m² et la location commencera le 1^{er} janvier 2025.

Il s'agit d'un café culturel, dont le rez-de-chaussée et le premier étage sont en fin de rénovation, avec un accès PMR ajouté du côté de l'avenue de la Liberté. Le loyer initial est fixé à 3200 € par mois, augmentant à 3600 € l'année prochaine. Il mentionne que ce projet sera bénéfique pour la ville, pour le monde étudiant et pour les habitants des environs.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) pose des questions sur le café M-TISS, qui était auparavant établi à Metz depuis 2018. Elle s'interroge sur l'aspect linguistique, le propriétaire venant de France alors que Differdange a un contexte linguistique très différent.

Elle note également que le loyer est élevé (14,35 €/m², puis 16,14 €/m²) et demande des détails sur le « business plan ». Elle compare avec d'autres locations commerciales de la ville, qui bénéficient de tarifs échelonnés plus bas (8-12-15 €/m² pour un restaurant sur la place du Marché, 12-13-14 €/m² pour une boutique en zone piétonne). Elle s'interroge sur ces différences de tarification et sur l'équité des chances accordées à chaque commerçant.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie le conseil communal pour la confiance et les conseils reçus. Il confirme avoir eu trois ou quatre réunions avec le commerçant et ses associés, qui ont expliqué pourquoi ils ont choisi Differdange plutôt que Metz.

6. Actes et conventions

En ce qui concerne le loyer, qui est une question importante puisqu'il s'agit de fonds publics que la commune doit gérer avec parcimonie, le commerçant a accepté de le payer. La commune s'engage à le soutenir par tous les moyens possibles, notamment en organisant le Café des langues dans ses locaux, ce qui lui permettra de rencontrer d'autres personnes et de mieux connaître Differdange.

Le bourgmestre souligne que ce commerçant est ouvert, connaît déjà la situation difficile à Differdange et ne se lance pas à l'aveuglette. La commune lui a promis son soutien et l'a encouragé à venir discuter dès les premiers signes de problèmes, sans attendre que la situation devienne critique.

Pour déterminer le prix du loyer, plusieurs facteurs sont pris en compte: l'investissement initial pour l'achat du bâtiment, qui n'était pas bon marché, les coûts de rénovation, les efforts pour l'isolation et le respect des normes climatiques. L'emplacement est considéré comme l'un des meilleurs de la ville, avec une excellente exposition.

Le type de commerce influence également le prix, un restaurant ne pouvant être facturé comme une boutique de vêtements.

ERNY MULLER (LSAP) partage les préoccupations de madame Pregno concernant le développement commercial. Il considère que ce projet représente une plus-value excellente pour la ville, particulièrement pour le vieux centre, et devrait devenir un lieu de rencontre pour les étudiants et pour l'« afterwork ». Il propose personnellement d'aider le commerçant en établissant des contacts dans les milieux avec lesquels il souhaite collaborer, comme l'école de blues, la scène jazz ou d'autres activités qui intéressent les jeunes et le public en général.

Associéen. Si hunn eis d'Geschicht erzielt, wéi Dir wuel sot, vu Metz, firwat dat net gaangen ass a firwat e sech fir Déifferdeng entscheet huet.

An ech muss soen, wéi mer iwwer de Loyer geschwat hunn – et ass natierlech eng wichteg Fro, well mir jo wëssen, wat mir fir d'Allgemengheet investéieren. Et si jo ëmmer Steiergelder. An Dir wësst, eis Politik ass dorop aus, fir awer esou spuksam wéi méiglech mat deene Suen ëmzegoen. Dee Mann war direkt d'accord, fir dee Loyer ze bezuelen.

Mir waren eis all eens an deene Reuniounen, fir hie kommunal mat all eise Méiglechkeeten, déi mer hunn, esou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen. Ënner anerem ass dovu geschwat ginn, fir de Café des langues, zum Beispill, bei him a sengen Ërtlechkeeten ze maachen. Wat jo och eng Saach ass, wou hie selwer a Gespräicher déi aner Leit kenneléiert, eng Ouverture fir hien ass, fir Déifferdeng kennenzeléieren.

Et ass e Commerçant, dee ganz oppen ass, dee sech schonn der Situatioun bewosst ass an Déifferdeng och kennt, andeem en e puermol hei war. An e weess och, wéi schwierig d'Situatioun ass. Also hie spréngt elo net hei an d'kaalt Waasser.

Selbstverständlech si mir ëmmer bereet, dozou bäizedroen, fir dass en déi Hürd packt. Mir wëlle jo net een esou widder d'Mauer bréngen, dass en op eemol net méi no hannen a vir kënnt.

Mir hunn em versprach, wa Probleemer entstoe géifen oder et géif ze enk ginn, dass en zu all Moment kéint bei eis kommen, fir ze diskutéieren. A mir hunn em och un d'Häerz geluecht, dass en net soll waarden, bis d'Waasser um éischte Stack steet, fir bei eis ze kommen, fir no Léisungen ze sichen. Mir sinn eis där Saach bewosst.

Wat ech nach wëll soen zum Loyer-spräis, dem Meterkareespräis: Wat mer do e bësse kucken, dat ass éischstens den Invest, dee mer gemaach hunn als Gemeng, fir d'Haus ze kafen. Wat jo och eng wichteg Saach ass, well mer jo och net bëlleg bezuelt haten, dee Moment, fir d'Haus. Et ass en alen Objet. Et ass een Objet, deen an der Renovatioun awer nach vill Geld kascht huet. Wou mer och musse

kucken, dass mer et klimagerecht gemaach kréien, e bësse isoléiert kréie mat deene Moyenen, déi mer hunn. Well, wat mir jo méi do drastiechen, wat mer jo ëmmer méi an Zuchzwang kommen, fir méi een deiere Loyer ze froen.

Da kucke mer: Respektéiere mer d'Lag, wou et ass? Wéi do déi kommerziell Lag ass? Dat do ass eng, géif ech soen, vun deene beschte Lagen an déi schéinsten Expositioun, déi mer hunn. Dofir si mer frou, wa mer ee Locataire fannen, deen iwwerlieft an deen och op eis Ënnerstëtzung kann zielen. An och, dass mer déi Plaz déi virdrun ass, e bësse beliebt kréie mat deem, wat an deem Café littéraire entsteet.

Mir si voller Vertrauen. A wat natierlech och ëmmer ausschlaggebend ass, wat de Präis och beaflosst, dat ass, deemno wat fir ee Commerce et ass. Et kann ee jo net dat selwecht froe fir ee Restaurateur oder fir ee Kleederbuttek oder esou. Do loosse mer eis beaflossen, wéi gesot, vun deenen Ursaachen, déi ech Iech elo gezielt hunn.

Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hu mer déi selwecht Gedanke gemaach wéi d'Madamm Pregno. Mir ass och dru geleeën, dass mer mat eiser geschäftlecher Entwécklung virukommen. Dat hei soll eng Plus-value par excellence gi fir eis Stad. Virun allem deen Deel vun der Stad, dat heescht deen alen Zentrum, wou mer jo gären esou eppes hätten.

A wou mer och wëllen, wéi ech scho virdru gesot hunn, dat et och ee Lieu de rencontre soll gi fir Studenten, fir en Afterwork, nieft all deenen aneren, déi bestinn. Ech mengen, jiddweree muss selwer e gewëssenen Input ginn, e Commerçant, fir dass en och déi Clienten dann dohi kritt.

Mee ech wollt och proposéieren, an dat hutt Der schonn e bësse gemaach, Här Buergermeeschter, fir deem Mann entgéintzekommen. Ech hu mech perséinlech ugebueden, ech hëllefen him, Kontakter ze maachen zu deenen Zeenen, mat deenen hie schaffe wëll. Sief dat d'Blues-Schoul, sief dat Jazz-Aktivitéi-

6. Actes et conventions

ten oder anerer an där Richtung, wat déi jonk Leit interesséiert an och de Publik allgemeng. Wat jo och derzou bäidréit, sai Commerce ze droen.

Ech mengen, wa mir esou eng Partnerschaft maachen, musse mer natierlech oppassen, dass mer net ze vill deloyal Konkurrenz maachen. Et geet zwar em eist Gebai, mee et besteet och eng Konkurrenz op deem Niveau, do daerfe mer net deloyal Konkurrenz maachen.

Mee op där anerer Sait kenne mir Aktivitéiten auslageren am Beräich Kultur an esou weider, zum Beispill hu mir jo och eis Lundi-littéraires. Ech well net soen, dass all Lundi littéraire misst do stattfannen, mee een-, zweemol am Joer.

Ech hunn déi Persoun kennegeleiert, Madamm Pregno. Et huet mech gewonnenert, wéi gutt dass déi Lëtzebuerg kennt, also Lëtzebuerg allgemeng an och d'Zeen. Hien ass schonn als Theaterschauspiller a Stand-up-Comedian hei opgetrueden, och am Ale Stadhaus, nëmme fir Iech ze soen. Am Theater, a lëtzebuergesche Gruppen huet e matgemaach.

E schéngt dat besser ze kennen a méi ze wëssen, wat hei zu Lëtzebuerg ass, wéi ee kéint allgemeng unhuelen, och wann en, wéi Dir sot, bei Metz wunnt oder Diddenuewen. Wéi gesot, et ass awer eng Persoun, déi ganz genoe weess, wat hei zu Lëtzebuerg lass ass. Dat nach niewebäi.

Perséinlech sinn ech frou, dass mer op dee Wee gaange sinn. Et war jo och net ganz kloer, wat fir eng Aktivitéit do erakéim. Perséinlech begrëissen ech dat, dass mer eis dofir entscheet hunn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Vu menger Sait aus begrëissen ech, wat den Här Muller grad gesot huet, dass mer an eng aner Richtung ginn, wéi et deelweis ugeduecht war. Do war geschwat gi vun Ekipement fir Motorrieder oder

fir ganz aner Saachen. Woubäi dat heiten e bësse méi an déi Richtung geet vun deem, wat erauskomm ass bei deem participative Prozess. Dat ass ze begrëissen.

En effet stellt sech d'Fro vum Präis. D'autant plus, well manner Méiglechkeeten awer do sinn. Hei ass keng professionell Kichen, wou s de elo grouss Restauratioun maache kanns. Jiddefalls ass dat dat, vun deem mer ausgaange sinn, wéi d'Gemengeservicer dorunner geschafft hunn an d'Leit aus de Kommissiounen an aus dem Gemenget, wat een do ka maachen. Ausser Dir hutt elo eng Kichen do en place gesat, mat deenen een X Menüen zerwéiere ka pro Dag. Da musst Der eis déi Informatioun ginn, well déi hu mer am Moment net. An da bezilt een awer méi hei wéi enzwousch, wou een esou eng Kichen huet.

Ob d'Lag besser ass op der Maartplaz wéi beim Parc Gerlache, dat woen ech awer e bësse a Fro ze stellen. D'Maartplaz ass bekannt dofir, dass do eng Restauratioun ass an deen doten Eck net onbedéngt. Et wär gutt, wann et erëm dozou komme géif.

Et ass ee Projet, deen dat Potenzial huet, mee et ass kee Selbstläufer. Menger Meenung no sollt ee méi a Stufe virgoen an där Persoun am Ufank e bësse méi Zäit ginn, fir dass d'Leit sech emol iwwerhaapt dru winnen, dass erëm eppes op ass. Well do war virdrun ee Kleedergeschäft, dat ass keen Eck, dee bekannt ass fir Restauratioun. Virun enger Zäitche war do ee Restaurant, mee deen ass jo och net méi zu Déifferdeng. Ech hunn do déi nämmlechte Fro, wéi déi, déi gestallt ginn ass. An d'Explikatiounen iwwerzeege mech och net ganz.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech mengen, jiddwereen heibannen a jiddwereen, deen eis nolauschtert, ass gefuerdert, fir dat do ze ennerstetzen, fir dass mer dat um Liewe behalen.

Ursaach méi, dass mer eis zesummesetzen a kucken, wann Dir esou skeptesch sidd – wat ech awer vu menger Sait net sinn –, fir dee Mann ze ennerstetzen. Et wäert wuel eng Erausforderung ginn,

Bien qu'il faille éviter toute concurrence déloyale, la commune pourrait délocaliser certaines activités culturelles dans ce lieu, comme les Lundis littéraires, une ou deux fois par an.

Erny Muller a rencontré cette personne et a été impressionné par sa connaissance du Luxembourg et de la scène culturelle locale. Il précise que le commerçant est acteur, fait de la comédie de standup, s'est déjà produit à l'Aalt Stadhaus et a participé à des groupes de théâtre luxembourgeois. Bien qu'habitant près de Metz ou à Audun-le-Tiche, il connaît parfaitement ce qui se passe au Luxembourg.

Erny Muller se réjouit personnellement de l'orientation prise.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) apprécie que le projet prenne une direction différente de celle initialement envisagée, qui concernait des équipements pour motocyclettes ou d'autres activités. Cette nouvelle orientation correspond davantage aux résultats du processus participatif, ce qu'il salue.

Il soulève néanmoins la question du prix, d'autant plus que les possibilités sont limitées. Il rappelle qu'à sa connaissance, le lieu ne dispose pas d'une cuisine professionnelle permettant une grande restauration. Il demande si une cuisine a finalement été installée, car, autrement, le loyer serait plus élevé ici que dans un autre établissement équipé d'une telle infrastructure.

Gary Diderich remet en question la pertinence de l'emplacement sur la place du Marché par rapport au parc Gerlache. Il souligne que la place du Marché est connue pour sa restauration, contrairement à l'autre emplacement. Selon lui, ce projet a du potentiel, mais n'est pas garanti de réussir.

Il recommande de procéder par étapes et d'accorder davantage de temps au début pour que les gens s'habituent à cette réouverture, rappelant qu'il y avait auparavant un magasin de vêtements et que ce lieu n'est pas associé à la restauration dans l'esprit du public.

GUY ALTMEISCH (LSAP) encourage tout le monde à soutenir ce projet pour le maintenir vivant. Il se

6. Actes et conventions

montre moins sceptique que son collègue et affirme sa confiance malgré les défis à venir.

Il conteste l'argument concernant l'emplacement en rappelant que « La Charbonnade », un restaurant bien connu, se trouvait à seulement dix mètres de là, soulignant que cette distance n'est pas significative pour les clients potentiels.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise qu'il n'y a pas de scepticisme vis-à-vis du projet lui-même, mais plutôt des interrogations sur l'échelonnement du loyer. Elle constate qu'un commerce sur la place du Marché a bénéficié d'un loyer réduit et échelonné, et demande pourquoi ce commerçant ne pourrait pas profiter des mêmes conditions.

Elle conteste l'argument de l'emplacement avantageux en soulignant que la place du Marché attire naturellement les gens, contrairement à cet endroit, qui est resté longtemps sans activité.

Elle insiste sur le fait que son groupe soutient le projet, mais demande simplement une réduction ou un échelonnement du loyer comparable à ce qui a été accordé à d'autres commerces de restauration.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond en mettant en avant l'attractivité de la place du Marché, qui commence à reprendre vie, ainsi que le parc voisin, où les familles apprécieraient de trouver une terrasse.

Concernant la cuisine, il précise qu'ils n'ont pas installé d'équipement professionnel, car le bâtiment ne s'y prêtait pas, mais qu'une cuisine aux normes de l'ITM est disponible pour préparer des petits plats. Pour le loyer, il explique que le montant résulte des discussions avec le futur exploitant et que des ajustements restent possibles si nécessaire. Il rappelle que l'exploitation commencera le 1^{er} janvier 2025.

(Vote)

mee ech stinn där Saach awer positiv géintiwwer.

Wat Der gesot hutt, deen Eck ass net bekannt als Restauratioun. Gi mer zéng Meter méi wäit, do hate mer La Charbonnade, dat war awer ee Restaurant, dee gutt bekannt war, an deen och gutt – ech schwätze vun zéng Meter, Här Diderich. Hautdesdaags ass dat dach keng Distanz, och net fir d'Leit, déi wëllen iesse goen.

Mee ech mengen, loosse mer mol kucken. Madamm Pregno, nach eng Iddi?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Nee, keng Iddi, just d'Iddien oder d'Wierder ginn e bëssen ëmgedréit, Här Altmeisch. Et huet keen hei Skeptizismus um Projet virgeluecht. Mir hunn d'Staffellung vum Loyer a Fro gestallt. Dorëms geet et.

A wann Dir sot, d'Lag wär, ech weess net, wat alles, wat Dir virgesot hutt, mee Fakt ass, dass ee Commerce op der Maartplaz ee méi niddreg ugesate Loyer krut, en anescht gestaffelten. A mir froen eis: Firwat maacht Der dat net och hei? Firwat gitt Der deem Monsieur oder deem Commerce net déi Chance, fir och déi nämmlecht Opportunitéit ze hunn?

Ech mengen, dat huet näischt mat dem Inhalt vum Projet ze dinn. Et huet mat der Staffelung vum Präis ze dinn.

A wann Dir sot, dat Emplacement, deen Endroit ass vill méi avantagéis, ech gesinn dat net esou. Et ass eng super wonnerschéi Plaz, mee déi aner Sait sidd Der op enger Maartplaz, wou d'Leit anescht dohinner drainéiert gi wéi hei op deen Eck. Wou mer awer wëssen, dass et ganz laang Zäit e bëssen dout awer war, wou dee Parvis jo och net bespilt ginn ass.

Natierlech waren do Restauranten, mee déi Restaurante sinn net méi do, scho Joren. An Dir musst jo nei Gewunnechte kreéiere vun de Leit. Dir kënnt jo net un eppes uknäppen, wat schonn do ass. Op der Maartplaz, dat Lokal war ëmmer erëm un an aus, mee et waren awer gefestegt Gewunnechten do, déi Der bespille kënnt, mat Fester,

déi op der Maartplaz sinn, eng Terrass, déi bespilt gëtt, déi awer existent ass.

Mir schwätze jo net géint de Projet, mir schwätze fir de Projet a froen einfach: Setzt dee Loyer erof. Oder staffelt en op d'mannst esou, wéi Der et och fir aner Commercen an der Restauratioun maacht oder gemaach ginn ass. Dat ass ganz kloer d'Ausso. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Informatiounen. Ech wëll dozou awer nach soen, mir hunn eng Maartplaz, déi ganz attraktiv ass. An déi och elo erëm ufänkt, nach méi Liewen ze kréien, obscho se laang dout war virdrun. A mer hunn awer hei niewendrun ee Park, wat och een attraktive Site ass fir d'Leit, wa se mat hire Kanner do sinn an och frou sinn, dass se da mol eng Terrass kënne begéinen, wou se kënne mat hire Kanner higoen an dann eng Klenggekeet iessen.

Zu der Kichen, et war ee Moment vun der Kiche rieds: Also mir hu keng professionell Kichen dragesat, d'Gebai huet dat net hiergi vun der Gréisst an och vun der Struktur hier. Et ass eng Kichen do, fir Klenggekeeten ze kachen. An déi ass och esou ageriicht, dass se ITM-gerecht ass an esou viru fir déi Gréisst vu Lokal.

De Loyer, vun deem Der schwätzt, dat ass dat, wat an deene Gespréicher, déi mer mam Futur exploitant haten, erauskomm ass. Ech géif dem Här Krecké nach d'Wuert ginn, fir den Detail vun deene Reuniounen nach eng Kéier bäizeflécken, wann ech do eppes vergiess hunn.

Wéi gesot, et ass och esou, mir hunn dem Mann all Méiglechkeet opgelooss, wann et net géing, dass mer da kënne upassen. Mee loosse mer mol ufänken a kucken, wéi sech déi Saach entwéckelt. Hie fänkt jo den 1. Januar 2025 un.

Gëtt et nach Wuertmeldungen dozou? Nee, mir kënne zur Ofstëmmung kommen.

6. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec «M-Tiss Café culturel» d'un local situé dans l'immeuble connu sous la dénomination maison Moderne situé an no 30, avenue de la Liberté à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Punkt 6j, ee Contrat de location vun eisen Toituren. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, och hei gesitt Der, dass d'CSV vill schafft.

(Gelaachs)

Nämlech starte mer eng reegelrecht Offensiv am Kader vun NetZeroCities fir eist Zil, wat mer eis gesat hunn, nämlech 100 % erneierbar Energie ze produzéieren an an dësem Beräich bis 2030 autark ze ginn.

Dir hutt hei eng Opstellung vun eisem neie Mataarbechter, vun deem mer virdru geschwat hunn, dee wierklech obsessiv, muss ee bal soen, no neie Plazen, neie Méiglechkeete gesicht huet hei zu Déifferdeng, fir net nëmme Photovoltaikanlagen, mee och Anlage fir Elektrobornen an Agrophotovoltaik-Saachen hei u Land ze zéien. An dat gesäit relativ gutt aus.

Mir hunn à ce stade fënnef Anlage mat enger gesamter Puissance vun 822,75 Kilowatt-Peak. Haut hu mer e Kontrakt da virleien iwver Diech op véier verschiddene Plazen, de Centre sportif Uewerkuer, de CID, de Campus um Bock an de Centre aquatique Aquasud. Déi wäerten ëm déi selwecht Leeschtung, 854 Kilowatt-Peak, zesumme kënnen bréngen. Dat heescht, mat dëse véier Kontrakter verduebele mer eis Puissance, déi mer bis dato haten.

An Dir gesitt op deem Listing, wa mer dat alles esou, wéi mer dat ugeduecht hunn, realiséiere kënnen, da kéime mer op eng Gesamtproduktioun vu 5.685 Kilowatt-Peak. Wat also ee Facteur

néng ass, wou mer wäerten zousätzlech hei Energie produzéieren.

Et muss ee soen, dass mer bis dato Energie produzéiert hu fir ongeféier 200 Haushalter. Wa mer fäerdeg sinn, rechne mer, dass mer bei 1.300 Haushalter sinn, fir déi mer Energie produzéiere kënnen. Wat jo net näischt ass.

D'Kontrakter sinn alleguerten d'selwecht. Et handelt sech ëm Anlagen, déi op den Diech vun deene jeeweilege Sitte, déi ech Iech virdru genannt hunn, opgeriicht ginn.

Mer wäerten do eng kleng Recette hunn, keng ganz grouss, well den Invest natierlech vun deem, deem dat duerno bedreift, enorm ass. Soudass mer eng kleng Recette hu vu 7,5 Euro Kilowatt-Peak pro Joer. Dat heescht an dësem Fall, fir déi véier Kontrakter zesummen, hunn ech emol ausgerechent, mécht dat ongeféier 6.405 Euro pro Joer aus.

Mee den Avantage dovunner ass, dass mir no zwanzeg Joer – déi Kontrakter lafen op zwanzeg Joer – déi Anlagen, respektiv dat, wat nach funktionéiert vun deenen, iwverhuele fir den Euro symbolique. Wat jo och net oninteressant ass. Well déi Solarpanelen u sech sinn net dat Deierst vun där ganzer Geschicht. Mee wann een déi no zwanzeg Joer misst ersetzen, sinn déi ganz Installatiounskäschte am Fong dat, wat an d'Geld schléit. Soudatt ech Iech biede géif, dës véier Kontrakter guttzeheeschen. Ech mengen, mir kéinte se en bloc ofstëmmen.

Merci un deem Här Reder, dee sech do wierklech erageknéit huet, mam But och, fir Elektrobornen opzeriichten. Dat sinn déi nächst Kontrakter, déi wäerte kommen, fir Déifferdeng erëm op d'Landkaart ze setze vun Elektrobornen. Wou Leit kënnen Elektresch tanke kommen. An do, mengen ech, si mer um gudden Wee. Ech géif Iech bidden, dat guttzeheeschen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Den Här Diderich.

TOM ULVELING (CSV) présente ensuite un contrat de location de toitures dans le cadre de l'initiative NetZeroCities. Il annonce une offensive pour atteindre l'objectif de 100 % d'énergie renouvelable et d'autonomie énergétique d'ici 2030.

Il détaille les efforts d'un nouveau collaborateur qui a identifié des emplacements pour des installations photovoltaïques, des bornes électriques et des systèmes agrophotovoltaïques. Il précise que la commune dispose actuellement de cinq installations totalisant 822,75 kW-crête et que les quatre nouveaux sites fourniront environ 854 kW-crête supplémentaires, doublant ainsi la capacité. À terme, si tous les projets se concrétisent, la production atteindra 5685 kW-crête, soit neuf fois plus d'énergie qu'actuellement.

Tom Ulveling explique que la commune produit actuellement de l'énergie pour environ 200 ménages et qu'une fois le projet terminé, ce chiffre atteindra 1300 ménages. Il précise que tous les contrats sont identiques et concernent des installations sur les toits des sites mentionnés précédemment. La commune percevra une recette de 7,5 € par kilowatt-crête par an, soit environ 6405 € annuels pour les quatre contrats combinés. L'avantage majeur réside dans le fait qu'après vingt ans, la durée des contrats, la commune pourra récupérer les installations pour l'euro symbolique. Il souligne que ce ne sont pas les panneaux solaires, qui constituent l'investissement le plus coûteux, mais les frais d'installation.

Il mentionne également les projets de bornes de recharge électrique, qui remettront Differdange sur la carte des lieux où l'on peut recharger des véhicules électriques.

6. Actes et conventions

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue les progrès dans l'installation de systèmes photovoltaïques sur les toits. Il apprécie l'aperçu complet des différents acteurs impliqués dans le projet. Il considère SUDenergie comme un excellent partenaire, étant donné que la commune y détient des parts, ce qui permet un acteur public capable de vendre directement de l'électricité indépendamment des marchés. Il souligne l'importance de cette indépendance face aux augmentations de prix actuelles et affirme soutenir pleinement ce projet.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *rejoint les propos de monsieur Diderich et apprécie le document reçu, qui offre une vision claire des installations existantes, de leur production et des projets en cours. Elle estime que cela démontre le potentiel existant et la direction à suivre dans les années à venir.*

Elle s'interroge cependant sur l'absence de participation citoyenne dans les nouveaux projets, alors que les installations précédentes au stade et au 1535° Creative Hub ont connu un grand succès auprès des habitants. Elle rappelle que de nombreux résidents de Differdange ne peuvent pas installer des panneaux solaires sur leurs propres toits, notamment en copropriété ou en raison d'une mauvaise orientation. Une participation citoyenne permettrait à chacun de réduire son empreinte carbone tout en réalisant un investissement financièrement sûr.

ERNY MULLER (LSAP) *approuve l'expansion du photovoltaïque et l'élan actuel. Il constate qu'avec davantage de personnel qualifié, la commune peut avancer plus rapidement et efficacement. Il s'interroge sur la mise en œuvre pratique des projets sur les deux parkings mentionnés et sur l'utilisation future d'autres parkings, généralement bien exposés au soleil et offrant potentiellement un bon rendement.*

GUY TEMPELS (CSV) *considère ce point de manière très positive. Il note que la commune s'est fixé des objectifs ambitieux, qu'elle s'efforce d'atteindre. Il se réjouit de*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat kann een nëmme begreissen, dass mer weiderkommen, op den Diech Solaranlagen ze installéieren. Ech begreissen och, dass mer déi komplett Opstellung kritt hu vun de verschiddeenen Acteuren, mat deene mer dat maachen. Sudenergie ass ee gudde Partner an deem Sënn, dass mer selwer als Gemeng bedeelegt sinn. Et ass en ëffentlechen Acteur, deen en plus elo iwwer dee Wee och Stroum kann direkt verkafen, wat méi onofhängeg ass vun de Marchéen. Wat ganz wichteg ass, virun allem bei deene Präishaussen, déi elo och kommen.

An deem Sënn ass dat doten ee Projet, dee mer wierklech nëmmen ënnerstëtze kënnen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Ech ka mech dem Här Diderich senge Wiederuschléissen. Dat Dokument, wat mer kruten, mat deem Resümmee, ass immens flott gemaach, well et ee flotten Iwwerbléck gëtt iwwer déi Anlagen, déi mer schonn hunn, wat se produzéieren a wat an der Maach ass. Dat weist, wéi ee Potenzial do ass a wou mer an deenen nächste Joren histeieren.

Wat eis e bësse feelt, dat ass de Volet vun der Biergerbedeelegung. Mir hunn eis gefrot: Firwat ass an deenen neie Projete keng Biergerbedeelegung virgesinn? Et si jo awer grouss Anlagen. Souwuel bei där scho méi eelerer um Stadion, wéi och déi lescht, déi esou gemaach gouf um 1535° sinn u sech déi Parten, soen ech elo mol, fortgaange wéi waarm Bréidercher. Wou jo deels och Leit gedeckelt goufen an deene Parten, déi se wollten huelen.

Mir hunn och vill Leit hei zu Déifferdeng, déi net onbedéngt eng Méiglechkeet hunn, selwer Solarpannoen op hiren Diech ze installéieren, sief et, well se an enger Residence wunnen a keen Accord fanne mat der Kopropriétéit

oder well et eng schlecht Ausriichtung vum Daach ass oder oder oder.

An esou géife mer awer u sech jidderengem perséinlech erméiglechen, sän CO2-Ofdrock ze verréngere an an erneierbar Energien ze investéieren. D'autant plus ass et e relativ sécheren Invest vu Suen. Wann ee lo just wéilt de finanzielle Volet kucken, ass et och nach positiv. Vlächent kéint Der eis e puer Detailer dozou ginn. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir begreissen, dass mer elo un den Ausbau vun der Fotovoltaik eruginn an och mat deem Elan. Et gesäit een, wa mer e bësse méi Manpower hunn, an och nach Spezialisten op deem Gebitt, kënnen mer méi schnell an och geziilt wierklech gutt virukommen.

Ech hunn eng Fro. Et sinn zwee Parkinge virgesinn. Kënnt Der eis erklären, wéi dat soll praktesch ausgefouert ginn op deene Parkingen an och nach an Zukunft aner Parkingen? Wat jo meeschtens groussflächeg Ekipementer sinn, wou d'Sonn vun alle Säite gutt drukënn a wat am Fong ee gudde Rendement kéint hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen, mir gesinn deen heite Punkt ganz positiv. Mir hunn eis héich Ziler gesat, deene mer probéieren e bësse méi nozekommen.

Et ass flott, all déi Projeten ze gesinn, déi nach an der Pipeline sinn, déi nach kommen oder déi a Planung sinn, wat an déi selwecht Richtung geet. Merci.

6. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Fir der Madamm Pregno hir Fro ze beäntweren: Et ass esou, dass ech gesot kritt hunn, dass dat am Fong net méi esou sexy wier, hautdesdaags. Dass een domat net méi kéint esou vill Sue verdéngen, well dat e bëssen en Auslafmodell an deem Sënn wär, dass Wandenergie vill méi ee grouse Rendement hätt. An do ass virgesinn, mir hu jo zwee Projeten, och Wandenergie, wou mer net méi spéit wéi gëschter Mëtte beim Minister vun dem Environnement waren, fir mat deem dat nach eng Kéier ze beschwätzen, wéi dat dann do sollt oder kéint virугоen. Do schéngt e bëssen eng Ouverture méiglech ze sinn.

Natierlech ass eng Biergerbedelegung virgesinn.

Indirekt kann ee soen, zu de Kontrakter, wéi den Här Diderich richteg gesot huet, mir hunn eis express verschidde Partner erausgesicht, fir net nëmme vun engem ofhängeg ze sinn. Mat Sudenergie sidd Der jo indirekt als Déifferdenger Bierger direkt Partner vun där ganzer Anlag, well mir jo do Aktionär sinn, wéi den Här Diderich richteg gesot huet.

Also dat krut ech gesot, Fotovoltaik wär net méi esou ganz interessant, wéi dat emol viru Jore war. Dofir hu mer dovunner ofgesinn. Mais rien n'empêche, dass mer eventuell nach – dat hei si jo eréischt déi éischt véier Kontrakter. Et sinn der jo am Ganzen eelef, soudass mer dat nach eventuell iwwerkucke kënnen.

Wat den Här Muller gefrot huet, Parking Gansen, Parking Uewerkuer: Et si Projeten ausgeschriwwen vum Ministère, wou Leit sech gemellt hunn. Dat si sougenannten Ombrières, déi ugeduecht sinn. Dat heescht, et gëtt ee groussen Daach iwwer déi Parkinge gespaant an dorobber gi Fotovoltaikanlage gesat. Soudass Ären Auto, wann Der deen drënner stelle gitt, dann am Summer am Schiet steet. Wat deem jo dann och zegutt kënn.

Mir hunn och schonn – an där nächster Sitzung wäert dat zur Sprooch kommen – eise Kontrakt um Parking Woierwë em zwanzeg Joer verlängert. Et ass jo kloer, déi Bedreiwer kënnen dat net opriichten, wa se keng Garantie hunn, dass se dat kënnen zwanzeg Joer bedreiwen, wéinst deem risegen Invest. Dat ass wierklech ee risegen Invest, fir esou Ombrières opzeriichten. Dee Kontrakt ass d'lescht Woch ënnerschiwwen gi vum Proprietär. Soudass mer dee Parking nach wäerten zwanzeg Joer hunn.

All Iddi ass wëllkomm, wann anerer der nach hunn.

Dir gesitt, am Kannerbongert Nidderkuer ass eng Aart Agrofotovoltaikanlag virgesinn. Mer mussen elo nach ofwaarden, vum Staat aus gëtt en Appel à projets gemaach, wéi dat ausgesäit. Mee do hu mer och schonn ee Potenziellen, dee sech dofir interesséiert, fir dat ze maachen.

Dir hutt et richteg gesot, eis Leit hu sech wierklech vill Méi ginn, den Här Beni an den Här Reder, fir an deem Dossier virunzekommen. Mir hunn eis dat jo op d'Kap geschriwwen, bis 2030 an deem Beräich energieneutral ze sinn. Ech mengen, wa mer esou weiderfueren, dann erreeche mer dat Zil op deem Punkt do emol awer vläicht ganz. Dofir soen ech Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de toiture au centre aquatique Aquasud pour installer des panneaux photovoltaïques.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de toiture sur le site du CID pour installer des panneaux photovoltaïques.

voir tous les projets en cours et planifiés qui vont dans la même direction.

TOM ULVELING (CSV) répond que la participation citoyenne dans le photovoltaïque est moins attrayante qu'auparavant, car c'est un modèle en déclin comparé à l'énergie éolienne, qui offre un meilleur rendement. Il mentionne deux projets d'énergie éolienne prévus, pour lesquels ils ont rencontré le ministre de l'Environnement la veille. Une participation citoyenne est envisagée pour ces projets.

Il précise qu'indirectement, les citoyens de Differdange sont déjà partenaires des installations avec SUDenergie à travers les actions détenues par la commune.

Concernant les parkings Gansen et Oberkorn, il explique qu'il s'agit de projets ministériels prévoyant l'installation d'« ombrières » — de grands toits couverts de panneaux photovoltaïques, qui garderont également les voitures à l'ombre durant l'été.

Tom Ulveling annonce la prolongation du contrat du parking Woierwë pour vingt ans, qui sera discutée lors de la prochaine réunion. Il explique que les exploitants ne peuvent pas installer des ombrières sans cette garantie de durée, en raison de l'investissement considérable requis.

Le contrat a déjà été signé par le propriétaire la semaine précédente. Il mentionne que, au Kannerbongert de Niederkorn, une installation d'agrophotovoltaïque est prévue, mais que la commune doit attendre l'appel à projets de l'État.

Il remercie les collaborateurs, en particulier monsieur Beni, pour leurs efforts sur ce dossier, et il rappelle que l'objectif d'atteindre l'autosuffisance énergétique d'ici 2030 est réaliste, étant donné les progrès réalisés à ce jour.

(Vote)

6. Actes et conventions

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente une convention de mise à disposition d'un local situé à Lasauvage avec l'ASBL Black Wolves MC, concernant les locaux précédemment occupés par la maison des jeunes. La convention est d'une durée d'un an pour un loyer mensuel de 500 € hors TVA plus charges.

Il souligne que le contrat stipule clairement que le locataire doit respecter le Règlement général de police et que le local ne peut servir d'habitation permanente, mais uniquement pour les réunions de l'association qui compte environ 80 membres.

Il remercie l'équipe pour la rénovation du local ainsi que les services communaux qui ont facilité la relocation rapide et aidé au déménagement des biens de la maison des jeunes vers Fousbann. Il précise que la maison des jeunes a obtenu une salle de réunion au premier étage.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) exprime son mécontentement concernant la procédure suivie par le collège échevinal. Elle déplore le fait de retirer un club d'un local pour en installer un autre, ce qui donne l'impression qu'un choix a été fait sur l'importance relative des clubs. Elle critique l'orientation politique que cela reflète, notamment en offrant simplement une salle de réunion pour les jeunes.

Elle mentionne qu'une réunion citoyenne a été organisée et qu'une pétition des habitants de Lasauvage a été reçue, mais que, malgré la consultation, la décision prise ne reflète pas les avis recueillis, ce qu'elle qualifie de farce.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de toiture sur le site du campus Um Bock pour installer des panneaux photovoltaïques.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de toiture sur le site du centre sportif d'Oberkorn pour installer des panneaux photovoltaïques.

Ech soen Iech Merci. Punkt 6k, eng Konventioun vun enger Mise à disposition vun engem Lokal geleeën zu Lasauvage, 88 bis 88a an der Rue Principale. Et handelt sech ëm eng Konventioun, déi mer gemaach hu mat der ASBL Black Wolves MC. Dat sinn déi Lokaler, déi virdru vum Jugendhaus besat waren.

Déi Konventioun leeft ee Joer. Mir verlounen de Rez-de-chaussée vun 120 Meterkaree fir eng Dauer vun engem Joer fir e monatleche Loyer vu 500 Euro ouni TVA. Do kommen d'Chargen nach dobäi. Wéi mer de Kontrakt opgestallt hu mat hinnen, hu mer ganz kloergemaach an och ganz kloer festgeluecht, wéi Der am Text gesitt – Punkt 11, Clauses spéciales –, dass dat fir ee Joer ass. An dass deejénigen, deen elo nei Locataire do ass, sech un déi Dispositioun vum Règlement général de police vun der Stad Déifferdeng ze halen huet. An un d'Reglementation générale och vum Gebai.

An dass et och net geduecht ass, fir dass een do géif wunnen oder en Hébergement habituel do géif abezéien, dass ee seng Wunneng do hätt. Mee dass dat just e Lokal ass fir de Veräin, deen eng 80 Memberen huet, fir do hir wëchentlech Reuniounen ofzehalen.

Dat gesot, den Detail zum Kontrakt fannt Der op der Diffcloud. Ech selwer war mer et ukucken. Si hunn als Ekipp ganz gutt zesummegeschafft, fir déi Renovatioun duerchzeféieren a fir dat Lokal esou ze gestalten. Ech wëll deene Servicer vun der Gemeng Merci soen, déi eis et erméiglecht hunn, et esou kuerzfristig erëm ze verlounen. An déi

gehollef hunn, Miwwele respektiv déi Saachen, déi dem Jugendhaus gehéiert hunn, ze plënnere an d'Jugendhaus op de Fousbann. Soudass do och näischt verluergeangen ass.

An ech wëll och erwänen, dass d'Jugendhaus e Versammlungsraum zur Verfügung gestallt kritt huet um éischte Stack, wat an Zesummenaarbecht mat hinnen zustane komm ass.

Dat vu menger Säit. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Madamm Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Altmeisch, fir d'Wuert. Ech brauch net ze verstoppene, dass mir net frou sinn. Net wat de Kontrakt ugeet, mee net frou sinn iwwert déi Prozedur, déi de Schächterot hei ageschloen huet. Ee Club erauszehuelen aus engem Lokal, fir een aneren doranner ze installéieren, gëtt mir d'Impressioun, wéi wann een de Choix gemaach hätt, wie méi wichteg wier. An ech denken net, dass ee Club méi wichteg ass wéi een aneren. Et hannerléisst iergendwéi ee batteren Nogoût.

Et weist och iergendwéi, a wéi eng Richtung d'Politik hei geet. Well, Dir sot zwar, mir stellen deene Jonken ee Büro zur Verfügung oder e Versammlungsraum, Dir hutt awer ganz kloer och de Choix gemaach vun enger Kategorie Leit. A kategorescht Denken an der Politik fannen ech net flott.

Dir hutt eng Biergerversammlung organiséiert. Dir hutt eng Petitioun iwwerrecht kritt vun Awunner vun der Zowaasch. Dir hutt Meenunge gefrot. Mee déi Meenung, déi Der krut, dat war net déi, déi Der Iech vläicht erhofft oder erwaart hutt. An Dir hutt awer eng Decisioun geholl.

Do stellt sech fir mech d'Fro: Firwat froen ech dann eng Meenung, wann déi Äntwert, déi kënnt, net déi ass, déi mer passt an ech se da souwisou net en compte huelen? Dann ass et fir mech eng Farce. An ech hätt mer och vläicht déi Aarbecht spuere kënnen. Dat ass fir mech en Hick an der Prozedur.

Dann eppes anescht, wat eis opgefall ass, wat mer komesch fannen. Firwat bezilt elo ee Club ee Loyer? Menges

6. Actes et conventions

Wëssens – ech ka mech awer ieren, et ka sinn, ech konnt net all d'Clibb froe goen – hu mir kee Club, deen ee Loyer fir ee Lokal bezilt. Wouhier kënt deen Ënnerscheed? Ass et deen eenzege Club, wou dat elo esou gehandhaabt gëtt? Da verstinn ech net firwat. Oder ass et vläicht eppes, wat Der ëmsetze wëllt, dass elo all Club ee Loyer bezuele muss. Kéint jo sinn, dass et den Ufank vun enger neier Prozedur wär.

Dat sinn eis Remarken, déi mir dozou hätten.

An nach, Här Altmeisch, ee klenge Fee-ler, deen Iech ënnerlaf ass. De Loyer ass Charges incluses, net Charges excluses. Steet ënnen op der Säit 3 vum Kon-trakt. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech äntwerten Iech direkt, déi Äntwer-ten, déi mer elo spontan bäifalen. De Loyer: Dat hei ass wuel eng ASBL, mee et ass eng ASBL, déi net vun der Gemeng subventionéiert gëtt. Alleguer déi ASBLen, déi vun der Gemeng sub-ventionéiert ginn, bezuele kee Loyer.

An dat hei ass eng ASBL, déi net sub-ventionéiert gëtt, well se ausschliisslech do ass fir hir Besoinen. Well se net no baussen aktiv ass, well se näischt mécht am Jugendberäich, also am Fong geholl am Jugendberäich net aktiv ass. Et ass fir hire Pleséier. Dofir gi se net subventi-onéiert vun der Gemeng. Dofir hu mer eis erlaabt, fir deem Veräin do ee Loyer ze froen.

Et ass net de Loyer plus d'Chargen. Ech hu mech do geiert, do hutt Der Recht.

Op där anerer Säit, Dir sot mer, ech hätt eppes ewechgeholl. Jo, ech hunn eppes ewechgeholl, wat net méi gebraucht ginn ass, manifestement, laut deene Presenzen, déi mer haten. Ech fänken awer net nach eng Kéier un, an den Detail ze goen.

Ech hat déi grouss Chance, den Detail-Dossier vum Liese vum elektresche Schlëssel ewechzegeheien d'lescht Woch. Do hunn ech gesinn, wéi vill Pre-senz do war, wéi vill Leit vun deem Sall vun 120 Meterkaree profitéiert hunn. Dat war a kengem Equiliber zu där

Plaz, déi mer do zur Verfügung gestallt hunn. Déi eenzeg Aktivitéit déi war, dat war den Educateur, deen eropgefuer komm ass, mat der Camionnette gewaart huet annerhallef Stonn.

Ech war selwer zweemol do, ech hunn en net begéint. En huet awer ageschriw-wen, e wier do gewiescht. Da war ech warscheinlech esou kleng, dass mer eis net gesinn hunn oder ech hien net begéint sinn. Dat wëll ech net a Fro stellen. Op jidde Fall meng Presenz op der Clé électrique, déi war bewisen, andeem wou ech opgemaach hunn an zougespaart hunn.

Richteg, mir hunn eis op der Bierger-versammlung viles missen unhéieren, ënner anerem och Ausschwäifungen, déi ech net an enger Biergerversamm-lung gutt fannen. Ech widderhuelen déi och net, well ech war net frou iwwer all déi Aussoen, déi do gemaach gi sinn. Ech hunn awer vill Informatiounen aus där Biergerversammlung matgeholl. Ech hunn och vill Informatioun matge-holl vu Leit, déi net an der Biergerver-sammlung waren an awer och op der Zowaasch wunnen, déi mer och Saache gezielt hunn. Mir hunn ee Konsens draus gezunn. Aus där Biergerver-sammlung eraus hu mer déi Konven-tioun mat de Black Wolves MC nidder-geschriwwen.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass déi Konventioun hei eng Durabilitéit vun engem Joer huet. Dat heescht, no engem Joer setze mer eis zesummen, da gëtt de Bilan gemaach, da kucke mer, wéi et ass, wéi positiv et ass, wat mer vun Erfarunge gemaach hunn.

Ech kann Iech just soen, déi éischt Erfa-rung, déi ech hat, wéi ech een-, zwee-mol dohinner kucke gaange sinn, wéi se do geschafft hunn: Dir wäert Iech wuel wonneren, wat d'Leit vun der Zowaasch interesséiert sinn iwwer dat Liewen, wat erëm an deem Haus ent-stanen ass.

A Gott sei Dank hu mer eis op eemol fir dat Haus interesséiert. Well am Nach-hinein si mer och nach gewuer ginn, dass déi couragéiert Pappé vun der Gemeng en Haus zur Verfügung gestallt hunn, wat der Gemeng guer net gehéiert huet. Wat dem Staat gehéiert huet. An do hu mer elo mol déi Propri-etéitswuerzelen festgeluecht. An do si

Elle s'interroge également sur la raison pour laquelle ce club doit payer un loyer, contrairement aux autres clubs.

Elle signale aussi une erreur dans le contrat, indiquant que le loyer est charges comprises et non hors charges.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que cette ASBL, contrairement aux autres, n'est pas subventionnée par la commune. Il précise que les ASBL subventionnées ne paient pas de loyer, mais que celle-ci ne bénéficie pas de subventions, car elle n'est pas active dans le domaine de la jeunesse et existe uniquement pour le plaisir de ses membres.

Il reconnaît son erreur concernant les charges.

Il justifie sa décision en expliquant que le local n'était plus suffisamment utilisé, se référant aux données de présence enregistrées par la clé électronique. Il affirme que la seule activité était celle de l'éducateur, qui venait en camionnette et attendait, mentionnant qu'il s'est lui-même rendu sur place deux fois sans le rencontrer.

Guy Altmeisch évoque la réunion citoyenne durant laquelle il a dû entendre diverses remarques, dont certaines digressions qu'il juge in-appropriées pour ce type d'assemblée. Il préfère ne pas les répéter, mais souligne avoir recueilli de nombreuses informations utiles, tant lors de cette réunion que de la part d'habitants de Lasauvage qui n'y assistaient pas.

À la suite de cette consultation, une convention avec le club Black Wolves MC a été rédigée. Il insiste sur le fait que cette convention a une durée d'un an, après laquelle un bilan sera effectué pour évaluer les expériences et résultats. Il partage ses premières observations positives, notant l'intérêt manifeste des habitants de Lasauvage pour la vie qui renait dans ce bâtiment.

6. Actes et conventions

Il précise également que des clarifications de propriété ont été établies, confirmant que le bâtiment appartient à l'État et non à la commune, mais que celle-ci peut désormais le gérer, demander un loyer et en assumer la responsabilité.

GUY TEMPELS (CSV) exprime un avis favorable sur cette situation. Il rappelle avoir participé à la réunion, où un représentant de la maison des jeunes avait expliqué que de nombreux jeunes de Lasauvage préfèrent fréquenter les installations du Fousbann, où ils vont également à l'école.

Il souligne que la maison des jeunes n'a pas fermé, mais dispose simplement d'un espace réduit. Pour les activités importantes, des camionnettes sont mises à disposition pour transporter les jeunes de Lasauvage vers le Fousbann. Il considère que la solution proposée est pratique et satisfaisante.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) présente un contrat de prêt à usage concernant des parcelles achetées à « ArcelorMittal » au Thillebiert en octobre 2021. Dans cet accord, « ArcelorMittal » s'est engagé à assainir le terrain, avec environ 2000 m³ de matériaux à extraire et traiter.

Le garde forestier ayant indiqué que ce matériel ne pouvait être stocké sur place pour préserver la faune, la commune a convenu qu'« ArcelorMittal » utiliserait un parking recouvert de gravier pour réaliser l'opération.

Tom Ulveling explique que le projet a pris du retard en raison d'une ligne électrique souterraine qui devait d'abord être déplacée.

(Vote)

mer elo fest mam Staat, dass mir dat kënne geréieren, dass mir kënne ee gewëssene Loyer froen, dass mir d'Gerance dovunner hunn, dass mir do d'Responsabilitéit hunn.

Dat gesot, wier ech frou, nach aner Meenungen ze héieren, respektiv aner Wuertmeldungen. Den Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Mir gesinn dat hei positiv. Ech war deemools an der Versammlung. Wann ech mech gutt erënnere kann, hat een Här vum Jugendhaus Stellung bezunn, deen hat selwer gesot, dass eng ganz Partie Jugendlecher, déi vun der Zowaasch sinn, och gären op de Fousbann ginn, well se och do an d'Schoul ginn an dann einfach do bleiwen. An dass net déi Nofro do ass, déi mir eis vläicht erhoffen oder erwaart hunn, déi do wär.

Et ass jo net esou, dass dat Jugendhaus oder dee Point zougemaach ginn ass. Si hu méi eng kleng Plaz. Si ginn nach ëmmer empfaangen. Deemools ass och gesot ginn, fir grouss Aktivitéite gi se mat Camionnetten op der Zowaasch empfaangen an ofgeholl a mat op de Fousbann geholl. Ech géif denken, hei ass eng praktikabel Léisung fonnt ginn, déi fir eis an der Rei ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Nach eng Wuertmeldung zu där Konventioun? Mir kommen zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 3 voix non d'approuver la convention de mise à disposition d'un local situé à Lasauvage au 88 et 88a, rue Principale, avec Clubhouse Black Wolves ASBL.

Ech soen Iech Merci.

Kéime mer zum Punkt 6l, engem Avenant de prêt, wou ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass e sougenannte Commodat, dat heescht ee Contrat de prêt à usage. Dir wësst, dass mer am Oktober 2021 en Achat gemaach hu vun engem ganze Koup Parzellen um Thillebiert, déi mer ArcelorMittal ofkaf hunn. ArcelorMittal huet sech mat deem selwechte Kontrakt engagéiert, den Terrain ze sanéieren. Do ass ongeféier e Volume vun 2.000 Meterkibb, dee muss erausgeholl a gebotzt ginn. An da musse mer deen ofstellen, bis mer dee fortfeiere kënne.

Do war elo de Probleem, dass de Fierschter gesot huet, dass en net um selwechte Site kéint gelagert oder deposéiert ginn, well dat géif d'Fauna ze vill futti maachen. Dofir si mer mat ArcelorMittal verbliwwe, dass si dee grouss Parking, dee mat Gravier ugeluecht ass, benotze kéinten, fir déi ganz Operatioun duerchzuféieren.

Déi ganz Geschicht krut e bësse Retard, well op deem Terrain, dee mer kaf hunn, war eng ënnerierdesch elektresch Leitung, déi awer nach funktionéiert huet. Déi fir d'éischt huet missen erausgeholl ginn an op Péil gesat ginn, fir dass ënnendrenner d'Assainissement konnt gemaach ginn.

Et ass eppes, wou mer, ech mengen, ArcelorMittal e bëssen hëllefen. Mir sinn a gudden Terme mat hinnen. Si kënne deen Terrain esou laang benotzen, bis déi Operatioun ofgeschloss ass an alles, wat se erausgeholl hunn, fortgefouert ginn ass. Ech mengen, et kann een näischt dogéint hunn, fir dat do matzedroen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention de prêt à usage ou commodat avec ArcelorMittal en relation avec des travaux d'assainissement au carreau minier du Thillenbert à Differdange.

7. Plan de gestion des forêts

Ech soen Iech Merci. Punkt 6m, eng Konventioun tëschent dem Staat an der Stad Déifferdeng. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Och hei kënne mer näischt dogéint hunn, well et ass eng Konventioun, wou de Staat eis zouseet fir d'Frais de fonctionnement vun eisem Stadhaus an eis dorénavant géif 164.000 Euro zur Verfügung stellen. A contrairement zu soss, géif en se an enger Tranche liquideren.

Ech erënneren drun, dass mer laang gekämpft hunn, fir iwwerhaupt eppes vum Ministère de la Culture ze kréien. Mir kruten eng Kéier 150.000 Euro. A wéi gesot, vu dass an der Tëschenzäit esou vill Indextranché komm sinn, si mer frou, dass de Kulturminister eis op 164.000 Euro erhéicht huet. Ech mengen, do kënne mer nëmme Jo soen a Merci soen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling, fir déi Informatiounen. Eng Wuertmeldung dozou? Nee. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le quatrième avenant à la convention conclue le 25 juin 2020 avec l'État pour le centre culturel Aalt Stadhaus.

Ech soen Iech Merci. Punkt 7 vum Ordre du jour, dat wier de Plan de gestion annuel vun eise Bëscher. Ech géif do d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. De Bëschplang 2025. Dir hutt d'Dokument gesinn, ech wäert net grouss am Detail drop agoen. Ech wéilt just gäre verschidde Saachen aus dem Dokument ervirhiewen, déi besonnesch erfreesch oder wichteg sinn.

Mir si frou, dass den 21. Oktober dëst Dokument an der Ëmweltkommissioun war, an dass si ee favorabelen Avis hannerlooss huet. Dat freet eis op jidde Fall.

De Gemengebësch ass dëst Joer ganz e bësse gewuess wéinst Akaf vu verschiddenen Terrainen. De Prozentsaz vun de Privatbesëtzer am Déifferdenger Bësch ass d'selwecht bliwwen an nach ëmmer relativ niddreg.

D'Autorisatiounen an d'Responsabilitéiten am Fall vun engem Accident sinn duerch een neit Bëschgesetz reglementéiert. Allerdéngs wéilt mer drop hiweisen, dass et wichteg ass, fir all private Proprietär, eng Assurance ze maachen, am Fall vun engem Accident. Wat mer leider deslescht an de lëtzebuergereschen Noriichte matkritt hunn. An do einfach wëllen drop hiweisen, dass dat awer eng wichteg Saach ass.

D'Ëmweltbewosstsinn bei de Schoulkanner stäerken ass eng entscheidend Aufgab fir eise Fierschter. Sou si mer frou iwwer d'Organisatioun vun enger Bëschplanzaktioun elo den 21. November 2024. An et ass eis och ganz besonnesch wichteg, dass regional Beem geplazt ginn. Esou sollen och an Zukunft Aktiounen an eise Bëscher, zesumme mat eisem Fierschter a senger Ekip, verstärkt stattfannen, wou mer kënne vun de Leit hirem Wëssen a Weiderbildung profitéieren.

De Budget fir Bänke laanscht d'Trëpelweeër soll liicht erhéicht ginn. De Bëschkierfecht ass vill besicht a freet vill Ënnerhalt. Heifir ass de Fierschter a seng Ekip verantwortlech. D'Zesummeliewen tëscht der Natur a Mënsch weist hei, dass dat net ëmmer ganz evident ass, mat eisem liichten Ameiseproblem, soen ech elo mol. Mee do gëllt et awer, zesumme mat der Natur ze liewen an och dës kleng Déiercher ze schützen.

Hei gëtt gelaacht. Mee dat ass net ëmmer esou evident. Et ass ganz wichteg, dass mir als Gemeng do eis Wichtigkeet drop leeën.

Och de Kampf géint invasiv Planzenaarten ass ee ganz wichtige Punkt, dee mer an Zukunft solle verstärkt ugoen. Haaptsächlech de Japanesche Knöterich, deen eng Aufgab ass, fir an eise

Tom Ulveling présente une convention par laquelle l'État s'engage à verser 164 000 € à la Ville pour les frais de fonctionnement de l'Aalt Stadhaus, en une seule tranche. Il rappelle que la commune avait longtemps négocié avec le ministère de la Culture, qui leur avait accordé 150 000 € précédemment, et se félicite de cette augmentation.
(Vote)

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente le plan forestier 2025, qui a reçu un avis favorable de la Commission de l'environnement le 21 octobre. Elle indique que la forêt communale s'est légèrement agrandie à la suite de l'acquisition de terrains, tandis que le pourcentage de propriétés privées est resté stable. Elle mentionne que les autorisations et responsabilités en cas d'accident sont désormais régies par une nouvelle législation forestière, tout en soulignant l'importance pour les propriétaires privés de souscrire une assurance.

Elle annonce une action de plantation forestière prévue le 21 novembre 2024 pour sensibiliser les écoliers à l'environnement, avec une priorité donnée aux essences régionales.

Zenia Charlé indique que le budget pour les bancs le long des sentiers de promenade doit être légèrement augmenté.

Elle explique que le cimetière forestier, très fréquenté, nécessite beaucoup d'entretien, tâche confiée au garde forestier et à son équipe.

7. Plan de gestion des forêts

Elle souligne les défis de la coexistence entre nature et humains, évoquant notamment un problème de fourmis, et insiste sur l'importance de protéger ces petits animaux.

Elle aborde également la lutte contre les espèces végétales invasives, particulièrement la renouée du Japon, qui représente un défi tant en forêt qu'en zones urbaines. Elle invite les citoyens à signaler ces plantes à l'ANF lorsqu'ils en aperçoivent.

Concernant la production de bois, elle mentionne que son avenir est en discussion en raison de l'augmentation des quotas et des prix de livraison. La commune travaille avec le service écologique pour développer des solutions.

Quant aux étangs forestiers, plusieurs sont planifiés en collaboration avec le ministère de l'Environnement et Sicona, bénéficiant à diverses espèces animales, oiseaux et amphibiens, particulièrement en été.

MORGAN ENGEL (LSAP) place la gestion des forêts au centre des efforts pour préserver les ressources naturelles, protéger la biodiversité et garantir le bien-être de la population. Elle présente le plan de gestion des forêts 2025 comme un document complet définissant les priorités et stratégies d'action. Elle souligne le rôle essentiel des forêts pour l'environnement et leurs multiples avantages, de la production de bois aux loisirs et à la protection de la biodiversité. Ce plan vise à gérer durablement les forêts et à les préparer aux défis futurs, comme le changement climatique.

Elle révèle que les analyses de 2024 montrent une augmentation des pressions sur les forêts, notamment des sécheresses répétées, des dégâts dus aux tempêtes et une prolifération des parasites. Les priorités du plan 2025 incluent la plantation d'espèces plus résistantes au changement climatique, l'établissement de zones protégées plus vastes et des mesures assurant une récolte de bois responsable. Elle félicite le garde forestier et son équipe pour leur excellent travail.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) remercie également le garde forestier, son

Géigenden hei an der Gemeng, sief et am Bësch awer och an urbane Géigenden unzegoen. Dat erweist sech leider als méi schwierig. Dofir sinn et jo och invasiv Aarten, déi ee ganz schwierig erauskritt.

Mee och hei ass d'ANF drun. An och ganz wichteg: Wann Der esou eppes gesitt, dass Der Iech do, wannechgelift, méllt an dat un d'ANF virugitt.

D'Holzproduktioun gëtt aktuell diskutéiert, ob dat fir d'Zukunft nach genau esou soll weiterlafen, einfach well d'Holzkouerten an de Präis vun der Liwwerung extreem geklomme sinn. Do si mer amgaangen, als Gemeng, zesumme mam Service écologique eppes auszeschaffen, wéi dat an Zukunft soll weiterlafen.

Wat d'Weieren ugeet, gëtt et verschidde Weieren, déi am Bëschëmfeld geplangt sinn, zesumme mam Ëmweltministère, mat der SICONA. Do si mer ganz frou, dass zemools am Summer hei vill Déierenaarten, Villercher, Amphibien dovun profitéieren.

Ech géif et elo heibäi beloossen. Et gëtt ganz vill Punkten, déi een ervirhiewe kéint, déi wichteg wäeren. Sollt et Froe ginn, si mer natierlech dofir op. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. D'Madamm Engel, wannechgelift.

MORGAN ENGEL (LSAP):

Merci fir d'Wuert. D'Verwaltung vun eise Bëscher steet am Mëttelpunkt vun eisen Efforten, fir déi natierlech Ressourcen ze erhalen, d'Biodiversitéit ze schützen an d'Wuelbefanne vun der Bevëlkerung ze garantéieren. De Plan de gestion des forêts 2025 ass en ëmfaassend Dokument, dat d'Prioritéit an d'Handlungsstrategien definéiert, fir dëst Zil ze erreechen.

D'Bëscher hunn eng essenziell Roll fir d'Ëmwelt a sinn eng Quell vu villfältege Virdeeler, vun der Holzproduktioun bis hin zu Fräizäitméiglechkeeten a Schutz vun der Biodiversitéit.

Dëse Plang gouf erstallt, fir d'Bëscher op eng nohaltege Manéier ze verwalten an op zukünftege Erausforderunge wéi de Klimawandel an d'Verännerunge vun der Biodiversitéit virbereet ze sinn.

Am Joer 2024 hunn Analysen eng weider Zounam vun de Bereedunge gewisen, déi op eis Bëscher drécken, dorënner d'Optriede vu méi dacks widderhuelten Dréchenten a Stuermschied, d'Zounam vu Parasitten, déi d'Gesondheet vun de Beem beaflossen.

D'Hauptprioritéite vum Plan de gestion annuel 2025 enthalen: d'Planze vun neien Aarten, déi méi resistent si géintwärtig de Klimaverännerungen, d'Etabléierung vu méi grouss geschützte Gebidder, fir déi natierlech Ökosystemer ze erhalen, Moossnamen, déi eng gläichméisseg a responsabel Holzernt garantéieren.

Ofschléissend géife mir dem Fierschter a senger ganzer Ekipp felicitéieren fir hir exzellente Aarbecht. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Engel. Madamm Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Ech géif mech direkt deem Merci un de Fierschter an der ganzer Ekipp vun de Bëschaarbechter uschléissen. Doriwwer eraus dem Service écologique an all deenen anere Mataarbechter, dem CIGL, dem ATI a Service technique, déi an eise Bëscher intervenéieren, och Merci soen.

Effektiv ass et e wichtegt Thema an eiser Education, fir déi Éducation à l'environnement bäizebehalen. De Fierschter a seng Ekipp maachen net nëmmen eng wichteg Aarbecht am Kader vun der Schoul, mee och vun der Maison relais oder mat hirer Presenz op verschidde Fester. Am beschte léiert een, wann een d'Saache gesäit a wann ee se upake kann. An dann ass dat wierklech nohaltege geschafft.

Am Bëschplang geet rieds iwwer déi Biotopen an der Stad. Déi droen zu

7. Plan de gestion des forêts

enger daitlecher Verbesserung vun der Liewensqualit  t an der Loftqualit  t am Quartier b  i. An do vl  icht den Appell, och mol ze kucken iwwer L  tzebuerg eraus, op Par  is zum Beispill, d  i immens vill Minib  scher a Quartiere kre  iert hunn.

D'Invitatioun un de Sch  fferot: Gitt eng K  ier op Par  is – wann Der dat h  iere wollt, H  r Ulveling. A wann Der Participatioun braucht, ech ginn och g  re mat.

(Gelaachs)

Dann doriwwer eraus vl  icht nach eng Parallelit  t, d  i ech g  re g  if opgr  ifen: de Parc Gerlache. Dee jo u sech eng Zone Park ginn ass, fir dass d'Gemeng do interven  iere k  int. Mam Opliewe vum Tipi maache mer eis natierlech Suergen, wat den Impakt ass op d'Wiss an op d'Beem. Well mer awer w  ssen, dass et munchmol zu Schued komm ass, wann de Wuerzelraum vun de Beem verdicht gouf. Respektiv Schued um Wuess gemaach ginn ass, wann do mat d  cke Gefierer eragefuer ginn ass, fir d'Material eranzebr  ngen.

An ech denke jo och, dass Der d  i Suerg deelt a besonnesch dorop oppasse w  ert. Vereintes Kopfnicken – tipp-toppp, merci.

Punkto Organigramm. Dir gesitt, d'Froen oder eis Suerge sinn   mmer e b  ssen d  i n  mmlecht. Et g  tt jo elo eng nei Rangerin am Service   cologique, d  i wierklech tipptopp Aarbecht m  cht an den Augenmerk op vill verschidde Punkte leet. Ech denken awer, dass et och heiansdo un enger genee  r Task description feelt. Wann ech esou meng Oueren opmaachen, h  ieren ech dat heiansdo.

Vl  icht misst een do un enger zentraler Meldeplaz schaffen, wou all Acteur Zougang op d  i n  mmlecht Datebasis h  tt, fir dass een d  i Multiplikatioun vum deenen Aarbechten, d  i een dann emol huet, k  int evit  ieren an esou d'Saachen net e puermol gemellt g  ifen an een d'Aarbecht besser opdeele k  int.

D  i Rangerin huet,   nner anerem, als Aufgab, gef  ierlech Plazen ze mellen, wa se duerch d'B  scher geet. Wou ka schnell interven  iert ginn, fir dass d  i

verschidden Usageren, d  i et g  tt, net zu Schued kommen.

Well mir w  ssen zwar, dass eise Bierg en duerchl  cherte K  is ass an awer gesinn ech   mmer Leit, d  i abseits vun de Wee  r tr  ppelen a sech absolutt kenger Gefor bewosst sinn, wat se do maachen. A mer gesinn och Geforen op den Haaptwee  r, wou ech awer an der Lescht gesinn hunn, dass se mark  iert goufe mat engem Ferrarisband, fir dass ee konnt oppassen, do net dran ze falen.

An awer g  tt et mol gef  ierlech Plazen, wou een denkt, et k  int n  ischt gesch  ien. An awer ass vl  icht schnell en Hond dra gefall oder e Ball vum Kand an d'Kand hannendrun. An dann hu mer d'Kand net am P  tz leien, mee am Lach leien.

Dat w  ren, en gros, meng Remarken. Zum Schluss ee waarmen Appell un all Usager vum B  sch oder vun eiser gr  nger Ceinture hei ronder  m d'Stad, fir d  i wierklech am Respekt vun all den Usageren ze notzen, fir dass och jidderree sech kann do erhuelen.

Well ech gesi vill Leit an de B  scher. Ech gesi vill H  nn an de B  scher,   mmer m  i, d  i un der L  ngt sinn, wou d'Leit gutt laanschtenee kommen an d'Leit hiren Dreck mathuelen. An awer gesinn ech och   mmer er  m Leit, d  i sech deem Kodex net eens sinn, wat ech awer mengen eng Saach vun Educatioun ass. D  i kruten deen ni gesot, deen ongeschriwwene Kodex.

Ech weess, dass mer mol am Diffmag esou Appeller gemaach haten. Vl  icht k  int een dat vun Z  it zu Z  it widderhuelen oder eng Campagne maachen. Do goufe mol sou S  ite gemaach: W  i verhalten ech mech am B  sch? Ech huele m  in Hond un d'L  ngt. Ech huele m  in Dreck mat eran, awer och er  m mat eraus. Ech j  izen net duerch d'G  igend an an an.

Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Den H  r Tempels, wannechglift.

  quipe et tous les autres collaborateurs intervenant dans les for  ts. Elle souligne l'importance de l'  ducation    l'environnement, notant que le garde forestier et son   quipe contribuent significativement    cette mission dans les   coles, les maisons relais et lors des f  tes. Elle affirme que l'apprentissage est plus efficace par l'observation directe et le contact avec la nature.

Elle   voque les biotopes urbains, qui am  liorent la qualit   de vie et de l'air dans les quartiers, citant l'exemple de Paris et ses minifor  ts urbaines.

Au sujet du parc Gerlache, devenu zone de parc pour permettre l'intervention communale, elle exprime des inqui  tudes concernant l'impact de la r  activation du tipi sur la prairie et les arbres, notamment quand l'espace racinaire est compact   par les v  hicules.

Concernant l'organigramme, elle note l'arriv  e d'une nouvelle garde foresti  re au service   cologique, mais sugg  re qu'il manque parfois une description pr  cise des t  ches. Elle propose la cr  ation d'un point de contact central pour   viter la duplication des interventions.

Elle conclut par un appel au respect mutuel dans l'utilisation des espaces forestiers, observant que, malgr   une am  lioration des comportements, certains usagers ignorent encore les r  gles tacites de conduite en for  t. Elle sugg  re de renouveler r  guli  rement les campagnes d'information sur ce sujet.

7. Plan de gestion des forêts

GUY TEMPELS (CSV) explique que le garde forestier est récemment venu présenter son plan forestier à la Commission de l'environnement. Ce plan se répète plus ou moins chaque année. Prochainement, le garde forestier présentera un plan pluriannuel pour examiner la gestion des forêts à long terme.

Guy Tempels note que le garde forestier est de plus en plus contraint de rester au bureau pour des tâches administratives et a peu de temps pour le terrain, ce qu'il déplore régulièrement.

Il remercie le garde forestier pour son travail auprès des habitants de Differdange et dans les forêts communales, notamment concernant la sécurité et la gestion du bois, et annonce son vote favorable au plan forestier.

ERIC CILLIEN (DP) se joint aux remerciements. Il reconnaît que son intervention n'est pas aussi longue que celle de sa prédécesseure sur ce plan important. Il affirme son approbation et remercie le garde forestier, son équipe et tous les contributeurs.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond ensuite aux différentes questions soulevées. Concernant le parc Gerlache et le tipi qui doit y être installé, elle assure que la commune veillera à utiliser les machines de façon écologique sans endommager les arbres, qui deviennent de plus en plus grands et difficiles à contourner.

Au sujet de la garde forestière mentionnée, elle confirme qu'une description de poste est en cours d'élaboration. Des discussions ont déjà eu lieu avec madame Nadège Fischer et le bureau du personnel. Elle explique avoir reçu un document à ce sujet, mais n'avoir pas encore eu le temps de l'examiner en détail en raison d'un voyage.

Elle souligne l'importance de laisser du temps à ce nouveau poste pour se développer avant d'en définir tous les aspects. Elle se réjouit que tous reconnaissent l'importance de cette fonction pour la protection des forêts et la sécurité, notamment compte tenu de la charge de travail du garde forestier.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Viru Kuerzem war eise Fierschter an d'Ëmweltkommissioun komm, fir säi Bëschplang virzestellen. Deen iwwerschneit sech all Joer e bëssen d'selwecht. An nächster Zäit wäert hie mat engem Plang pluriannuel kommen, fir ze kucken, wéi d'Bëscher op méi laang Siicht wäerte beschafft ginn.

Do si mer interesséiert, fir dat ze gesinn, wat se do Neits mat erabréngen oder wat do wäert kommen. Hien ass ëmmer méi gefuerdert, am Büro ze setzen, Saachen ze maachen fir d'Sécherheet. Fir all déi Saachen um Terrain huet e praktesch net vill Zäit, dat seet en ëmmer méi oft. Ech ginn net weider an déi eenzel Detailler. Mir soen him Merci fir seng Aarbecht, déi en d'ganzt Joer fir d'Déifferdenger Leit an de Gemengebëscher mécht, wat d'Sécherheet, wat d'Holz ugeet an esou weider. Mir soe Merci fir seng Aarbecht a stëmmen dëse Bëschplang mat Jo.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Här Cillien.

ERIC CILLIEN (DP):

Mir schléissen eis de Mercien un. Ech weess, datt dat elo net déi laang Ried ass, déi meng Virgängerin ëmmer hei gehalen huet zu deem ganz wichtege Forstplang.

Op jidde Fall ass eis Zoustëmmung do, a mir soen dem Fierschter a senger ganzer Ekipp a jiddwerengem, deen dorunner matgeschafft huet, Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Da géif ech d'Wuert nach eng Kéier un d'Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Ech géif op déi verschidde Saache reagéieren, déi gesot goufen, oder déi Froen, déi opkomm sinn. Als Éischt de

Park Gerlache, den Tipi, dee soll dohinner kommen. Natierlech wäerte mer gutt oppassen an ëmweltschounend mat deene Maschinnen dohinner fueren an natierlech och oppassen, dass kengem Bam eppes geschitt. Op jidde Fall ass dat ganz kloer. Ech mengen, déi Beem, déi ginn ëmmer méi grouss an et gëtt ëmmer méi schwierereg, fir derlaanscht ze kommen. Mee op jidde Fall wäerte mer extra gutt oppassen.

D'Rangerin, déi ugeschwat gouf, d'Task description ass effektiv an der Maach. Mir hate schonn déi eng oder aner Gespréicher zesumme mat der Madamm Nadège Fischer, eiser Rangerin, an dem Personalbüro, wou mer dat zesummen ausgeschafft hunn.

Ech muss och soen, dass ech virgëschter eppes krut, wou mer elo do dru sinn. Mee vu eis Rees an d'Ausland, hat ech nach net Zäit, fir dat am Detail ze kucken. Jiddefalls sollt dat ënnerhalb den nächste Woche feststoen.

Wat wichteg ze soen ass, wann een esou ee Poste kreéiert, ass, der Saach mol vläicht e bëssen e Laf ze ginn an net alles ze vill genau opzeschreiwen. Well mer awer gemierkt hunn, dass Saachen, déi ee sech vläicht virgestallt huet oder ee gemengt huet, déi do gutt funktionéieren, dat do kéint ee Probleem ginn. Dass een eréischt erkennt, wann et amgaangen ass: Wou leien d'Schwieregkeeten? Wéi eng Saache musse mer festhalen, fir ee gutt Fonctionnement ze sécheren?

Jiddefalls wäert dat an der nächster Zukunft feststoen. Mir freeën eis, dass et ukomm ass, dass dat awer eng ganz wichteg Task ass, déi mer dobausse brauchen. Net nëmme fir eis Bëscher an eis Sécherheet ze garantéieren. Den Här Tempels huet et ugeschwat, de Fierschter huet extreem vill Aarbecht, a ganz vill Plaze gëllt et ofzesécheren. Mir kënne frou sinn, dass mer eng Persoun hunn, déi nach mat um Terrain ass, fir d'Informatiounen virunzeginn. Dat funktionéiert aktuell ganz gutt an Zesummenaarbecht mat deene Services, déi betraff sinn. Mir sinn op jidde Fall amgaangen, dat beschtméiglech auszeschaffen.

Wat och eng gutt Saach ass, wat Der ugeschwat hutt, mir haten eis fokusséiert op Littering-Campagnen.

8. Centre Marcel-Noppeney

Dat hat jiddweree matkritt, dat war am Diffmag an op de Soziale Medien. Mir wäerten op jidde Fall versichen, am Kader vun der Ëmwelt nach ee ganze Koup Saachen erauszebréngen, ënner anerem, wéi ee sech am Bësch ze verhalten huet. Ech mengen, dat ass eng gutt Iddi. Dat wäerte mer mathuelen a versichen, am Sënn vun der Natur a vun eise Matmënschen esou ëmzesetzen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, mir kommen zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan de gestion annuel des forêts 2025.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 8 vum Ordre du jour ass eng Intentioun, fir e Gebai ze schützen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, en däregen Dossier. Et geet drëms, fir de Patrimoine culturel national, an zwar de Centre Marcel Noppeney, dee mer jo all kennen, niewent der Kierch St. François d'Assise zu Uewerkuer gleeën, ze schützen.

Wéi am Dossier ze liesen, ass dat Ganzt an engem brutalistesche Stil gebaut. En ass 1977 opgaangen an huet bis 2015 als Kulturzenter plus Zenter fir d'Veräiner, wou se sech konnte versammelen, gedéngt. Viru Joren ass decidéiert ginn, dee ganze Centre ofzerappen. Mee du koum d'Refugiéskris, an do ass d'Decisioun geholl ginn, Refugiéen opzehuelen. Et gouf e bëssen ëmgebaut.

Dat Gebai ass elo 47 Joer al. Et ass aus deene rout-brongen onglacéierte Backsteng gebaut ginn. Et huet eng hexagonal Form a besteet aus zwee Pavillonnen. De südlechen, wou de Festsall dran ass op zwee Stäck, eng Bün mat engem Kënschtlerzougang an de Keller erof,

mat dem Verbindungstrakt, wou een erakënnt, wou an der Zäit emol Ausstellungen waren. An dann den nördleche Pavillon ass och am sechseckege Stil gebaut, mat engem klengen Niewegebai, wat och sechseckeg ass. Do si fënnf sechseckeg Raim vun 30 Meterkaree ënnerbruecht mat enger Trap an esou weider op zwee Stäckwierker. Openthaltsraim, Bibliothék, Multifunktionsraim waren deemools do ugeluecht. Déi ganz Aussenanlag ass sechseckeg mat Gras a Bepflanzung gestalt ginn.

Mir hunn als Gemeng e bëssen eng aner Iddi gehat wéi de Staat. De Staat wëllt dat elo schützen loosse. Ier déi Ufro komm ass, hate mir eis éischter drop gëeenegt, fir dat Ganzt ofzerappen an en Neibau ze maachen, deen och fir abordable Wunnraum natierlech geduecht war. Well mer dat Gebai ënner där Form do net méi kënne gebrauchen an deem Sënn, mir hunn elo een neie Centre culturel, mir hunn nei Raim iwwerall, soudass mer dat do am Fong net brauchen.

Mir haten eis och an enger éischter Phas iwwerluecht, ier dat do komm ass, fir do Wunnengen dran ze maachen. Dat ass awer „ein Ding der Unmöglichkeit“. Soudass mer dunn op de Wee gaange sinn, fir dat ofzerappen, wat jo scho virdrun am Fong decidéiert war, an eppes Neits ze bauen. Fir och eise Bierger, déi e bëssen am Besoin sinn, ënner d'Äerm ze gräifen.

Mir géifen eis awer net verschléissen, an deem Sënn, dass wann de Staat onbedéngt drop hält, dass en dat wëllt schützen, mer dem Staat géife proposéieren, dat Gebai ze iwwerhuelen an et fir seng Zwecker an d'Rei ze setzen, dass hien dat da ka gebrauchen.

Et muss ee wëssen, dass joerzëngtelaang net vill an dat Gebai investéiert ginn ass, dass mer joerzëngtelaang ëmmer déi selwecht Probleemer haten, nämlech Probleemer mat der Etancheitéit vum Daach a Probleemer mat Fiichtegkeet, déi aus dem Buedem eropzitt. Soudass eng Sanéierung extreem deier géif gi fir eis a mir déi Moyenen, à ce stade, net hunn, vu dass mer jo aner riseg Gebaier oder Projeten hunn. Ech denken un de CID, den Ëmbau vum Ale Stadhaus, ech denken u sämtlech Schoulen, déi mer momen-

Elle mentionne également la campagne de la commune contre les déchets sauvages et son intention de lancer d'autres initiatives environnementales.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) présente un dossier concernant la protection du centre Marcel-Noppeney, situé près de l'église Saint-François d'Assise à Oberkorn, que l'État souhaite protéger comme patrimoine culturel. Ce bâtiment de style brutaliste, construit en 1977, a servi de centre culturel et lieu de réunion pour les associations jusqu'en 2015. Initialement prévu pour démolition, il a été reconverti pour accueillir des réfugiés.

Âgé de 47 ans, il est construit en briques rouge-brun non émaillées, avec une forme hexagonale et deux pavillons. La commune avait prévu de le démolir pour construire des logements abordables, n'ayant plus besoin de ce centre culturel. Si l'État insiste pour le protéger, la commune proposera que l'État reprenne le bâtiment et le remette en état pour ses propres besoins.

Tom Ulveling explique que le bâtiment en question n'a pas reçu d'investissements pendant des décennies, ce qui a engendré des problèmes récurrents d'étanchéité du toit et d'humidité remontant du sol.

8. Centre Marcel-Noppeney

Une rénovation serait extrêmement couteuse et la commune ne dispose pas actuellement des moyens nécessaires, étant donné qu'elle mène d'autres projets d'envergure, comme le CID, la rénovation de l'Aalt Stadhaus et la construction de plusieurs écoles. Il propose éventuellement de céder le bâtiment à l'État qui pourrait l'utiliser selon ses besoins.

Tom Ulveling souligne que l'État organise un second vote pour décider si la ville désire ou non que l'édifice soit classé comme monument national. Il mentionne avoir déjà exposé ce problème au ministre de la Culture, qui comprend la situation. Toutefois, la procédure doit être respectée, et un vote doit avoir lieu aujourd'hui. Il invite chaque conseiller à voter selon sa conscience.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) *souligne qu'il s'agit d'un bâtiment des années 70, période où les constructions en béton n'étaient pas encore bien maîtrisées, ce qui rend le bâtiment énergétiquement inefficace. Pour les Verts, ce bâtiment ne peut pas être conservé en l'état et nécessiterait une rénovation totale. Elle reconnaît que les ressources financières sont actuellement plus utiles ailleurs et soutient la proposition présentée.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *affirme bien connaître le bâtiment et rappelle que, déjà il y a vingt ans, les conditions pour les cours de musique et d'école de blues qui s'y tenaient étaient déplorables. Malgré quelques réparations superficielles, la structure du bâtiment demeure dans un état désastreux.*

Il considère la question esthétique de manière plus nuancée que ce qui est présenté dans le dossier et s'interroge sur l'origine de l'initiative de classement.

Il trouve acceptable la proposition que l'État assume les réparations nécessaires s'il insiste pour protéger le bâtiment, ou, alternativement, que le bâtiment soit cédé à l'État pour l'euro symbolique.

Il s'oppose fermement à la proposition de classement.

tan amgaange sinn ze bauen a fäerdegzestelle respektiv nach ze plangen.

Soudass mer elo déi Moyenen net hunn, fir dat Gebai erëm esou hierzerichten, wéi dat misst sinn. An dofir déi Propos eventuell un de Staat, fir ze soen, mir si bereet, Iech dat ënner iergendenger Form ze cedéieren, an Dir kënnt dat dann, sou wéi Dir denkt, utiliséieren an eppes draus maachen.

Soudass mir éischter der Meenung sinn, et sollt net geschützt ginn. De Staat freet en zweete Vott, ob mir wëllen oder net wëllen, dass dat soll geschützt ginn. Quitte, dass mer wëssen, dass de Staat nach ëmmer dat lescht Wuert huet. Dem Här Thill, dem Här Kulturminister hate mer am Virfeld bei enger Visitt, wou mer e begéint haten, schonn eis Problematik duergeluecht. Hie versteet dat och.

Mir müssen d'Prozedur anhalen, sou wéi se virgesinn ass. Dat heescht, mir müssen haut driwwer ofstëmmen, ob mer dat als Monument national klasséiert wëllen hunn oder net. Soudatt ech Iech géif bieden, jiddweree soll dann a sech eragoen an d'Decisioun huelen, déi e fir richtig fënnt. Ech hunn Iech elo Mäint dozou gesot. An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Ulveling. Eng Wuertmeldung? Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Gudde Moien. Merci fir d'Wuert. Dir hutt scho viles gesot. Et ass e Gebai aus de 70er-Joren, wou u sech ugefaange ginn ass mat deene Bëtonsbauten, wou dat nach net ganz ausgetaskelt war. Dat heescht, dat ass ee Gebai, wat energetesch absolut net korrekt ass. Fir eis als Gréng ass dat kee Gebai, wat kéint einfach esou belooss ginn, dat misst total sanéiert ginn.

Dir hutt Recht op ganz ville Punkten, ënner anerem, dass d'Suen effektiv am Moment op anere Plaze vill, vill méi

wichtig wäeren. Mir ënnerstëtzen Är Propos. Merci

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci fir d'Wuert. Ech kennen dat Gebai do in- an auswenneg. Scho virun zwanzeg Joer hu mer eis misse schummen, wéi do Coursé vun der Museks-respektiv Der Bluesschoul, fir nëmmen déi ze nennen, stattfonnt haten, ënner ganz, ganz schlechte Konditiounen.

Och wann e bëssi dru rafistoléiert gouf, d'Struktur vum Gebai ass nach ëmmer an engem desolaten Zoustand. Iwwer Schéinheet léisst sech streiden, mee och dat gesi mer e bësse méi differenzéiert, wéi dat an deem Dossier ernimmt gëtt.

Eis géif nach interesséieren, vu wéi dem déi Initiativ vun deem Klassement dann do ausging.

D'Propos, dass de Staat sollt dréngend noutwendeg Reparature selwer droen, déi Der elo maacht hei, wann en den Objet da wëll schützen, fanne mer okay. Domat kënne mer liewen.

Oder eventuell eng aner Propos: Dem Staat dann dat Gebai, wann een et esou nach kann nennen, fir de symboleschen Euro ze iwwerloossen.

An deem Sënn kéinte mer déi Propos matdroen.

Fir de Rescht, d'Propos vun hinnen, fir dat ze klasséieren, do si mer strictement enger anerer Meenung. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech muss soen, et wonnert mech, wat hei als differenzéiert genannt gëtt, wa

8. Centre Marcel-Noppeney

Patrimoine ënner dem Anglé vu Schéinheet ënnersicht gëtt a mer en Avis vun e puer Säiten hei virleien hunn, dee ganz kloer Krittären opweist wéi: Authentizitéit, Seltenheetswäert, Gattung, charakteristescht, wéi eng Entstehungszeit, sozial oder Kulturgeschicht respektiv Architekten-, Kënschtler- oder Ingenieurswierk.

Dat si Krittären, déi objektiv a gesetzlech virgesi sinn. An et ass net, ob ech dat elo schéi fannen oder mäin Noper dat schéi fënnt. Dat ass net de Krittär, fir eise Patrimoine festzehalen.

Déi Diskussioun hate mer beim Hadir-Tower schonn, wou hei einfach gesot ginn ass: „Dee gesäit am Moment net schéin aus, nodeems e Joerzénge verholéissegt ginn ass, da raséiere mer dat of“. Dobäi war et een Témoin vun enger Héichzeit vun der Stolindustrie zu Lëtzebuerg. Dat hu mir einfach emol an de Koup gehäit. An hei wëlle mer dann änlech virgoen.

Wann eis gréng Kolleege hei mengen, dat misst total sanéiert ginn, da wär ech interesséiert, do d'differenzéiert Ausleeung vun „total sanéiert“ ze héieren. Well da maache mer eppes Änlech wéi bei der Sportshal, wou einfach baussen iergendeng Isolatioun drop geklaakt gëtt, dann hu mer eng Architecture brute, déi eeben ass, wat se ass. An déi kann ee schéi fannen oder net, mee dat ass net d'Fro, mee déi Architektur ass da futti.

An da muss een heiansdo decidéieren: Muss all Gebai total sanéiert ginn oder wéi muss et sanéiert ginn? Bei der Bockschoul hu mer en änleche Bockgeschoss, dass mer vun der Bockschoul herno net méi vill wäerte gesinn. Mee dat ass awer nach een anere Fall. Well do ass all Dag Schoul an do gëtt, en effet, vill gehéizt an esou weider an esou fort. Do kann een nach iwwer verschidde Saachen diskutéieren.

Mee ech sinn awer e bësse beträff dovunner, wéi mer hei mam Patrimoine ëmginn. Dass mer einfach soen, mir hunn elo d'Suen net, da si mer géint d'Klassement.

Ech mengen, mir kéinten als Gemeng soen, mir si fir d'Klassement a mir hunn awer d'Suen am Moment net, fir et ze renovéieren, a mer muss mam Staat

kucken, eng Léisung dofir ze fannen. Déi Propos steet an deem Bréif, dass de Staat, ënner anerem, do kann intervenéieren.

Da kënne mer kucken, mat hinnen ee Projet ze entwéckelen. Dat heescht awer net, dass mer elo als Gemengerot hei solle soen, mir hunn d'Suen elo net, dann ass de Patrimoine eis elo egal. Wa mer an zwanzeg Joer d'Suen hunn an de Patrimoine ass net méi do, wat maache mer dann? Dann ass de Patrimoine fort an da kritt een dee Patrimoine och net méi esou schnell zréck. Där Responsabilitéit muss mer eis bewosst sinn, wéi just no konjunkturelle Situatiounen ze kucken a liichtfäerdeg esou Saache sinn ze loossen.

Markant Gebaier maachen een Duerf, maachen eng Stad aus. Wa mir just nach wäiss Këschtchen do stoen hunn, déi no fënnef Joer gréng ulafen, da si se energeetescht vläicht gutt sanéiert, mee dann hu mer awer soss näischt dovunner. An et weess och kee méi, ob een zu Uewerkuer ass oder an iergendenger Banlieue iergendwou.

Dat gesot, muss ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass an deem Reglement, wat mer jo hei am Dossier hunn, och ganz kloer Kofinanzementer, am Fall vun engem Klassement, virgesi sinn. Bis zu 50 % kréie mir vu Käschte jo och vum Staat rembourséiert. Dat heescht, et ass net, wéi wann dat Ganzt iwwer d'Gemeengekeess géif goen.

Dat heescht, ech schwätze mech hei ganz kloer dofir aus. An et ass net déi éischte Kéier, wou ech mech dofir ausschätzen, d'Architecture brute zu Uewerkuer, wou mer dräi Gebaier hunn, déi markant sinn, ze schützen. Den Ensembl, deen ass schonn net méi besteeënd. Dat hei Gebai ass dat lescht, wat nach a sengem État brut esou besteet a wou ech denken, dass ee laangfristeg Léisunge fanne sollt, fir dat ze valoriséieren an net weider verkommen ze loossen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller nach.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) s'étonne qu'on évalue le patrimoine principalement sous l'angle esthétique. Il énonce les critères objectifs et légaux pour évaluer la valeur historique d'un bien: authenticité, rareté, caractéristiques typiques d'une époque, importance historique, sociale ou culturelle, ou valeur en tant qu'œuvre d'architecte, d'artiste ou d'ingénieur.

Il établit un parallèle avec la tour Hadir, témoin de l'industrie sidérurgique luxembourgeoise, qui a été démolie. Il questionne ce que signifie une « rénovation totale » pour les Verts et s'inquiète de voir disparaître des éléments architecturaux authentiques sous prétexte d'isolation, comme cela s'est produit avec d'autres bâtiments.

Il déplore l'approche consistant à rejeter un classement simplement par manque de moyens financiers immédiats. Il propose que la commune puisse se montrer favorable au classement tout en reconnaissant ne pas avoir actuellement les ressources pour rénover le bâtiment, et chercher des solutions avec l'État. Il met en garde contre la perte irréversible du patrimoine et souligne l'importance des édifices remarquables pour l'identité d'une ville.

Gary Diderich souligne que le règlement prévoit clairement des cofinancements en cas de classement du bâtiment, avec jusqu'à 50 % des coûts remboursés par l'État. Il se prononce fermement en faveur de la protection de l'architecture brutaliste à Oberkorn, expliquant que sur les trois bâtiments autrefois marquants, celui-ci est le dernier qui existe encore dans son état brut. Il estime qu'on devrait chercher des solutions à long terme pour le valoriser plutôt que de le laisser se détériorer davantage.

8. Centre Marcel-Noppeney

ERNY MULLER (LSAP) indique qu'il a fréquenté ce bâtiment des années 70 jusqu'à aujourd'hui et souhaite également protéger sa substance.

Cependant, il s'interroge sur l'identité de la personne ou de l'entité qui a proposé cette protection, notant que, généralement, les citoyens qui font de telles propositions sont mentionnés dans le rapport. Il se demande si c'est une personne ayant un lien fort avec ce lieu, y ayant investi dans des activités artistiques ou culturelles.

Il s'étonne que le ministère ne prenne aucun engagement concret et n'offre aucune perspective de soutien. Bien qu'il préférerait reporter la décision jusqu'à trouver un partenariat avec le ministère, la commune est contrainte par un délai.

Erny Muller reconnaît la difficulté technique d'une rénovation, le bâtiment souffrant d'humidité généralisée. Il estime que le projet pourrait être plus attractif s'il était développé, car aujourd'hui, ce type de monument est souvent valorisé tout en ajoutant une structure permettant une meilleure utilisation. Pour lui, c'est plus l'art que l'utilité pratique, qui est en jeu dans ce cas. Malgré son attachement, il annonce qu'il votera négativement, craignant que, dans vingt ans, ils ne se retrouvent avec une ruine.

TOM ULVELING (CSV) répond qu'il comprend la sensibilité de monsieur Diderich et partage une certaine nostalgie, notamment pour les belles fenêtres orange du bâtiment.

Il rappelle toutefois que, si le bâtiment est protégé, la commune aura l'obligation de le maintenir et de collaborer avec l'INPA, engendrant des coûts importants. Il illustre son propos avec l'exemple du Thillebiere, également protégé, où la commune doit reconstruire la tribune sans recevoir de subvention, car il s'agit d'une reconstruction et non d'une rénovation.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt ee Wuert dozou soen. Ech war oft an deem Gebai, ech hunn dat jo e bësse matgemaach vun de 70er-Jore bis haut. Ech si bestëmmt een, deen déi Substanz do wëllt schützen, mee op där anerer Säit kann ech mech nëmme wonneren. Éischtens wär ech och interesséiert, wien dat do proposéiert huet, ob dat d'Commission telle quelle war oder – normalerweis gëtt dat jo vu Bierger gemaach an da ginn déi Bierger och erwäant, déi ginn zitéiert an deem Bericht. Ech froe mech, firwat dat hei net de Fall ass.

Well da kéint ee sech jo och emol vläicht iwwerleeën: Ass dat ee vun de Bierger, deen déi ganz Geschicht do matgemaach huet, deen elo wierklech dorop hält? Deen do ee groussen Deel vu sengem Liewen esouguer investéiert huet do dran? Ech mengen, mat allen Aktivitéiten an esou weider op Konscht-Niveau oder musikaalesch oder aner Kultur.

Mee wat mech awer elo e bësse staark wonnert, dat ass, dass de Ministère selwer weider keen Engagement huet. E stellt näischt an Aussicht. Ech mengen, do misst jo awer och emol eng Kéier een Input kommen a gesot ginn, dat do ass fir eis wierklech eppes Remarkabelles, mir géife versichen, do Iech entgéintzekommen an eppes ze maachen, zesumme mat Iech.

Zweetens: Am Fong géif een dat am Léifsten elo reportéieren a soen, mir kucken, bis mer ee Partner fannen. Dat wär an dësem Fall de Ministère. A maachen eis Decisioun dovun ofhängeg. Mee dat kënne mer net. Mir sinn un den Delai gebonnen a mussen elo hei soen: Jo oder Nee. Dat ass am Fong eppes, wat ech an deene Fäll och net ganz gutt fannen.

Ech si mat allem d'accord, wat hei gesot ginn ass, wat och stëmmt. Ech mengen och Dir, Här Diderich. Mir kënne elo soen, mir hänken un deem Gebai, mee mir kënne awer net verleugnen, dass dat eng ganz schwiereg Renovatioun gëtt. Do ass Fiichtegkeet vun uewen, vun ënnen a vun iwwerall. Dat gëtt ganz problematesch, fir dat a Stand ze setzen.

En plus, ech mengen, dee Projet kéint nach méi attraktiv ginn, wann een en ausbaue kéint. Oft gëtt haut esou ee Monument, wann der et wëllt esou nennen, gebraucht, fir dat an enger neier Attributioun respektiv engem Ausbau, en valeur ze setzen. Mee wou dann awer hannendrun nach eng aner Struktur ass, déi och dann enger neier Attributioun zougefuert gëtt, oder besser notzbar wéi dat hei. Hei ass méi d'Konscht wéi d'Notzbarkeet, wat spillt.

Hei hunn ech nëmme de Choix vun enger negativer Ofstëmmung, well ech keen anert Resultat gesinn. Wat mer am Fong perséinlech leed doet. Mee op där anerer Säit lafe mer Gefor, dass mer an zwanzeg Joer eng Bauruin do stoen hunn.

Dat ass meng Meenung zu deem Ganzen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Diderich äntwerten. Ech verstinn Är Sensibilitéit, ech si jo och nostalgesch, well déi schéin orange Fënsteren do dra sinn an deem Gebai. Mee et muss een awer och wëssen, dass wann et geschützt ass, dann hu mer Obligatiounen. Mir hunn Obligatiounen, dat ze erhalen a mir hunn Obligatiounen, eis zesumme mam INPA auseruesetzen. A mir wësse jo och, dass dat dann net méi bëlleg gëtt. Dat ass emol dat Éischt.

Dat Zweet ass, Dir hutt elo gesot, wat mer alles vu Subsiden heifir kréien. Mee elo erklären ech Iech emol: Dat ass alles schéin a gutt, wat hei steet, mee ech ginn Iech elo mol d'Beispill vun eise Thillebiere, dee mer jo och geschützt hunn, dee mer jo och elo restauréieren.

Do hu mer dann elo festgestallt, dass d'Tribün komplett faul ass, souwuel d'Holz – dat hat ee jo schonn ugeholl – wéi och déi ganz Armature métallique. Dat heescht mir mussen dat getrei, wéi et war, nobauen, nei bauen. Dann ass et keng Renovatioun méi an hirem Dénge. Dat heescht: Mir kréien null Subsid fir d'Tribün vum INPA, well et keng Renovatioun ass, mee een Neibau. Also do sinn och Nuancen, déi elo hei am Text net drastinn.

9. Règlements communaux

Also ech mengen, dat Finanziellt ass een Element vun deem Ganzen, mee dat anert, wat ech awer och gesot hu vir-drun, déi Plaz do, déi als Kulturzenter esou net méi gebraucht gëtt, fir där eng nei Bestëmmung ze ginn, fir do Logement oder Logement integré, oder egal wéi mer et nennen, mee fir do eppes Sënnvolles ze maachen, wéi dass een elo eng Këscht do muss erhalen, wou een à ce stade als Gemeng net weess: Wat solle mer domat maachen? Ech mengen, mir hunn alles an deem Sënn elo, wat mer brauchen. Jiddefalls gëtt et net méi als Kulturzenter, wéi et geduecht war, gebraucht.

Dofir verstinn ech, wat den Här Muller seet. Et ass kloer, wann een elo kéint hin an hier do drubauen oder esou, da kéint ee soen okay. Mee fir et ëmzebauen als Logement, ass, menger Meinung no, net méiglech. Well en plus ass et zwar typesch, déi sechseckeg Form do, mee déi ass total onpraktesch, fir alles, wat ee wëll maachen dran.

Ech mengen, jiddweree muss elo en âme et conscience do entscheeden. Mir müssen awer eng Entscheidung treffen. Mir kënne jo och nach ëmmer, après coup, mam Minister versichen, iergendwéi eng aner Léisung ze fannen, déi mer hei ugedeit hunn, fir ze soen: Wann Dir dat wëllt halen, mir kënnen eis do arrangéieren, dass Dir dat kritt, an da macht Dir, wann Dir wëllt, ee Musée oder iergendwéi eppes. Da si mer frou, wann Der kommt an hei zu Déifferdeng dat kéint maachen an deem do Gebai, dat wär jo da schéin. Mee à ce stade, wéi gesot, gesinn ech do keng aner Léisung. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Här Tempels, wannechgeift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Et ass wierklech eng komplizéiert Geschicht. Mir hunn ee Gebai, wat scho markant ass, do si mer eis eens. Mee mir hunn ee Problem mam Gebai, dass et wierklech bal baufällig ass. Et ass net einfach.

Zu Miersch gouf et eng änlech Situation, wou d'Siloen ofgerappt gi sinn. Do ass gefrot ginn, fir déi Hal ze klasséieren. Déi hat och eng ganz speziell Form. Ass och haut net méi do.

Ech sot vir-drun, op där Plaz stoung och eng Schoul, déi ganz schéi war. Ass och net méi do. Et ass – mir müssen eis eens ginn, wat mer wëllen. Mee dat heischéngt mir zwar och wierklech, dat ass elo meng perséinlech Meinung, en däregen Dossier ze sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Merci, fir déi Informatiounen an déi Ureegungen. Mir géifen zum Vott kommen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wie gär hätt, dass et soll als Monument national klasséiert ginn, stëmmt Jo. An deen, deen dat net gär hätt, stëmmt mat Nee.

Le conseil communal décide avec 1 voix en faveur du classement et 18 voix contre de ne pas aviser favorablement l'intention de classement comme patrimoine culturel national de l'immeuble centre Marcel-Noppeney, sis 212, avenue Charlotte, inscrit au cadastre de la commune de Differdange, section C d'Oberkorn, sous le numéro 130/7879.

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen un d'Kommunalreglementer, de Punkt 9a ass eng Modifikatioun vum Waasserpräis: vum Ofwaasserpräis a vum Drénkwaasserpräis, déi zwee Präisser.

Ech brauch Iech net ze erklären, dass de Legislatuer, de Gesetzgeber vorschreift, dass de Waasserpräis vum Konsument integral muss gedroe ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Pollueur-payeur.

Tom Ulveling note que le bâtiment n'est plus utilisé comme centre culturel et qu'il serait plus judicieux de lui donner une nouvelle destination, comme du logement, plutôt que de conserver une structure dont la commune ne sait que faire. Il estime que la transformation en logements est compliquée par la forme hexagonale du bâtiment, typique, mais peu pratique. Il suggère que la commune pourrait toujours, après décision, chercher une solution avec le ministre, en proposant par exemple que l'État y crée un musée.

GUY TEMPELS (CSV) reconnaît la complexité du dossier. Le bâtiment est certainement remarquable, mais presque en ruine. Il évoque une situation similaire à Mersch, où un hall à la forme spéciale qu'on voulait classer n'existe plus aujourd'hui.

Il rappelle également qu'à cet emplacement se trouvait autrefois une belle école qui a disparu. Il conclut que ce dossier lui semble particulièrement difficile à trancher.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie monsieur Tempels pour ses informations et suggestions avant de proposer de passer au vote. (Vote)

Guy Altmeisch introduit le point 9a) de l'ordre du jour concernant la modification du prix de l'eau.

(Interruption)

9. Règlements communaux

Guy Altmeisch confirme qu'il s'agit bien des deux prix : celui des eaux usées et de l'eau potable. Il explique que la législation impose que le prix de l'eau soit intégralement supporté par le consommateur selon le principe du pollueur-payeur. Il précise que plusieurs facteurs influencent l'augmentation du prix : le coût de revient du SES, les frais de ressources humaines (à la suite des trois tranches indiciaires de l'année précédente et une prévue pour le début de l'année suivante), le coût plus élevé du matériel, ainsi que la taille du réseau, et les frais d'entretien et de développement de celui-ci.

TOM ULVELING (CSV), président du S.I.A.CH., poursuit avec des explications détaillées. Il rappelle que le tarif actuel a été calculé en 2020 sur base des chiffres du compte 2019 et adapté en 2021. Depuis, six tranches indiciaires sont intervenues et le prix du SES a augmenté de 1,50 € à 1,90 € par mètre cube en 2023. La commune a ainsi subventionné les citoyens à hauteur de plus de 800 000 € pour l'eau l'année dernière.

Conformément à la loi du 19 décembre 2008, ils doivent maintenant appliquer le principe du pollueur-payeur, suivant un tableau précis prenant en compte les coûts du personnel, du réseau et le prix de l'eau.

Tom Ulveling explique que le collègue échevinal a opté pour une augmentation plus importante de la part fixe et moindre de la part variable. Pour les ménages, le prix fixe passe de 25 € à 27 € par an, tandis que le prix variable passe de 2,25 € à 2,90 € par mètre cube. Pour un ménage de deux adultes et un enfant consommant environ cent mètres cubes par an, cela représente une augmentation de 240 € annuels, soit 20 € par mois.

Concernant les eaux usées, Tom Ulveling précise que la taxe fixe augmente de 5 € à 10,20 € et la part variable de 3,10 à 3,60 € par mètre cube. Cette augmentation est influencée par les tranches indiciaires, les coûts du matériel et du personnel, ainsi que par l'agrandissement du S.I.A.CH., représentant deux-millions d'euros dans le calcul.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

De Waasserpräis ass beaflosst duerch eng Augmentatioun vum SES, vum dem Prix de revient vum Waasser. De Waasserpräis hänkt vum de Fraisen of, déi een huet als Ressources humaines. Mir wëssen, dass mer d'lescht Joer dräi Indexranchen haten, dass eng Indextranche nach am Raum steet fir Ufank nächst Joer, dass dowéinst d'Personal méi deier ginn ass an och d'Material méi deier ginn ass. An dass de Waasserpräis och ofhänkt vum der Gréisst vum Réseau, vum Entretien vum Réseau a vum deem neie Réseau, deem ee schafe muss.

Dat Ganzt hu mer berécksiichtegt bei der Berechnung vum deem neie Präis. Dat emol vu menger Säit aus, e puer Erklärungen.

Ech géif d'Wuert viruginn un de Président vum S.I.A.CH., den Här Ulveling, deem eis nach weider Detailer zu deem Präis do gëtt. Här Ulveling, wannechge-lift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et muss ee wëssen, deem Tarif, dee mer à ce stade hunn, ass 2020 ausgerechent ginn an 2021 adaptéiert ginn. Fir deem auszerechnen, 2020, hu mer missen op d'Zuele vum Kont 2019 zrëckgräifen. Zënter dëser Zäit si sechs Indexranchen ugefall. De Präis vum der SES, wéi den Här Buergermeeschter richtig gesot huet, ass vum 2023 vum 1,5 Euro de Meterkibb op 1,9 Euro de Meterkibb, dat heescht plus 0,4 Euro an d'Luucht gesat ginn.

D'Gemeng huet also dat lescht Joer eleng fir d'Waasser de Bierger iwwe 800.000 Euro subventionéiert. An den Här Buergermeeschter huet et richtig gesot, nom Gesetz vum 19. Dezember 2008 krute mer vum der Regierung geschéckt, dass mer missten dat pollueur-payeur-gerecht maachen.

Dat gëtt awer elo net einfach esou gerechent, mee do ass ee ganz genauen Tablo, deem ee muss ausfüllen, wou dann op där enger Säit d'Personalkäschten, d'Reseauskäschten, d'Waasserpräisser an alles berécksiichtegt gëtt.

Et muss een ausfüllen, an da kënnt ee Präis eraus.

Do huet een awer elo de Moyen nach, vu -0,5 bis +0,5 % kann een do hin- an hierschaukelen, fir ee Präis erauszeginn, deem elo da soll applizéiert ginn. Mir hunn eis dofir entschloss, duerch dat klengt Changement, wat mer kënnen hunn, dass mer eng méi héich Erhéijung vum Prix fixe gemaach hunn an dofir eng manner héich Erhéijung vum Waasserpräis.

Soudass de Prix fixe, dee jo da pro Joer bezuelt gëtt, elo am Secteur ménage 25 Euro ass. Fréier huet de Meterkibb Waasser 2,25 Euro kascht. Elo proposéiere mer, de Prix fixe op 27 Euro ze setze pro Joer, an de Prix variable op 2,9 Euro ze setzen. Seng Tax kann een an deem Sënn jo moduléieren, andeems ee vill oder manner vill Waasser wäert consomméieren.

Et muss een och wëssen, dass déi Erhéijung hei – dat verstoppene och net – bei 100 Meterkibb pro Joer, wat en duerchschnëttleche Verbrauch ass vum engem Stot vum zwee Erwuessener mat engem Kand, effektiv 240 Euro pro Joer ausmécht. Dat ass net wéineg. Däers si mer eis bewosst. Dat sinn 20 Euro de Mount.

Mee, wéi gesot, mir sinn dem Gesetz no gehalen, dat esou ze facturéieren, dass mir dat pollueur-payeur-gerecht maachen.

Pardon, ech hu mech eiert,. Ech hunn Iech dat vum Ofwaasser gesot am plaz vum Dréinkwaasser. Entschëllegt. Ech widderhuelen: Dréinkwasser fir de Ménage ass fënnf Euro Taxe fixe pro Joer an 3,1 Euro de Meterkibb. D'Taxe fixe gëtt eropgesat vu fënnf op 10,20 Euro, an de Prix variable vum Meterkibb Waasser gëtt op 3,6 Euro eropgesat. Soudass een do, wéi gesot, eng manner grouss Erhéijung huet wéi bei der Taxe fixe. Soudass een déi Erhéijung e bëssen ofgefiedert kritt.

Beim Ofwaasser ass et e bëssen d'selwecht. Et muss ee wëssen, den Einheitswert gëtt ofgerechent an och den Diameter vum Usschloss gëtt do ofgerechent, de Verbrauch oder déi Tax, déi een da muss bezuelen.

9. Règlements communaux

Hei beim Ofwaasser schloen natierlech d'Indextranchen, d'Materialkäschtchen an d'Personalkäschtchen an eisem Calcul hei an d'Gewiicht. An och d'Vergrößerung, déi mer an de leschte Jore vum S.I.A.CH. gemaach hunn, wat ëmmerhin zwou Milliounen ausgemaach huet.

Et muss een och wëssen, bei der Industrie an esou ass d'Erhéijung net grad esou grouss, well mer an enger éischter Phas e bëssen ze vill héich louchen, a mer gesinn hunn, dass mer dat elo müssen zrëckhuelen. An et muss ee wëssen, ArcelorMittal a Curver, déi zwou gréisste Firmen am Fong, déi mer hei hunn, ginn direkt vun der SES beliwert. Soudass déi an eisem Calcul net méi wäerte virkommen.

Ech wëll och soen, dass mer eis am Schäfferot eens waren, dass een net méi soll, wéi an der Vergaangenheet, e puer Joer waarden, ier een dat ëmmer erëm applizéiert. Mee dass mer wëilten deen Exercice hei all Joer maachen, fir dass eng eventuell Erhéijung net op ee Coup esou vill méi ass.

Ech wëll awer nach eng Kéier insistéieren, dass mer d'Waasser vun eise Bierger am leschte Joer ëm bal eng Millioun gesponsert hunn. An dass mer awer elo müssen nozéien.

Ech wëll och nach bemierken, dass deen neie Camionwon fir d'Ofwaasser nach net mat an de fixe Käschte beduecht ass. Et muss een och wëssen, dass déi Saachen, déi do berechent ginn, déi ginn och amortiséiert. Dat heescht, ee Camion dee gëtt op zéng Joer amortiséiert. D'Reseae ginn op zwanzeg Joer oder esou amortiséiert.

Dat heescht, et ass eng ganz Rechnung, déi een am Fong, wann een d'Chifferen huet, déi kann een u sech net manipuléieren. Et ass wierklech dat, wat erauskënnt. A wann Der och kuckt, wat bei Recetten an Dépense stoung d'lescht Joer, da gesitt Der, dass mer do dee Montant, deen ech Iech gesot hunn, bäigeluecht hunn. Ech weess, dass et eng batter Pëll ass, déi mer musse schlécken, fir jiddwereen. Mee, leider, si mer, vum Gesetz aus verflucht, dat esou unzewenden. Do komme mer leider net derlaanscht. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Ech géif d'Wuert un den Här Hartung ginn. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Am Kontext vun der Upassung vum Ofwaasser- an Drénkwaasserpräis, hu mer eis am Schäfferot Gedanke gemaach, besonnesch wéi mer d'Allocation de solidarité no uewen upassen. Dës finanziell Hëllef ass jo wichtig, hu grad déi Leit an de finanziell prekäre Situatiounen vill mat dese Präiserhéijungen ze kämpfen, fir datt et um Enn vum Mount weiderhin nach opgeet, fir sech an hir Famill iwuer d'Ronn ze bréngen.

Wéi Dir bestëmmt all matkritt hutt, huet de Staat virun enger kuerzer Zäit decidéiert, d'Montante vun der Allocation de vie chère dauerhaft ëm 10 % ze erhéijen. Aktuell hu mir eis Allocation de solidarité op 50 % vum besteeënde Montant definéiert. Fir dës Präisupassung fir Leit a prekäre Situatiounen ofzefiederer, wäert Déifferdeng seng Allocation de solidarité ëm 10 % erhéijen an deemno den Taux vun de 50 % fir 2025 op den neie Montant vum Staat applizéieren.

Déi budgetär Enveloppe vun der Gemeng fir d'Allocation de solidarité geet deemno vun 2.350.000 fir 2025 ëm 10 % op 2.600.000 Euro erop. D'Upassung vun der Budgetsenveloppe fir 2025 stëmme mer an der Budgetssetzung an engem Mount. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, merci fir d'Wuert. Dir hutt eis ganz vill Explikatiounen ginn an och Saachen, déi ech am Fong wollt hei suggeréieren. Et ass esou: Mir gesinn et als relativ problematesch, well et 240 Euro d'Joer si fir d'Stéit.

Il note que l'augmentation est moins importante pour l'industrie, car les tarifs précédents étaient trop élevés, et que les grandes entreprises comme « ArcelorMittal » et « Curver » sont directement approvisionnées par le SES.

Le collège échevinal propose désormais d'effectuer cet exercice de révision annuellement pour éviter des augmentations trop importantes d'un coup. Tom Ulveling souligne que la commune a subventionné l'eau à hauteur d'un-million d'euros l'année précédente et que cette situation doit être rectifiée.

Il précise également que le nouveau camion pour les eaux usées n'est pas encore inclus dans les couts fixes et que les équipements sont amortis sur des périodes spécifiques (dix ans pour un camion, vingt ans pour les réseaux). Il conclut en reconnaissant que cette augmentation est difficile à accepter, mais obligatoire selon la législation.

JERRY HARTUNG (CSV) explique que le collège échevinal a réfléchi à l'adaptation de l'allocation de solidarité à la suite de l'augmentation des prix de l'eau potable et des eaux usées.

Cette aide financière est essentielle, car les personnes en situation précaire sont fortement impactées par ces hausses de prix. Il rappelle que l'État a récemment décidé d'augmenter de 10 % les montants de l'allocation de vie chère de façon permanente. Actuellement, l'allocation de solidarité communale est fixée à 50 % du montant existant. Pour atténuer l'impact des ajustements de prix, Differdange augmente son allocation de solidarité de 10 % pour 2025 et applique le taux de 50 % sur le nouveau montant défini par l'État. L'enveloppe budgétaire de la commune pour cette allocation passe ainsi de 2 350 000 € à 2 600 000 €, soit une hausse de 10 %. L'ajustement budgétaire sera voté lors de la séance budgétaire le mois prochain.

ERIC CILLIEN (DP) considère la situation comme problématique, car elle représente 240 € par an pour les ménages.

9. Règlements communaux

Il souligne que cette augmentation s'ajoute à celles de l'électricité et du gaz, causant un impact cumulé significatif sur les citoyens.

Il reconnaît l'obligation légale d'adapter les prix, mais suggère qu'un échelonnement aurait été préférable. Il fait remarquer qu'une adaptation l'année précédente, quand un plafond sur le prix de l'électricité existait encore, aurait été moins douloureuse que l'augmentation complète cette année.

Il est également préoccupé par l'écart appliqué pour l'industrie, qui contredit selon lui le principe de solidarité. Son groupe politique n'approuvera pas cette mesure et s'abstiendra lors du vote.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle que le sujet du prix de l'eau a déjà été amplement discuté en commission et au conseil communal. Il observe que les positions politiques varient selon qu'on se trouve dans la majorité ou l'opposition. Il note que le LSAP avait précédemment argué que ce n'était pas le bon moment pour augmenter le prix de l'eau, mais, maintenant qu'ils sont dans la majorité, ils considèrent que c'est opportun, malgré l'augmentation du prix de l'énergie prévue pour le 1^{er} janvier.

Pour déi Lénk, la position est claire: l'eau est un droit humain et un besoin fondamental qui relève du service public. Il critique le principe de couverture des coûts, qui tend vers une possible libéralisation de ce service. Or pour Gary Diderich, l'eau ne peut pas être considérée comme un simple produit.

Il explique que la directive européenne a été interprétée strictement au Luxembourg, alors que d'autres pays l'appliquent différemment. Il défend un prix de l'eau échelonné qui inciterait à une consommation plus économe, l'eau devenant de plus en plus rare au Luxembourg.

An et ass jo net nëmmen dat. D'Elektresch geet an d'Luucht, de Gas, alles dat ass eng Repercussioun, déi op d'Bierger wäert zoukommen. Wat also net minim wäert si fir dat nächst Joer.

Dir hutt gesot, mir hunn eng gesetzlech Obligatioun. Dat ass richtig, dat wëll ech net ofstreiden. Ech si warscheinlech dee Leschten, dee wäert soen, mir missten eis net dorunner halen. Mee wa mer et déi Jore virdrun net gestëmmt hunn, dann hätt een dat vläicht och kënnen anescht staffelen.

An Dir hutt gesot, vläicht misst dru geduecht ginn, fir dat all Joer unzepassen, da wier déi batter Pëll net esou haart gewiescht. Dat hätt een awer och d'lescht Joer kënne scho maachen. Et hätt een net misse waarde bis dëst Joer. Well d'lescht Joer, do gouf et nach en Deckel um Elektreschpräis. Dat wëll ech awer dann och dozou soen. Vlächicht hätt et manner wéigedoen, wann een zu deem Zäitpunkt d'Upassung gemaach hätt an net dëst Joer géif mat där ganzer Upassung do kommen.

En plus den Delta bei der Industrie, dee stéiert mech awer. Och wann dat nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass, ass dat awer iergendwéi op dem Fändel, dee mer eis wëlle vun der Solidaritéit a vun all Bierger hëllef schreien, dann do net ginn. Mir wäerten dat doten net matstëmme, dat soen ech Iech.

Ech mengen, Dir wësst et aus der Vergaangenheet, wou Der an der Oppositioun waart, wou Der och emol aus dem Sall gaange sidd bei esou Decisiounen, dann hutt Dir jo och net matgestëmmt. Mir wäerten dat doten net matstëmme. Mir wäerten eis hei enthalen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, mir hunn et hei nees mam Waasserpräis ze dinn. Dat Theema hu mer scho vill a breet diskutéiert an de ver-

schiedene Kommissiounen, och ëmmer hei am Gemengerot. An et muss ee sech wonneren, jee nodeem, wou ee grad sëtzt, ee verschidde Positiounen anhëlt.

An ech fäerten, dass mer bei deem heiten Theema net op ee grénge Zweig kommen, wa mer iergendwellech Argumentatiounen brénge vu weegen, et ass net dee richtige Moment.

Et ass net dee richtige Moment – dat huet d'LSAP beim leschte Vott iwwer de Waasserpräis gesot. Do ware se just net an der Majoritéit. Elo si se an der Majoritéit, elo ass dee richtige Moment. Obwuel mer den 1. Januar eng Erhéijung vum Energiepräis kréien.

Wann ech elo dem Här Cillien seng Argumentatioun huelen, da kann ech soen, d'Inflatioun ass jo awer elo méi niddreg, dann ass awer elo vlächicht dee richtige Moment. Den Här Liesch hat an der Gemengerotssëtzung vum Mäerz 2022 d'Wuert „relativ“ benotzt. Wéini dee richtige Moment ass oder wéi eng Zäit ass, dat ass relativ. Dat ass ganz relativ. A wann een, en effet, keng politesch Linn huet, da gëtt d'Politik och relativ relativ oder belibeg.

Ech mengen, et muss een einfach politesch gesi wëssen, wat engem seng Linn ass. Fir déi Lénk ass eis Linn ganz kloer: Waasser ass ee Mënscherecht. Drénkwaasser an Ofwaasser offéieren ass ee Grondbedierfnis an ass ee Service public. Et mécht hei och keen eng Ofrechnung, wéi vill mer an der Educatioun u Suen drop geluecht hunn, fir dass eis Kanner léiere kënnen a sech Wëssen uneegnen. Dat ass ee Service public.

Mir maachen och net allkéiers eng Rechnung, wéi vill mer bei anere Service-publicken dropleeën. Drénkwaasser ass ee Service public. Soss géif et jo guer net iwwer d'Gemeng lafen. Dee ganze Prinzip vun der Käschtedeckung ziilt am Fong, gréisstendeels, an déi Richtung, dass een iergendwann och deen dote Service public och nach kann auslagere, ka liberaliséieren an zu enger Wuer wéi enger anerer maachen.

Dohier kënnt déi Direktiv vun der EU. An déi Direktiv vun der EU ass zu Lëtzebuerg extra streng ausgeluecht ginn. Well hei ass och schon am Gemenge-

9. Règlements communaux

rot behaupt ginn, mir kéinte guer net anescht hei zu Lëtzebuerg maachen. Jo! Et gesäit een awer a ganz ville Länner, dass et anescht gemaach gëtt.

Leider huet d'EU, zum Beispill, Irland dozou gezwongen, dass do iwwerhaapt emol Compteuere installéiert gi sinn. Jo. Mee wéi awer de Präis herno berechent gëtt an esou weider an esou fort, dat ass awer nach eppes anescht.

2022 hunn Déi Gréng, huet den Här De Sousa eng Question parlementaire als Argumentatioun ugefouert, firwat de gestaffelte Waasserpräis net kann ëmgewandelt ginn. Et ass draus zitëiert ginn, an d'Äntwert dorobber war net, et ass onméiglech, mee et ass erschwéiert.

Dat heescht, dat eenzegt Argument, wat géint de gestaffelte Waasserpräis schwätzt am Kader vun der besteeënder Gesetzgebung an am Kader vun der besteeënder EU-Direktiv, ass dass et e weidere Verwaltungsofwand ass. An deem ass et. Jo! Mee d'Zil, wou mer eis allegueren eens sinn an all deenen Diskussiounen, déi mer iwwer de Waasserpräis haten, ass, dass dat kostbaart Gut Waasser méi spuerbar benotzt gëtt, dass mer manner dovun benotzen.

Well Waasser gëtt zu Lëtzebuerg definitiv ëmmer méi knapp. Wa mer mussen driwwer schwätzen, dass d'Musel zu Drénkwaasser opbereet gëtt, dann ass et net vu Muttwéll, dass mer eis Gedanke maachen, wéi mer manner Waasser verbrauche kënnen.

Mee da mussen mer awer kucken, wéi mer zu deem Zil kommen. An ee gestaffelte Waasserpräis ass ganz kloer eng Aart a Weis fir zu deem Zil ze kommen. Well wann d'Verbëtze méi kascht pro Liter wéi een normale Grundbesoin, dann huet een e ganz kloeren Incentive, fir manner ze verbrauchen.

Wann awer de Waasserpräis an der Zomm méi kleng gëtt, wat méi Waasser verbraucht gëtt – well esou ass d'Käschendeckung, dee gréissten Deel vun deene Käschte si jo fix. Dat heescht, wa mir déi nämmelech fix Käschten duerch méi Liter deelen, oder Kubikmeter deelen, da geet de Waasserpräis jo am Fong erof. Dat ass jo absurd. Et ass jo net dat, wat mer wëllen erreechen. Mir wëllen, dass am Endeffekt manner verbraucht gëtt.

Mir maache manner héich Präisser fir d'Landwirtschaft a fir d'Industrie, wou jo méi héich Quantitéite verbraucht ginn, wat och net ganz an där Logik ass. Ech begreifen, dass den Här Cillien domadder awer och Bauchwéi huet.

Am Endeffekt si mer also hei op engem komesche Wee ënnerwee. D'LSAP, den Här Muller, huet an där besotter Gemengerotssëtzung gesot, dass hie souwuel dee Modus do wéi och de Modus vum gestaffelte Waasserpräis interessant fënnt. Well deemools, ech erënneren drun, ass d'Finanzkommissioun en Avis gefrot ginn, an huet emol iwwerhaapt iwwer de Sujet geschwat. An d'Finanzkommissioun huet sech och fir e gestaffelte Waasserpräis ausgeswat. Dës Kéier schwätzt d'Finanzkommissioun emol net iwwer d'Thema. Dat fannen ech net onbedéngt ee Progrès, wéi mer mat esou Saachen ëmginn – wann eng Finanzkommissioun mol net méi iwwer Taxe schwätzt.

Wa mer net an d'Richtung vun engem gestaffelte Waasserpräis ginn, si mer a Kontradiktioun vun eisem eegene Leitbild vum Pacte Climat 2.0, wou mer soen, mir wëllen eng sozial verträglech an ëmweltgerecht Waassertax.

Sozial verträglech ass déi Waassertax manifestement net. Ëmweltgerecht, doriwwer kënnen mer diskutéieren. Ech soen, ee gestaffelte Waasserpräis ass kloer méi ëmweltgerecht, well e wierklech d'Verbëtze méi staark penaliséiert wéi dat normaalt Benotzen, wou mer jo vu ronn 50 Liter pro Persoun schwätzen.

Da gëtt et eng Rei Froen, déi sech hei stellen. Ech hu keng Avisen am Dossier fonnt. Et ass eng Demande d'avis un d'AGE gemaach ginn. Et ass awer keen Avis do. Ech hunn näischt vun der SES am Dossier fonnt. A wann ech elo déi Rechnung huelen, déi den Här Ulveling hei gemaach huet, sechs Indextranché plus een neie Coût de revient vun der SES vun 0,4, da kommen ech op 7,9 an net op zéng Euro. A wa mer dann nach déi 5 % dobäi setzen, déi Der duerno nach genannt hutt, da si mer op 8,3, da si mer och nach ëmmer net op zéng. Mee dat ass elo Gerechens.

Gary Diderich regrette par exemple que l'UE ait forcé l'Irlande à installer des compteurs.

En 2022, monsieur De Sousa, de déi gréng, a expliqué qu'un échelonnage du prix de l'eau était difficile. Mais sur la base de la loi et de la directive européenne, le seul argument contre un échelonnage du prix de l'eau est le travail administratif que cela entraînerait. Or l'objectif que tout le monde se donne est d'empêcher le gaspillage d'un bien essentiel comme l'eau.

Il trouve incohérent que, dans le système actuel, le prix unitaire de l'eau diminue effectivement avec une consommation plus importante, ce qui contredit l'objectif de réduction de la consommation.

Au Luxembourg, l'eau se fait plus rare comme le prouvent les discussions visant à rendre l'eau de la Moselle potable. Il faut maîtriser la consommation. L'échelonnage du prix de l'eau permettrait d'atteindre cet objectif. Le gaspillage doit coûter plus cher par litre qu'une utilisation raisonnée.

Mais en réalité le prix de l'eau baisse avec l'augmentation de la consommation, car une partie des frais sont fixes. C'est absurde et contraire à l'objectif recherché.

Gary Diderich critique les tarifs d'eau plus bas pour l'agriculture et l'industrie malgré leurs consommations élevées. Il rappelle que la Commission des finances s'était précédemment prononcée pour un prix progressif de l'eau, mais que, cette fois, elle n'a même pas été consultée sur le sujet. Il met en évidence une contradiction avec le Pacte climatique 2.0, qui promeut une taxe d'eau équitable et écologique. Selon lui, la taxe actuelle n'est pas socialement équitable et un tarif progressif serait plus écologique en pénalisant davantage le gaspillage.

Il conteste les calculs de monsieur Ulveling concernant l'augmentation et note l'absence d'avis techniques dans le dossier. Il s'oppose fermement à cette hausse et critique l'interprétation du principe de couverture des coûts, qui n'est pas appliquée de la même façon pour tous les secteurs.

9. Règlements communaux

Déi Lénk est contraire à une augmentation du prix de l'eau sur la base d'une application erronée du principe de la couverture des frais. Quelqu'un consommant un litre d'eau doit payer pour la pollution occasionnée par cette consommation. C'est pourquoi le prix doit être échelonné.

Il argue qu'un prix progressif taxerait davantage les grands consommateurs, comme ceux qui remplissent des piscines privées.

En plus, actuellement, Differdange n'a même plus de piscine en plein air publique. Comment demander aux gens de fermer leurs robinets pour vite quand il y a tellement de piscines dans les jardins?

Enfin, il s'interroge sur les pertes d'eau, initialement à 11 % lors de la dernière augmentation, avec un objectif de réduction à 7 %.

TOM ULVELING (CSV) répond que la commune dispose d'un accord de l'Administration de la gestion de l'eau et qu'elle applique strictement la loi-cadre.

Il précise que l'État n'accepte pas le système proposé par monsieur Diderich et qu'une modification nécessiterait une intervention sur le plan national. Il confirme que leurs procédures ont été vérifiées par le S.I.A.CH. et l'Administration de la gestion de l'eau.

Concernant les pertes d'eau, il ne peut pas donner de chiffre exact, mais indique avoir entendu que la situation s'est améliorée et promet de fournir ces informations ultérieurement.

GUY TEMPELS (CSV) concède que monsieur Diderich a partiellement raison et reconnaît la complexité de la situation due aux directives à suivre. Il estime qu'il serait plus juste de cibler les personnes gaspillant l'eau, comme celles lavant leur trottoir au jet ou remplissant des piscines.

Vum Prinzip hier si mer eis net eens. Mir schwätzen eis als déi Lénk wierklech ganz kloer géint déi heiten Erhéijung a géint dat falscht Verständnis vum Käschtendeckungsprinzip aus. Well soss wär dat jo och bei der Industrie a bei der Horesca a bei der Agrikultur esou.

Et ass net Pollueur-payeur. Ech benotzen ee Liter a fir d'Pollutioun vun deem enge Liter, fir déi muss ech perséinlech opkommen. Wichteg ass, dass et an der Zomm opgeet, all déi Suen, déi mer erakréie fir d'Waasser, dass et do opgeet. An dat schwätzt fir e gestaffelte Waasserpräis.

Géife mir de ganz héije Verbrauch vill méi deier maachen, kéint ee vläicht a Richtung dat Zil kommen, dass mer déi 800.000 Euro do net bräichten dropzeleeën. Mee wa mir awer einfach all Euro esou rechnen, da kënnen déi, déi méi Mëttelen hunn, sech weider d'Piscinne voll lafe loossen.

Plus hu mer elo eng Situatioun, wou mol keng oppe Schwämm méi accessible ass fir déi Leit, déi sech dat eeben net leeschte kënnen, fir sech eng Schwämm an de Gaart ze setzen. An dat ass awer wierklech problematesch. D'Schwämmen am Gaart sinn ee riseg Problem, wa mer iwver Waasser schwätzen. Da brauche mer net dovunner ze schwätzen, d'Leit sollen hire Krunn méi schnell zoudréien oder oder. Déi wierklech Quantitéite vu Waasser, déi entstinn op esou Plazen.

Déi entstinn awer och – an do ass d'Gemeng an der Responsabilitéit –, déi entstinn och bei de Perten. Ech wollt froen, wou mer mat de Perten dru sinn. Déi lescht Erhéijung vum Waasserpräis, do ass gesot ginn, mir hunn 11 % Perte a mir misste 7 % Perte usteieren. Eng gutt Gemeng hätt nach ëmmer 7 % Perte. Op null Perte, dat ass schwéier ze kommen. Mee do sinn awer 4 %, déi versprach gi sinn, dass mer déi prioritär ugin. Wou si mer domadder drun? Hu mer elo nach näischt doriwwer héieren. Ech hoffen, dass Der nach kënnt drop goen. Well, ech mengen, fir d'éischt muss eng Gemeng hir Hausaufgab maachen, ier mer eis Bierger zur Keess bidden. Ech soen Iech Merci

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll Iech äntwerten, dass mir jo en Accord hu vum Waasserwirtschaftsamt, fir dat do ze maachen. An dass et ee Kadergesetz gëtt, wat mir applizéieren, dass de Staat, à ce stade, Är Dénge do net akzeptéiert.

(Diskussiounen)

Dass dat net vum Staat gewollt ass, à ce stade. Da muss een op aner Niveauen national kommen, fir dat do nei ze regléieren. Ech mengen, mir applizéiere strictement, à la lettre, dat, wat mir gesot kréien, wat mer müssen. Mir hunn dat iwverpräiwe gelooss vum S.I.A.CH. an och, wéi gesot, vum Waasserwirtschaftsamt.

Ech kann Iech elo net genau soen, wéi vill Perte mer hunn, mee dat wäert ech nofroen. Ech hu just héieren, a Gesprécher, dass et net méi esou schlëmm wier. Ee genaue Prozentsaz kann ech Iech net soen. Dee wäert ech Iech noreechen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Den Här Tempels, wannechgeleit.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen, och hei erëm muss ech deelweis trotzdeem dem Här Diderich Recht ginn. Et ass net einfach fir eis. Mir kréie virgeschriwwen, wat mer ze maachen hunn. Dat anert schéngt net ze goen, Dir hutt et iwverpreeft.

Ech ginn dem Här Diderich Recht an deem Sënn, wéi mer elo virginn. Mer huelen déi 800.000 Euro, déi mer jo dann erakréien iwver de Waasserpräis, a mir verdeelen een Deel dovunner iwver d'Allocatioun. Et wär méi richtig, déi Leit mam Ouer ze huelen, déi moies mam Schlauch den Trottoir wäschen oder sech eng Schwämm voll lafe loossen, wou wierklech Bëtze gemaach gëtt. Dat ass 100 %. Dat ass net einfach.

Ech hunn awer deslescht och nach eppes gelies, wat interessant ass. Zum Beispill, dat gutt Waasser, wat mer wierklech geliwwert kréien, huet eng immens héich Qualitéit. Ech gesinn

9. Règlements communaux

nach ëmmer Leit, déi schleefe caddie-weis Waasser mat heem. Ech hu wéini eng Rechnung gesinn: Ee véierkappege Stot, deen all säi Waasser esou kafe geet a Form vu Fläschen, éischtens huet e Plastik doheem trëllen oder Glas, an dat sinn ongefëier 1.000 Euro d'Joer.

Et ass net einfach, wéi gesot. Ech muss dem Här Diderich deelweis Recht ginn. Dat ass elo à voir. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui, 1 voix non et 3 abstentions d'approuver les modifications au chapitre E-2 Eau et canalisations du Règlement des taxes, tarifs et prix.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 9b, Modifikatioun vun de Règlements de circulation. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Modifikatioun vum Règlement de circulation. Et si ganz vill eenzel Punkten, wann een herno méi eng konkret Fro huet, ginn ech gärën drop an. Fir d'éischt eng kleng Kuerzfaassung: En Deel vum Dokument beinhalt nach eng Modifikatioun vum engem Règlement, wat am Gemengerot September 2023 gestëmmt gouf, awer vum Ministère de l'Intérieur nodréiglech refuséiert gouf. D'Règlement gouf refuséiert wéinst engem C2 aus der Rue Boettelchen, Rue de l'Eau, deen do sollt reglementéiert ginn. Dat heescht, déi Saache sinn elo hei inclus.

Nei sinn d'Zones payantes ronderëm d'Gemeng: Rue Metzkimmert, Rue Belair, Rue Kondel, Rue Pasteur, Avenue Charlotte, d'Zone payante, vun där mer virdru geschwat hunn, ronderëm deen neie CID, Fussballterrain zu Nidderkuer, d'Rue des Artisans an all déi

Stroossen, déi nach dozou gehéieren, fannt Der all am Dokument.

D'Parkingen, déi sech Um Biergwee an Am Kazebësch befannen, goufe vun 90 Minutten op véier Stonne reglementéiert. D'Rue Pierre Martin gouf fir de Vëlo am Sens interdit opgemaach. Sens unique an der Rue de la Crosnière. Foussgängeriwergäng am Kader vum „Séchere Schoulwee“, haaptsächlech am Quartier Fousbann/Uewerkuer. 15-Minutte-Parkplaz um Parking Hauts-Fourneaux wéinst der PackUp-Station. Déi eng oder aner PMR-Parkplaz, ee Park- an Halteverbuet a verschiddene Stroossen, wou Aires de rebroussement, also déi Wendehamme sinn, wou een eebe kann dréien.

E bëssen eng Zesummefaassung. Wa Froen dozou sinn, stinn ech natierlech ganz gärën zur Verfügung. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Elo gesi mer d'Reaktioun dorop, wann d'Leit keen disziplinéiert Verhalen hunn an de Quartieren, an d'Quartiersparkingen, am Fong virun den Diere vun de Leit, de Leit ewechgeholl ginn.

Doduerch, dass aner Leit do stinn a sech un näischt halen, si mer bal forcéiert, flächendeckend iwwer d'ganz Gemeng – dat ass dat, wat elo geschitt – de Parking payant ze maachen. Soudass et am Fong keen Avantage méi huet, wann ech do stinn. Déi Leit, déi eng Aktivitéit an der Stad hunn, déi gi sech op e Parking stellen, deen dofir virgesinn ass a kënne souguer nach am Endeffekt eventuell Geld spueren. A brauchen net esou wäit ze goen, heiansdo.

Mee wat ech awer soe wëll, dat huet och ee gewëssenen Nodeel. Mir kréie Verschiddenheeten tëschent de Park-Geleeënheeten. An do muss ech soen, wéi mer dat déi éischte Kéier am Quartier gemaach hunn, ass direkt d'Fro opkomm: Firwat hu mer net eng hallef Stonn gratis? A firwat hu mer net zwou

Il évoque également les habitants qui achètent de l'eau en bouteille malgré la qualité supérieure de l'eau du robinet, ce qui coûte environ mille euros annuels à un foyer de quatre personnes sans compter les déchets générés.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate l'absence d'autres interventions et procède au vote.
(Vote)

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente une modification du Règlement de circulation, expliquant qu'une partie du document concerne un règlement voté en septembre 2023, mais refusé par le ministère de l'Intérieur en raison d'un panneau C2 prévu pour les rues Boettelchen et de l'Eau.

Zenia Charlé mentionne les zones payantes autour de la commune, qui incluent la rue Metzkimmert, la rue Belair, la rue Kondel, la rue Pasteur, l'avenue Charlotte, ainsi que la zone payante autour du nouveau CID et du terrain de football à Nidderkorn, la rue des Artisans et toutes les rues associées.

Elle explique que les parkings situés Um Biergwee et Am Kazebësch ont vu leur réglementation passer de 90 minutes à 4 heures.

La rue Pierre-Martin a été ouverte aux vélos en sens interdit, un sens unique a été instauré dans la rue de la Crosnière, et des passages piétons ont été créés dans le cadre du chemin scolaire sécurisé, principalement dans le quartier Fousbann/Oberkorn.

Elle mentionne également une place de stationnement de 15 minutes sur le parking Hauts-Fourneaux pour la station PackUp, ainsi que quelques places PMR et des interdictions de stationnement et d'arrêt dans certaines rues.

ERNY MULLER (LSAP) évoque la réaction face au comportement indiscipliné des gens qui occupent les places de stationnement dans les quartiers résidentiels. Il explique qu'ils sont presque contraints d'étendre le stationnement payant à toute la commune pour que les habitants puissent retrouver des places.

9. Règlements communaux

Il soulève la question des différences entre les zones de stationnement, notamment pourquoi certains quartiers n'ont pas droit à la demi-heure gratuite ou aux deux heures gratuites à midi, comme dans le centre de Differdange.

Il reconnaît que cette différence est problématique pour les restaurateurs situés dans les quartiers périphériques. Il explique que cette différence de traitement découle de la catégorisation des quartiers (commerçants, résidentiels, etc.) et que les tarifs de stationnement sont adaptés en fonction de ces catégories. Il suggère d'envisager une ouverture pour certains établissements, tout en admettant que cela puisse être compliqué à mettre en œuvre.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) salue le changement d'avis de monsieur Muller, rappelant qu'une discussion similaire a récemment eu lieu concernant le quartier Fousbann, où la gratuité de la demi-heure n'était pas accordée malgré la présence de plusieurs commerces. Elle indique que cette tarification a été partiellement établie sous l'administration précédente et accueille favorablement cette évolution.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) reprend la parole pour expliquer les raisons de ces différentes réglementations. Elle souligne que de nombreux habitants des quartiers expriment leurs préoccupations. Elle identifie les crèches dans les quartiers résidentiels comme une source majeure de problèmes de stationnement, ainsi que d'autres entreprises occupant des places dans ces zones.

Stonne mëttes gratis an der Mëttestonn, wéi dat am Zentrum vun Déifferdeng de Fall ass?

An do muss ee ganz kloer soen, déi meescht wëssen dat heibannen, dass de Parking speziell ass am Zentrum, deem ass orientéiert um Geschäftswiesen, un den Aktivitéiten, déi an enger Stad gemaach ginn: Ech gi kuerz eng Aktivitéit maachen, ech ginn an e Geschäft an esou weider an esou fort. Do hunn d'Leit iwwer eng hallef Stonn respektiv och emol eng Stonn, deemno wat fir ee Parking et ass, oder an der Mëttestonn zwou Stonnen.

Elo seet natierlech ee Restaurateur um Fousbann oder an engem anere Quartier, deem och ee Restaurationsbetrib huet, deem huet déi Avantagen net, fir mëttes zwou Stonne gratis. Dofir misst ee sech dat iwwerleeën.

Ech weess, dat ass zwar problematesch. Well ech mengen, d'Philosophie ass jo déi, dass mer d'Quartieren designéiert hunn als Quartiers commerçants, Quartiers résidentiels an esou virun an esou weider. Dat heescht, mir hu gewësse Kategorië vu Quartieren. A jee no Quartierskategorie, wat fir eng Aktivitéit do stattfënnt, ass den Tarif oder d'Parkméiglechkeet orientéiert.

Et kéint ee sech iwwerleeën, eventuell eng Ouverture an Zukunft ze maachen, ob dat méiglech wär, fir esou Betriber. Mee ech si mer bewosst, dass dat problematesch gëtt. Ech hunn dat ëmmer verteidegt bei deene Leit, déi u mech erugetruede sinn, firwat déi Ongerechtegkeet oder esou ass. Hunn ech dat verteidegt mat där Méiglechkeet, dass ech gesot hunn, do hu mer ee Geschäftssperimeter an do ass dat esou allgemeng. An hei ass ee Wunnperimeter, do ass dat dann net méi. Quitte, dass dann och do heiansdo Geschäfte a Commercë sinn oder Gastronomiebetriber.

Momentan hu mer dat, dass mer Differenzen hu fir d'Aktivitéiten, Geschäftsaktivitéiten, fir deene Leit déi selwecht Faveur ze ginn. Dat wollt ech just soen. Ech verstinn, perséinlech, dass dat eeben esou ass, well dat jo och een anere Quartier ass. Mee ech si mer awer och bewosst, dass dann net ee behandelt gëtt wéi deen aneren. Ech wollt dat nach just soen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. D'Madamm Pregnno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Här Muller, ech begrëissen Äre Sënnswandel, well et ass nach guer net esou laang hier, dass mer déi do Diskussioun haten, virun allem, wat de Quartier Fousbann ugeet, wou definitiv méi wéi ee Commerce ass a wou déi Gratuitéit vun där hallwer Stonn net ginn ass. Et ass ënner der Madamm Charlé hirem Virgänger, wou déi nei Tarifikatioun deels och gemaach ginn ass. Mir géifen dee Sënnswandel op jidde Fall begrëissen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregnno. Nach eng Wuertmeldung? Madamm Charlé.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Här Altmeisch, merci. Ech reagieren op déi Froen, respektiv wisou dat anescht reglementéiert ass wéi op anere Plazen. An effektiv, wann ee sech e bëssen domat befaasst an och e bëssen nolauschtert, dee Grond, firwat een dat dann an de Quartiere mécht, ass ganz vill, well d'Leit jo och un een erunrieden aus de Quartiere mat hire Suergen. An dat ass wierklech net nëmmen een, et si keng zwee, et sinn och keng zéng, mee dat sinn der ganz vill, déi do Probleemer hunn.

A wann een dee Problem analyséiert, kënnt een ëmmer erëm op déi selwecht Stell, wou de Problem hierkënnt. Ech mengen, et brauch een net verstoppen, dass mer a ville Quartieren, Wunnquartiere Crèchen hunn, dat ass wierklech een Haaptdeel. Et gëtt och aner Firmen, déi a Wunnquartiere Plaz hunn, déi dann eebe mat ganz villen Autoen an de Wunnquartiere stinn. Gi mer op dee Wee, dass een dann déi 30 Minutten hätt, dass een déi Mëttestonn hätt, domat ass de Problem net geléist.

10. Commissions consultatives

Da wäert et ganz einfach esou sinn, dass dann trotzdeem een do steet. Ech wëll net soen, dass d'Leit net sollen an de Quartier hir Kanner siche goen oder dass eng Crèche do näischt verluer hätt, dat ass et absolutt net. Mee wann ee seet, et däerf een 30 Minutte parken an et däerf een an der Mëttestonn déi zwou Stonnen do parken, dann ass dee Sënn, dee mer derhanner gesinn – da brauche mer guer näischt ze maachen. Well d'Leit trotzdeem déi 30 Minutten do kënne stoen, dat heescht hir Aktivitéit maachen, an de Bierger viru senger Dier keng Parkplaz fënnt.

Do kann ee soen, okay, et kann ee mol méi wäit fueren. Mee mir sinn hei awer deels op Plazen, datt ee mat senge Kommissiounen da misst een hallwe Kilometer goen, an awer eng Vignette bezilt, fir dierfen do ze stoen. An da muss een dat einfach ugoen.

Mir gi lo lues a lues op dee Wee, wou mer dat dote maachen. Da kann een iergendwann soen, ech weess net, d'Struktur an de Quartieren, d'Firmen a wie sech ëmmer do alles befënnt, ass anescht, da kann ee Saache jo upassen. Mee fir déi aktuell Situatiounen an deene Quartieren ass dat anert keng Léisung.

Et ass ze verstoen, wann do Commercë sinn, déi dann effektiv anescht behandelt gi wéi een aneren, dat ass net evident. Mee mir kommen ëmmer drop: Huet een ee Geschäft an engem Zentrum, da weess een, wéi do d'Situatioun ass. Huet een ee Geschäft e bësse méi extern, si jo schonn d'office méi Plazen do.

Et heescht jo och net, dass een iwwerhaapt net däerf do stoen, et gëtt déi kleng Plazen, zum Beispill Am Kazebësch a sou weider, do kann ee sech jo awer op déi Parkinge stellen. Et ass jo elo net, wéi wann iwwerhaapt näischt méi do wär.

Mee fir einfach deem Problem, dee mer aktuell gesinn, entgéintzewierken, ass dat doten déi Schinn, op déi ee wëll goen. A mir sinn der Meenung, dass dat doten dat Bescht ass, wat mer kënne maache fir déi betrafte Quartieren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Weider Froen? Nee. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications du Règlement de circulation.

Ech soen Iech Merci. Punkt 9c, Règlements temporaires de circulation, wou ech d'Wuert nach eng Kéier un d'Madamm Charlé géif ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci. Règlements temporaires. Et si keng speziell Saachen dobäi. Et geet ëm PMR-Parkplazen, déi geschaf ginn, Liwwerplazen, Zebrastreifen, e ganze Koup Aktiounen am Kader vu Chantieren, sief et fir Steeën opzeriichten, Container opzestellen, ënner anerem ass och d'Règlement temporaire dran, fir déi ganz Plaz vum Chrëschtmaart ze reglementéieren. Dat sinn elo déi Haaptpunkten. Mee och do natierlech, wann do Saache sinn, da kënnt Der dat gären nofroen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen zu den Drénglechkeeten? Ech hunn och weider keng Froen dozou. Dat enttäuscht Iech elo e bëssen.

(Gelaachs)

Da kéime mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Ech soen Iech Merci. Punkt 10, dat ass eng Informatioun, déi eis virläit vun zwou Parteie fir verschidde Change-menter an de Commissions consultati-

Elle estime qu'accorder trente minutes gratuites ou deux heures à midi ne résoudrait pas le problème, car les résidents ne trouveraient toujours pas de place devant chez eux. Elle reconnaît que la situation est difficile pour les commerces situés hors du centre, mais explique que la réglementation actuelle est considérée comme la meilleure solution pour répondre aux besoins des quartiers concernés.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie madame Charlé pour ces explications et procède au vote en l'absence d'autres questions.

(Vote)

Guy Altmeisch passe ensuite au point 9 c) concernant les règlements temporaires de circulation et redonne la parole à madame Charlé.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente les règlements temporaires portant sur la création de places de stationnement pour personnes à mobilité réduite, des zones de livraison, des passages piétons et diverses actions liées à des chantiers, comme l'installation d'échafaudages et de conteneurs.

Elle mentionne également un règlement temporaire pour organiser la place du marché de Noël.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) *informe l'assemblée de changements dans les commissions consultatives. Le DP a communiqué que Vanessa Hansen sera remplacée par Maxim Velman dans la Commission des sports, tandis que le LSAP a annoncé que Fanny Lafontaine remplacera Florence Bordaise dans la Commission sociale.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *intervient pour s'enquérir de la répartition des commissions à la suite du changement de parti de madame Engel, qui a rejoint le LSAP. Il demande si les commissions occupées par les Pirates seront simplement transférées au LSAP.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *répond que, selon le ministère de l'Intérieur, les commissions occupées par les Pirates resteront attribuées aux Pirates. Il précise qu'il n'a pas encore reçu les noms des remplaçants et qu'il communiquera ces informations dès leur réception.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *accepte cette explication, mais souligne que cela ne résout pas le problème de représentation de son parti, qui n'est pas présent dans toutes les commissions. Il exprime son mécontentement face à cette situation qu'il considère comme antidémocratique et espère que la majorité reconsidèrera sa position.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *prend note de cette remarque.*
(Vote)

Guy Altmeisch passe aux questions, en indiquant que monsieur Ulveling doit partir pour des raisons professionnelles.

ves. D'Kolleege vun der DP deelen eis mat, dass d'Vanessa Hansen an der Sportskommissioun remplacéiert gëtt duerch den Här Maxim Velman. D'Kolleege vun der LSAP deelen eis mat, dass d'Fanny Lafontaine d'Madamm Florence Bordez an der Sozialkommissioun an Zukunft ersetze wäert.

Ech soen Iech Merci. Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt kuerz intervenéieren, hei si mer jo bei de Kommissiounen. Et gëtt jo elo e Changement doduerch, dass d'Madamm Engel bei d'LSAP wiesselt. Wann ech dat elo esou verstinn, wéi Dir dat handhaabt, gëtt do net d'Fro nei opgeworf, wéi dat mat der Verdeelung vun de Kommissiounen ass. Ginn elo einfach all d'Kommissiounen vun de Piraten tel quel un d'LSAP, oder wéi handhaabt Der dat elo?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Kommissiounen, déi vun de Kolleege vun de Piraten besat waren, déi bleiwen an de Reie vun de Piraten. Dat hu mer kloer matgedeelt kritt vum Interieur, dass dat esou ze handhabe wier. Déi Besetzung hu mer nach net kritt.

(Diskussiounen)

Jo, et muss ee Changement kommen, andeem mir d'Informatioun kréie vun der Partei, sou wéi et vun der LSAP gemaach ginn ass a vun der DP gemaach ginn ass, dass si ee Changement ufroen. A wa si dat ufroen, dann deelen ech Iech dat mat.

Mee soulaang ech kee Changement hu mat neien Nimm, déi an déi verschidde Kommissiounen affektéiert ginn, kann ech Iech dat och net matdeelen. Bis dato hunn ech näischt matgedeelt kritt, ausser vum Interieur, dass déi Kommissiounen wou d'Madamm Engel ass, besat gi vun anere Membere vun der Piratepartei. Mee Nimm vun der Piratepartei hunn ech bis dato nach net kritt, soudass ech Iech déi och net ka matdeelen.

Soubal mer déi hunn, zéie mer déi Changementer duerch. Mee Dir wësst jo, dass et muss schrëftlech ugemellt ginn, wien a wéi enger Kommissioun ass. An dat hunn ech bis dato nach net kritt.

Ass dat esou an der Rei, Här Diderich?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also dat do ass esou an der Rei, dat ass kloer. Dat reegelt nach ëmmer net d'Fro vun der Verriedung vun déi Léng, dass mir nach net an alle Kommissiounen sinn. Mee dat ass jo net direkt d'Theema. Ech hoffen, dass Der dat awer nach ëmmer present hutt, well dat eppes ass, wat mer ganz vill wéideet a fir Onwuel suergt. An ech dat als schlecht demokratescht Verständnis nach ëmmer empfangen. Mee dat hunn ech da just nach eng Kéier wëlle gesot hunn. An ech hoffen, dass Der iwwe de Wanter-schlof do op aner Iddie kommt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat huelen ech esou mat an de Wanter-schlof.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et groupes de travail.

Da géife mer zu de Froe kommen. Den Här Ulveling muss aus beruffleche Grënn fort. Mir huelen d'Interpellatioun vir a wa Froe sinn un den Här Ulveling, da géif ech Iech bidden, déi direkt ze stellen, da probéiert den Här Ulveling déi nach ze beäntweren, ier mer e mussen op d'Aarbecht goe loos-sen.

Madamm Schütz, hutt Dir eng Fro, déi den Här Ulveling direkt concernéiert?

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Jo.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Da kënnt Der déi direkt stellen. Här Diderich, da misste mer dat virhuelen. Ech soen Iech Merci fir Äert Verständnis. Madamm Schütz, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech soen och Merci.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Wéi mer viru Kuerzem matkritt hunn, d’Naturkatastrophen huelen andauernd zou. A Spuenien, zu Valencia hu mer gesinn, wat fir schlëmm Ausmoossen dat nees hat.

Enn Juni hate mer hei zu Déifferdeng nees Héichwaasser an am Juli, den 10. Juli genau, hate mer hei am Gemen-gerot iwwer den Héichwaasserplang geschwat, wou den Här Diderich déi Fro gestallt hat, wéi e géif ausgesinn.

Do krute mer geäntwert, dass eng Etüd bei ArcelorMittal mat der Dron sollt am Juli gemaach ginn. An Dir, Här Altmeisch, hat gesot, Dir hätt en Debriefing mam CGDIS. Meng Fro un Iech zwee, wéi et domadder ausgesäit. Ob dat ofgeschloss ass.

Dann hätt ech awer nach kleng Uleiesen. Dat ass elo net, wa Katastrophe-Reen ass, mee souguer bei villem Reen. Zum Beispill an der Cité O, do si jo déi Opfaangbecken, do geet ee Spadséierwee derlaanscht, a riets leeft permanent Waasser. Et ass awer esou, wann et wierklech vill reent, da leeft d’Waasser net an den Opfaangbecken, et leeft schonn duerch dee Kullang, mee d’ganz Weeër sinn iwwerschwemmt. An do ginn dann déi Kräsisteng fortgeschwemmt. Och zu Nidderkuer, Prënzebiërg, Péitenger Wee, de Park, haapt-sächlech deen ënneschten Deel, wou den ale Fussballterrain war, do leeft d’Waasser och immens vill, wann et reent. Am Wanter ass et besonnesch geféierlech, well dat Waasser, wat do esou vill leeft, eng Couche Äis bilt, wann et fréiert.

Fir vläicht eng Kéier kucken ze goen, fir eppes ze ënnerrhuelen, dass dat Waasser besser offléisst. Wéi gesot, dat ass net

nëmme bei Staarkreen, mee och wann et normal reent schonn de Fall. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech mengen, mir kënnen dat zu zwee beäntweren. De Probleem mam Héichwaasser – also eent kënnt Der mer gleeven: Keng Woch vergeet, ouni dass mer eis Gedanke maachen, dass mer wierklech dorunner schaffen un deem Projet, an dass mer dee Probleem wierklech behiewe wëllen, laangfristeg. Am léifste wëlte mer nëmme nach um Projet Héichwaasser schaffen, well et ass eis wierklech wichteg.

Déi Besichtigung, déi sollt gemaach ginn, déi Kanalsichtung vun där éischer Firma. Déi sinn ugeréckt an déi hunn déi Besichtigung mat den Drone gemaach. An et ass awer festgestallt ginn, dass hir Telecommande, vu dass déi Kanalaréier bis zu 14 Meter déif leien, op eemol kee Kontakt méi mat hirer Dron hat. An den Uewerflächen, iwwer dem Kanal, war ze vill versi mat Eisen, dass se do kee Kontakt méi haten. An do huet déi Besichtigung missen ofgebrach ginn.

Ech sinn awer net méi wéi frou, fir ze confirméieren, dass an der Woch vum 22.11. bis de 26.11, no Konventioun mat ArcelorMittal, een zweeten Essai gemaach gëtt mat enger neier Firma, déi ee bessere Kontakt zu hirer Kamera huet wéi déi éischt Firma. An déi hunn eis versprach, déi géifen dat packen.

D’Resultat, wat mer eis erhoffen, ass, dass mer éischters emol de Wee gesi vum Kanal, wéi de Kanal verleeft a wéi den Duerchmiesser ass vum Kanal, deen nach op ass. Wou mer eis ganz vill dervun erwaarden. Wou mer gespaant sinn op dat Resultat, wat dann ausgangs November soll erauskommen. Mir erwaarden eis ganz vill dovun.

Och si mer weider a Kontakt mat ArcelorMittal fir um Fousbann, dee geféierlechen Eck ronderëm de chineesesche Restaurant, de Gemengenatelier, fir déi Mauer, déi am Fong geholl d’Waasser stauen deet, fir déi deelweis ze separéieren. Dass mer deen Opfaangbecken, deen do hannendru läit an dee kee Waasser begéint huet déi lescht zéng

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)

évoque les catastrophes naturelles récentes, notamment les inondations en Espagne et celles survenues à Differdange fin juin. Elle rappelle qu’en juillet, lors d’une séance du conseil communal, il était question d’une étude par drone chez « ArcelorMittal » et demande où en est cette étude.

Elle soulève également des problèmes d’écoulement d’eau dans certains quartiers, comme la cité O et à Nidderkorn, où l’eau s’accumule même lors de pluies normales, créant des situations dangereuses en hiver lorsque l’eau gèle. À Nidderkorn, Manon Schütz mentionne le Prënzebiërg, la route de Pétange, l’ancien terrain de football, le parc... En hiver, l’eau forme une couche de glace particulièrement dangereuse.

GUY ALTMEISCH (LSAP) affirme qu’aucune semaine ne passe sans que son équipe ne réfléchisse au problème des inondations. Il explique que, lors d’une première inspection des canalisations, l’entreprise mandatée a dû interrompre son travail, car sa télécommande perdait le contact avec le drone à 14 m de profondeur.

Une seconde tentative est prévue du 22 au 26 novembre avec une autre entreprise disposant d’une meilleure technologie. La commune espère ainsi visualiser le tracé du canal et déterminer son diamètre encore fonctionnel.

Guy Altmeisch mentionne également des contacts en cours avec « ArcelorMittal » concernant un mur au Fousbann qui retient l’eau, et qu’ils envisagent de modifier partiellement pour utiliser un bassin de rétention situé derrière comme premier réceptacle en cas de montée des eaux.

Le bourgmestre évoque aussi des améliorations techniques réalisées à Niederkorn pour empêcher l'eau de s'écouler dans les rampes de garage. Il rappelle que la commune subventionne l'installation de barrières anti-inondation pour les particuliers.

Concernant la cité O, il reconnaît que les voies piétonnes ont été remblayées avec du grès, qui se fait emporter lors de fortes pluies et obstrue les canalisations, provoquant des inondations dans les nouvelles maisons de la rue Pierre-Neiertz.

La commune prévoit de remplacer ces matériaux par d'autres, plus stables et perméables. Il conclut en assurant qu'ils restent mobilisés sur ce dossier et qu'ils cherchent des solutions pour l'ensemble des quartiers touchés.

TOM ULVELING (CSV) compare la situation aux récentes inondations à Valence en Espagne, illustrant la force dévastatrice de l'eau.

Il souligne que le système de canalisation, non seulement dans leur commune, mais dans tout le pays, n'est pas conçu pour absorber des précipitations aussi massives en si peu de temps. Il encourage les habitants à profiter des mesures d'aide proposées par la commune, notamment les subventions pour installer des barrières anti-inondation dans leurs rampes de garage.

Joer – wat ech och net erkläre kann –, dass mer dee kënnen notzen als éischten Opfaangbecken, wann et do wierklech op den Niveau steigt, dass et géif an de CID lafen. Da géif et fir d'éischt emol do deen Opfaangbecke fëllen.

Dat anert, si mer och permanent a Kontakt nach. An, Gott sei Dank, d'lescht Woch hat ech nach ee positive Mail vu Leit, déi zu Nidderkuer gewunnt hunn, wou mer eis Techniker higeschéckt haten, fir Verbesserungen ze maachen am Kanal. Dat war am ale Pränzebierg, bal op der Péitenger Säit. Do si Verbesserungen gemaach gi vu Gemengesäit aus, fir de Kanal ze verbessern, dass de Leit do net méi d'Waasser an d'Garagenafaart erfleef.

D'autant plus wësst Der jo, dass mer dat subventionéieren, déi Staumauern oder d'Stauvirrichtungen, fir dass et de Leit net soll an d'Garage eralafen. An dann hu mer och weider Kontakt mat de Leit, déi wierklech Misär a Probleemer hunn. Well et ass eis bewosst, dass et net ...

An nach, wat mer elo bäifält, an der Cité O, wou ech net wäit ewech wunnen, war ech mer dee Problem selwer op d'Plaz ukucken. Effektiv, tëscht deenen Héichhaiser si Foussgängerweeër. An déi Foussgängerweeër, laut Bautereglement, hu missen opgefëllt gi mat waasserduerchlassegem Material. Wat mécht d'Firma, déi dofir zoustänneg ass? Déi fëllt mat Sandsteng op. Elo kennt d'Waasser, massive Reen, da ginn déi ewechgeschwemmt an déi gi bis op d'Héicht vun der Pierre-Neiertz Strooss, déi aus der Cité Kauffman kennt, déi setzen do de Kanal zou. An da leeft dat Waasser an déi nei gebauten Haiser, wou Dir sot, déi an der Pierre-Neiertz-Strooss leien, deenen an d'Garagenafaart erof.

Mir kënnen de Promoteur, deen do gebaut huet, net méi opfuerderen, well dat entsprécht net dem Bautereglement, fir déi ewechzehuelen. Mir hunn awer eise Leit aus den technesche Servicer gesot, fir déi Weeër auszeleeë mat waasserduerchlassegem, festem Material, wat net méi ewechgeschwemmt gëtt, wann et staark reent.

Dat gëtt schonn eng grouss Verbesserung. An da kann een och un déi Plaz denken, wou Der elo gesot hutt, am

Péitenger Wee bei der Spillplaz. Well meeschtens gëtt vun de Promoteuren dat Bëllegst geholl, wat um Maart ass, fir déi Konditioun ze erfëllen, dass et waasserduerchlasseg ass. An do gëtt et awer Beleg, déi méi deier sinn, méi stabil sinn. Ech kennen elo d'Situatioun net genau am Péitenger Wee, also dat ass op jidde Fall dat, wat ech an der Cité O gesinn hunnAa wat mer och amgaange sinn. Wou deen däregen Dossier Héichwaasser dann elo drun ass.

Mee mir bleiwen um Ball! Et ass kee méi frou wéi mir hei am Schäfferot, wa mer Iech deen Dossier eng Kéier kënnen presentéieren, wou mer wierklech gesinn, wou de Schong dréckt. An dass mer Iech eng Propos maache kënnen, wat mer kënnen maache fir deem Ist-Zoustand, dee ganz schrecklech ass, entgéintzewierken. Net nëmme fir déi Leit, déi do wunnen, och fir d'Noperen an esou virun.

Fir dee ganze Quartier ass et schrecklech, well et ass mëttlerweil esou, dass mer net nëmme kënnen soen, et ass um Fousbann ee Problem, nee, mir hunn och elo schonn an anere Quartieren, wéi Dir sot, Nidderkuer, Uewerkuer, d'Rue de la Gare ass och net ouni Probleemer. Mer ginn esou wäit wéi méiglech op déi Probleemer an, a mer kucken, dass mer dat mat eise Kanal-service berengegt kréie respektiv riichtgebéit kréien.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

D'Beispill ass jo Valencia, wou mer d'Biller gesinn hunn, wat Waasser fir eng Force huet, déi sämtlech Autoen op den Autobunnen uewen op d'Mauer gesat huet. Also ech mengen, dat ass kloer, dat hu mer jo och gesot, eise Kanalsystem – also net nëmme eisen, mee am ganze Land – ass net drop ausgeriicht, fir esou Reen a Massen an esou kuerzer Zäit.

Et muss een en Opruff maachen, d'Leit solle vun deene Mesur profitéieren, déi mer hinnen uginn hunn, wa se Probleemer hunn, fir sech do Subsidien eventuell unzefroen. Fir, zum Beispill an der Garagenafaart, eventuell eng Staumauer mat Paletten ze maachen.

Mir müssen eis drop astellen, dass dat an Zukunft méi oft geschéie wäert, leider! De Klimawandel, vun deem mer ëmmer geschwat hunn, spiere mer, dass dat wierklech an der Realitéit ukomm ass.

Wéi den Här Buergermeeschter sot, soubal mer déi Befuerung hunn, kënnen mer déi Etüd ofschléissen, déi mer amgaange sinn. Déi mer och d'ailleurs vun der AGE finanzéiert kritt hunn. Da wäerte mer déi Mesuren, déi si eis dann ugin, natierlech all ëmsetzen. Tout en sachant, een Nullrisiko wäerte mer ni errechen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Pregno, hutt Dir nach eng Remark?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Nee, nee, ech hunn nach eng, zwou Froen, déi méi Leit betreffen. Wann den Här Ulveling vläicht nach fënnef Minutten hätt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dann hale mer en nach eng Kéier un. Séier dann. Wannechgelift, Madamm Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Meng Froe concernéieren de Wandpark zu Nidderkuer. Ech hat éischter gemengt, dass et d'Madamm Charlé wär, mee Dir hat virdrun iwwer NetZeroCities geschwat – ech mengen, Dir schafft zu zwee drun. Also mir hunn héieren, dass do eppes an der Maach wär, fir eng Éolienne zu Nidderkuer ze installéieren. An ech hätt dozou dräi Froen. Déi eng wär: Wat ass d'Implikatioun vun der Gemeng punkto Finanzen an awer och punkto Manpower?

Zweetens: Ass eng Biergerbedeelegung virgesinn? Dir hutt schonn deels drop geäntwert. Ech denken, et ass opportunt, d'Froen ze bündelen a kloer Äntwerten ze kréien.

Déi drëtt Fro ass: Et gött jo ganz kloer eng Korrelatioun tëscht dem Terrain zu Nidderkuer an dem Terrain zu Uewerkuer, d'Gegebenheete sinn deels d'nämmlecht punkto Miniëren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, zu Uewerkuer, also zu Nidderkuer ...

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Eng Sekonn, loosst mech just ausschwätzen. Dee ganze Bierg ass duerchlächert, méi oder manner déif. Natierlech och punkto Villercher a Fliedermais. Elo kéint een unhuelen, wann Nidderkuer de Feu vert kritt, dass Uewerkuer relancéiert kéint ginn. Stëmmt dat? Jo oder nee? Dräi kronkreet Froen. Dräi konkreet Äntwerten. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Gären. Mir haten dat jo schonn hei ugekënnegt, dass do ee privaten Investisseur gewëllt wär, eng Wandmillen zu Nidderkuer opzerichten. Mir hunn dat och beschwat, dat ass schonn deelweis an de Kommissiounen beschwat ginn. Dat kënnt och déi nächste Kéier an de Gemengerot. Dat hätt sollen haut kommen, mee well mer nach beim Minister waren, hu mer gesot, dann huele mer dat léiwer déi nächste Kéier an de Gemengerot, deemno wat fir eng Äntwert mer do kréien.

Dat ass ee Projet, wou mer just den Terrain zur Verfügung stelle géifen, wou anscheinend keng Galerien drënner wieren a wou mir eng Locatioun kréichen, awer näischt investéiere bräichten. Et ass awer virgesinn, dass d'Bierger bis zu engem gewëssenen Pourcentage kéinte selwer, respektiv och d'Gemeng, wa se Interesse hätt, mat investéieren.

Déi aner Fro, déi mer dem Minister gëschter gestallt hunn, dat war mat

Il avertit que ces phénomènes météorologiques extrêmes risquent de se reproduire plus fréquemment à l'avenir en raison du changement climatique. Il précise qu'une étude financée par l'AGE est en cours et que les mesures recommandées seront mises en œuvre, tout en reconnaissant qu'un risque zéro n'existera jamais.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) commence à poser des questions concernant le parc éolien à Niederkorn. Elle demande notamment quelle est l'implication de la commune en ce qui concerne les finances et le personnel dans ce projet d'installation d'une éolienne.

Laura Pregno demande si une participation citoyenne est prévue pour le projet et souligne qu'il est opportun de regrouper les questions pour obtenir des réponses claires.

Elle interroge ensuite sur la corrélation entre le terrain de Niederkorn et celui d'Oberkorn, notamment concernant les mines, les oiseaux et les chauvesouris. Elle fait remarquer que toute la montagne est perforée à différentes profondeurs. Elle demande si l'approbation du projet à Niederkorn pourrait relancer celui d'Oberkorn et sollicite trois réponses concrètes.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'un investisseur privé souhaite installer une éolienne à Niederkorn. Ce projet a déjà été annoncé et partiellement discuté en commission. Il sera présenté au conseil communal lors de la prochaine séance, après consultation avec le ministre.

La commune fournirait uniquement le terrain, apparemment sans galeries souterraines, et recevrait un loyer sans avoir à investir. Il précise que les citoyens et la commune pourraient participer à l'investissement jusqu'à un certain pourcentage.

Concernant le projet d'Oberkorn, Tom Ulveling indique qu'il n'y a pas encore de réponse claire, mais des intéressés souhaitent le réaliser. Au lieu d'utiliser des pieux profonds, ils envisagent une large plaque en surface pour éviter de creuser. La question des chauvesouris reste posée, mais une étude suggère que les vibrations auraient peu d'impact en profondeur sur ces animaux. La commune attend une réponse du ministre.

Il évoque également l'intérêt pour la géothermie et la nécessité d'obtenir un accord préalable de l'État avant d'investir dans des études couteuses, 1,2 million d'euros ayant déjà été dépensés.

Il mentionne d'autres problèmes: l'évolution des modèles d'éoliennes pendant la période d'étude, la question de la hauteur (70 m au lieu des 80 m théoriquement nécessaires) et les nouvelles éoliennes équipées de radars qui s'arrêtent automatiquement à l'approche des chauvesouris. Il conclut que la situation s'améliore légèrement, mais reste incertaine.

GUY ALTMEISCH (LSAP) aborde ensuite la question de la prime d'astreinte, expliquant qu'elle est attribuée pour le travail irrégulier, notamment les weekends. Cette prime de 22 points devient intégrée à la pension après dix ans.

Au TICE, elle est versée à tout le personnel depuis 1978, y compris administratif, ce qui a toujours été critiqué par les ministères.

deem anere Projet, wou mer do dru wären. Do ass et esou, dass mer nach keng kloer Äntwert hunn, mee dass mer gesot hunn, et wären Interessenten do, déi dat géife wëlle realiséieren.

Déi géifen awer elo net méi mat Pieuxe wëllen eroffueren, mee déi géifen eng breet Plack maachen, déi net an d'Déift geet, mee just fir d'Déngen drop ze stellen. Da bräicht een net an d'Déift ze goen.

Do war natierlech och erëm d'Fro vun de Fliedermäis, ob déi Plack dann och géif transmettéieren. Wou een dann elo physikalesch ka soen, jo oder net. En tout cas, vill manner. Bref, si hunn eis gesot, dass et eng Etüd gëtt vun enger Madamm an engem anere Kontext, déi d'Reaktioun vu Fliedermäis op Sprengungen analyséiert huet. Eng Firma hat dat ugefrot. An do ass et anscheinend esou, dass dat net terribel grouss Repercussiounen an der Déift hätt op d'Fliedermäis.

Mir waarden also vum Minister senger Säit respektiv senge Beroder op eng kloer Äntwert.

A mir hunn, am selwechte Kader, gesot – well mer jo och un der Geothermie interesséiert sinn –, dass et net méi kann esou sinn, dass d'Gemeng Suen an d'Hand hält fir Projeten, wou een dann duerno Nee gesot kritt.

Dat heescht, et misst eng Méiglechkeet ginn, och beim Staat, fir een Accord préalable, souzesoen, ze kréien, ier een ufänkt. An net, wéi et elo ass: Et fänkt een un, mécht Prouwebuerungen, dat kascht eng Millioun, an da gëtt gesot: Nee, do steet jo awer dee Bam, dofir kënnen mer Iech dat net ginn.

Soudass si elo op de Wee ginn, sech dat ze iwwerleeën, ob et méiglech wier, iwwer iergendee Mechanismus ze soen, mir kënnen Iech dat erlaben ënner deenen an deenen an deene Restriktiounen. Soudass et net méi wéi elo, à ce stade, ass. Wéi gesot, déi Suen, déi 1,2 Milliounen, déi mer do bis elo an de Sand gesat hu fir all déi Etüden, déi mer gemaach hunn. Déi dann op eemol dru scheiteren, well keen eis soe kann, ob d'Fliedermäis gestéiert sinn oder net wéinst deene Pieuxen, déi virgesi waren.

Déi aner Problematik an där ganzer Wandmille-Geschicht: Du kriss eng Erlabnis an enger Etüd fir ee gewëssenen Zäitraum. An an deem Zäitraum changéiert dann de Producteur seng Wandmillen. Dat heescht verschidde Wandmillen, déi een ugefrot huet, gëtt et haut guer net méi. Theoreetesch misst een erëm alles nei maachen. Hu mer gesot, dat wär awer e bëssen – elo si se awer amgaangen och ze soen, si géifen dat kucken.

An d'Problematik mat der Héicht. Wat een do kéint opriichten, theoreetesch, wat d'Ingenieuren eis gesot hunn, d'Distanz vum Buedem an der Turbinn, also dem Flillek, misst theoreetesch 80 Meter sinn. An eise Fall wären et nëmme 70 Meter. Elo ass d'Fro, ob dat dero-géiert kéint ginn oder net.

Haut ass et esou, dass all déi nei Wandmillen eng Aart Radar hunn a sech komplett ausschalten, wa Fliedermäis ugeflu kommen an esou weider. Wat erëm eng aner Problematik ass. Soudatt ech Iech elo net ka soen, wéi dat viruget.

Et schéngt mer, wéi wann et e bësse méi ee klore Himmel wier, mee et ass awer nach kee Sonnenschein.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Okay. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. D'Interpellatioun vum Här Diderich. Si ass op der Diffcloud, Dir hutt deelweis d'Äntwert gesinn. Et sinn awer méttlerweil schonn erëm Ännerunge komm. Ech muss Iech dat direkt soen. Gëschter Owend hate mer eng Sitzung vum Bureau, wou mer véier Stonne beiene souzen an iwwer déi ominéis Prime d'astreinte geschwat hunn.

Fir d'éischt wéilt ech emol erklären, wat eng Prime d'astreinte ass. Ech hu laang an engem Beruff geschafft, wou eng Prime d'astreinte ausbezuelt ginn ass. Eng Prime d'astreinte huet een zegutt, wann een onreegelméisseg schafft respektiv wann ee samschdes a sonndes schafft. Dat ass eng Primm vun

22 Punkten. Wann een déi zéng Joer laang ausbezuelt kritt, dann ass déi Primm och pensionable.

Beim T.E. ass déi Primm säit 1978 un dat sämtlecht Personal ausbezuelt ginn. Wat soe wëll: Alleguer déi administrativ Leit, déi do geschafft hunn, an alleguer déi Leit, déi geschafft hunn an engem Betrib, wou net op Schichte geschafft ginn ass an déi net onregel-méisseg geschafft hunn, hunn déi Primm och kritt. Dat ass ëmmer bemängelt gi vun de Ministèren. Wann de Budget vum T.E. dann erageschéckt ginn ass, ass bemängelt ginn, dass dat net richtig wier, dass déi Leit déi Primm net zegutt hätten, an dass dat iergend-wéi falsch wier. Mee dat ass awer scho Joren, wéi gesot, säit 1978 esou gelaf.

Mir sinn amgaangen, eng nei Konvention mam Staat auszeschaffen, wou mer vill Energie draleeën, wou mer vill Iwwerleeungen erabrénge a vill Momenter a vill Deeg beieneesetzen. Dee finanziellen Aspekt, wéi e bis dato war, TICE-Belaaschtung fir d'Gemengen, dat ass einfach net méi finanziell ze packen. Dat géif eis als Gemengen immens aschränken an eiser Autonomie. Mir géifen op eemol op ee Käschtepunkt komme vun – mir hunn dat ausgerechent – vun aacht Milliounen Euro, déi mir als Déifferdenger Gemeng missten droen. Dat ass jo einfach net méi ze stemmen.

Dowéinst si mer amgaangen, eng Konvention auszeschaffe mam Staat, déi de Gemeinde ganz, ganz vill entgéintkënn.

Ech kann Iech awer elo nach net d'Resultat soen, well mer déi Schlusskonvention nach net ënnerschriwwen hunn, nach a Verhandlung sinn. Ech muss awer soen, mir ware véier, fënefmol mat deene verschiddene Ministèren zesummen an der Stad an déi Verhandlung si ganz positiv fir eis als Gemengen. Dat heescht, dass mer manner finanziell do belaaßt ginn.

Fir op d'Prime d'astreinte zréckzekommen, mir hunn Avisen als Büro ugefrot bei verschiddene Juristen. Ënner anere hu mer een Avis kritt vum Intérieur a vun deene verschiddene Ministèren, déi zimmlech vag sinn. Deen ee seet esou, deen anere seet esou: „Passt iech un“, „Nee, haalt Iech un d'Gesetz“ ...

Net méi spéit wéi gëschter Owend hu mer beschloss, déi Primmen erëm weider auszebezuelen. An déi Primm, dat wäert och ee Punkt ginn, deen an der Schlusskonvention, déi ënnerschriwwen gëtt mam Staat, berécksiichtegt gëtt. An da gëtt dee Punkt och gekläert.

Soudass déi Leit, déi elo am November hir Prime d'astreinte net kritt hunn, ob berechtegt oder net, déi réckwierkend ausbezuelt kréien. An déi gëtt och virun ausbezuelt am Mount Dezember, Januar, Februar. Well et ass eng Konvention, där mer gëschter zougestëmmt hunn, wou mer nach op d'Ënnerschrëft vum Minister waarden, eng proviso-resch Konvention, wou dat dann och ganz genau am Detail gekläert ass.

Déi ass awer nach net public, ech kann deem och net virgräifen. Dat eenzeg, wat ech soe kann: An der Budgetsdebatt wäert Der gesinn, dass mer um gudder Wee sinn, fir manner Fraise fir d'Gemengen. Mee den Detail an d'Chiffere kann ech nach net nennen, bis d'Konvention selbstverständlech vun deene verschiddene Ministèren a vun eis als Bureau ënnerschriwwen ass.

Sou wäit zu der Prime d'astreinte.

De Punkt 2, Ugrëff a Gefor vum Ofbau vum Service vum ëffentlechen Déngscht, do stellt Der wierklech d'Fro deene Falschen, well déi Enquête, déi Ëmfro ass net vum TICE-Büro lancéiert ginn an och net bezuelt ginn. Déi ass vun de Gewerkschaften gemaach ginn. A wann Der do gären den Detail hätt, wat dobäi erauskomm ass, da géif ech Iech roden, Iech un d'Gewerkschaften ze wenden, respektiv un dat, wat déi schrëftlech hire Membere matgedeelt hunn.

Mir als Büro tel quel hunn déi Ëmfro ni matgedeelt kritt a mir sinn och net a Kenntnis gesat gi vun deem Resultat.

(Ënnerbriechung)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hu meng Interpellatioun nach net ervirbruecht, an Dir äntwert schonn op meng Interpellatioun. D'Leit hunn elo net gelies, wat an der Cloud steet.

La commune élabore actuellement une nouvelle convention avec l'État, car le modèle financier actuel n'est plus tenable, avec un cout estimé à huit-millions d'euros pour la commune de Differdange.

Guy Altmeisch précise que les négociations sont positives et devraient alléger la charge financière des communes. Concernant la prime d'astreinte, des avis juridiques ont été demandés, mais ils sont contradictoires.

Guy Altmeisch annonce que la décision a été prise la veille au soir de continuer à verser les primes. Ce point sera inclus dans la convention définitive signée avec l'État. Les personnes qui n'ont pas reçu leur prime d'astreinte en novembre, qu'elles y aient droit ou non, la recevront rétroactivement et continueront à la percevoir en décembre, janvier et février.

Une convention provisoire a été approuvée, en attente de la signature du ministre, qui règle cette question en détail. Cette convention n'est pas encore publique et il ne peut pas divulguer plus d'informations. Lors du débat budgétaire, on verra que les frais pour les communes seront réduits, mais il ne peut pas fournir de chiffres précis avant la signature officielle.

Concernant le deuxième point sur l'attaque et le danger de démantèlement du service public, il indique que l'enquête mentionnée n'a été ni lancée ni financée par le bureau du TICE, mais par les syndicats. Pour plus de détails sur les résultats, il recommande de s'adresser aux syndicats. Le bureau n'a jamais reçu cette enquête et n'a pas été informé des résultats.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) fait remarquer qu'il n'a pas encore présenté son interpellation et que le bourgmestre répond déjà à ses questions.

Il souligne que beaucoup de choses se sont produites concernant le premier point et se réjouit que l'engagement des syndicats ait porté ses fruits. Des personnes qui bénéficient d'un droit acquis depuis 1978 ne peuvent pas simplement être privées de ce droit.

Il conteste l'affirmation selon laquelle ce système aurait toujours été contesté par le ministère de l'Intérieur, précisant qu'il y avait un accord avec le ministère en 1978 et que les remarques ne sont apparues que ces dernières années.

Il souligne que tous les employés ne reçoivent pas la prime d'astreinte et qu'il existe une différence de traitement entre salariés, employés et fonctionnaires. Les syndicats continuent à s'engager pour une égalité de traitement.

Il existe également une distinction entre les personnes nouvellement recrutées et celles déjà en poste. Il demande l'opinion du collège échelonal sur cette situation, car des initiatives sont encore prises pour réaliser des économies sur les salaires, créant une inégalité de traitement entre les membres du personnel.

Concernant le deuxième point, il précise que son interpellation porte sur une enquête menée à l'initiative de la représentation du personnel sur les conditions de travail au TICE, qui a révélé un pourcentage élevé d'insatisfaction. Cette insatisfaction affecte la qualité du service public et la capacité à recruter.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Da bréngt Dir fir d'éischt de Punkt 1. Mee ech hunn Iech elo gesot, dass de Punkt 1 am Fong geholl geléist ass. Well mer gëschter Owend déi Decision geholl hunn, fir déi Prime d'astreinte auszebezuelen, brauche mer iwwert de Punkt 1 am Fong geholl net méi ze schwätzen.

(Ënnerbriechung)

Dir kënnt awer Är Interpellatioun – Kommt, mir maachen et esou: bréngt Dir de Punkt 1, da widderhuelen ech et. An dann den 2 an den 3. Maache mer dat esou. Et ass gutt. Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech géif einfach déi Punkten, déi mer elo wichteg sinn, bréngen. Ech hu jo schonn Äntwerte gesinn. Mir müssen och elo net Saache widderhuelen, déi net méi pertinent sinn. Beim Punkt 1 sinn, en effet, ganz vill Saache geschitt. Dat begrëssen ech och an et weist, dass den Engagement vun de Gewerkschafte sech absolutt lount, an dass fir Leit, déi zënter 1978 en Droit acquis hunn, dat net einfach esou kann iwwert de Koup gehäit ginn, obwuel dat elo hei probéiert ginn ass.

Dir hutt et gesot, zënter 1978 gëtt dat esou gemaach. Dir hutt gesot, dat wär ëmmer beanstand gi vum Inneministère. Dat ass net de Fall. 1978 ass et een Accord gi mam Ministère. An dat ass eréischt an de leschte Jore komm, dass do Remarque komm sinn.

An Dir hutt jo och de Kontext ginn, dass et och ëm dat Finanziellt geet, wat d'Gemege bezuele fir den TICE an et drëm geet, wat de Staat bäileet. Dat verneint Der jo net, dass dat och de Kontext ass, dass esou Saache vläicht e bëssen anescht gekuckt gi sinn. An eeben an Erwägung gezu gëtt, do Lounkierzungen ze maachen. Déi mer elo schlussendlech, Dank dem Asaz vun de Gewerkschaften, evitéiert hunn.

Dir hutt awer gesot, dass all d'Leit déi Prime d'astreinte kréien. „Sämtlech Leit“ ass d'Wuertwal, déi Der benotzt hutt. Dat ass net de Fall. Et gëtt een Ënnerscheed tëschent Salariéen, Em-

ployéen, Fonctionnaires. Dat ass de Fall. An dat ass eppes, wou d'Gewerkschafte sech nach weiter engagéieren, dass et do awer eng Gläichbehandlung gëtt, déi et am Moment net gëtt.

An et gëtt och een Ënnerscheed gemaach tëschent deene Leit, déi an Zukunft agestellt ginn an deenen déi schonn agestellt sinn. Dat heescht: Et geet scho weiter drëm, sou wéi ech dat wouerhuelen, an do froen ech eeben: Wéi gesäit de Schäfferot dat? Well et ginn awer nach ëmmer Initiative geholl, fir do Aspuerungen ze maache bei de Léin. An do entsteet eng ongläich Behandlung och tëschent dem Personal.

Ech weess och, wat eng Prime d'astreinte ass. Ech weess och, wéi dat funktionéiert. Mee ech weess awer och, dass wann een an ee Betrib schaffe geet, da gëllen do verschidde Konditiounen, an dass ee säi Liewen och no deene Konditiounen ausriicht, wann dat iwwer laang Jore esou ass. Dass dat awer och een Droit acquis ass, deen een net einfach esou kann ofbauen.

Wann eng Prime d'astreinte net déi richteg Aart a Weis ass, fir dat laangfristeg ze reegele fir jiddereen, well d'Aarbecht ënnerschiddlech ass, da muss een aner Méiglechkeete fannen, fir awer net de Leit einfach – also ech soen net, dass et einfach gemaach gëtt, mee et gëtt awer gemaach a fir d'Leit heescht et op eemol, vun engem Moment op deen anere manner am Verdéngscht ze hunn.

Ech si frou, dass eeben dat elo net de Fall ass fir ganz vill vun de Leit, déi beim TICE agestellt sinn. Mee de Problem ass awer och nach net ganz gereegelt fir jiddereen.

Zum Punkt 2 hutt Der elo schonn ugefaangen e bëssen drop ze reagéieren. Ech wëll awer e bësse preziséieren, ëm wat et a menger Fro, menger Interpellatioun geet. Well ech mengen, déi ass zum Deel och falsch verstane ginn.

Et ass eng Ëmfro gemaach ginn, op Initiativ vun der Personalverriedung, zu den Aarbechtskonditiounen beim TICE. An där Ëmfro ass een héije Prozentsaz vun Onzufriedenheet erauskomm. Dat dréckt op d'Qualitéit vum ëffentleche Service, deen hei och geleescht gëtt an och vun der Fäegkeet,

weider Leit anzustellen. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, dass d'Zuel u Buschauffere méi kleng ginn ass, an dass der net méi esou vill do sinn. Mir brauchen awer gutt Personal. Esou eng Ëmfro ass dofir net onwichtig.

A meng Fro ass, ob Dir, als Vertrieeder am TICE-Syndikat, déi Ëmfro kennt. Wéi Dir d'Resultater vun där Ëmfro aschätzt. Vu dass déi Ëmfro bezuelt ginn ass vum TICE an och de Büro vum TICE déi presentéiert kritt huet, denken ech elo net, dass et un de Gewerkschaften ass, déi dem Grand public ze presentéieren. Wat wichteg ass, dat ass, wéi Dir als Vertrieeder an deem Syndikat Iech dozou positionéiert.

Ob weider Verschlechterungen, wéi zum Beispill deen Ofbau vun der Prime d'astreinte, mee och aner Verschlechterungen, déi riskéieren ze kommen, deemno wéi dat elo ausgeet an där Verhandlung vun där neier Konventioun mam Staat, ob dat op d'Qualitéit riskéiert ze drécken, op d'Qualitéit an op d'Sécherheet vum ëffentlechen Transport.

Dat ass am Fong d'Fro, wéi Dir dat aschätzt als Vertrieeder. Wéi Dir dat als Schafferot aschätzt. Wéi Dir do am Moment virgitt, fir all déi Aarbechtskonditiounen am Fong ze verbessern an all weider Verschlechterungen ofzewieren, falls déi duerch déi ganz Changeementer, déi jo awer manifestement – Dir hutt et gesot – am Raum stinn, fir den TICE do a Fro kommen.

Dat sinn déi wichtegst Punkten. De Punkt 3, op deen hutt Der mer schréfflech geäntwert. Do geet et just ëm d'Presenz am Syndikat, wéi mer déi assuréieren. Ech soen Iech Merci.

Zousätzlech dozou wollt ech nach soen, dass et fir de Gemengerot gutt wär, wa mer d'Rapporte vun de Syndikater, grad wéi déi vun de Gemengekommissiounen op der Cloud einfach sammele kéinten no Syndikat. Dann hätt een do och ee besseren Duerchbléck. D'Rapporte gi jo geschéckt, pour information, un d'Gemengerotsmamberen. Et wär gutt, wann déi och accessibel wäeren, fir an esou Dossieren, d'Saache méi schnell kéinten nozekucken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Elo probéieren ech keng vun deene ville Froen do ze vergiessen. Wann ech eng vergiessen, kënnen mer nach ëmmer eng Äntwert noreechen. Ech si jo zu allem bereet.

Et ass richtig, et besteet een Ënnerscheid tëschent de Fonctionnaires, et besteet een Ënnerscheid tëschent dem Salarié. Et besteet een Ënnerscheid an der Karriär, et besteet een Ënnerscheid am Rekrutement. Wa mir als TICE Chauffere musse rekrutéieren, da fuere mir fir d'éischt iwwer de Wee vum Fonctionnaire. Do fanne mir der dann null. Da fuere mer iwwer de Wee vum Employé, vum Salarié. A mer brauchen, ech ginn Iech elo ee Chiffer, mir brauchen der 20. Do fanne mer da fënnef.

Sou vill zu der Auswiel vun de Leit, déi een huet, wann ee Leit am Beräich ëffentlechen Transport, am Beräich TICE rekrutéiere soll.

Prime d'astreinte, dat hunn ech Iech jo erkläert, dass do ee Syndikat an och e Ministère sech net iwwer e Gesetz wäerte kënnen ewechsetzen, well d'Gesetz seet ganz genau, dass déi Prime just ausbezuelet gëtt un déi Leit, déi se zegutt hunn. Dat heescht: Wann s de am Laf vun denger Karriär en Avancement méchs oder du kriss eng aner Plaz, dann hues de déi Plaz, dann hues de déi Primm net méi zegutt, da verléiers de déi Primm och. Dat ass ganz kloer vum Legislatuer festgesat.

Dat gëtt net eréischt säit geschlechter kritiséiert vum Ministère, mee dat gëtt scho säit den 80er-Joren diskutéiert a kritiséiert, ëmmer erëm am Budget. Et gëtt zwar net explizitt gesot, et wier verbueden, se auszebezuelen, mee et gëtt gesot: Maacht Iech Reflexiounen, well wat Der do maacht, ass net ganz legal. Ech sinn elo siwe Joer am TICE, bei all Budget – et sinn nach Leit heibannen, déi méi laang dra si wéi ech – gëtt dat ëmmer erëm widderholl.

An de Verhandlungen mam Staat – dat wëll ech elo mol hei haart betounen –, do gëtt ni d'Sécherheet respektiv d'Pénktlechkeet oder d'Qualitéit a Fro gestallt, déi den TICE bis haut ubitt. Dat gëtt ni a Fro gestallt.

Il demande si les représentants du syndicat TICE connaissent cette enquête et comment ils évaluent ses résultats, puisqu'elle a été financée par le TICE et présentée au bureau. Il s'interroge sur l'impact potentiel de la réduction de la prime d'astreinte et d'autres détériorations sur la qualité et la sécurité des transports publics.

Gary Diderich évoque le point 3 sur lequel il a reçu une réponse écrite concernant la présence au syndicat. Il suggère que les rapports des syndicats soient accessibles sur le cloud, comme ceux des commissions communales, ce qui permettrait d'avoir un meilleur aperçu et de consulter plus rapidement les dossiers lorsque nécessaire.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond en détaillant plusieurs aspects. Il explique qu'il existe des différences significatives entre fonctionnaires, salariés, carrières et méthodes de recrutement. Pour le TICE, lors du recrutement de chauffeurs, ils tentent d'abord la voie du fonctionnariat, puis celle des employés/salariés, mais ils ne trouvent que peu de candidats.

Concernant la prime d'astreinte, il précise qu'un syndicat ou un ministère ne peut pas contourner la loi, qui stipule clairement que cette prime n'est versée qu'aux personnes éligibles. Si quelqu'un obtient un avancement ou change de poste, il perd cette prime. Cette situation est critiquée par le ministère depuis les années 80.

Guy Altmeisch insiste sur le fait que, dans les négociations avec l'État, la sécurité, la ponctualité et la qualité des services du TICE ne sont jamais remises en question. Ce qui est contesté, c'est le cout de revient par kilomètre qui doit être réduit. Certains trajets doivent être confiés à des bus RGTR pour obtenir un cout différent et ne pas grever les finances communales.

L'avantage est que des entreprises privées peuvent desservir des destinations à l'étranger, comme Longwy et Hussigny, amenant les passagers vers Differdange ou potentiellement la gare d'Esch, selon le nouveau plan de mobilité.

Guy Altmeisch affirme catégoriquement que la signature des conventions provisoire et définitive n'entraînera aucune perte d'emploi au TICE. Il y aura moins de trajets, mais les postes actuels seront maintenus jusqu'à la retraite des employés. Ces derniers ne seront simplement pas remplacés pour maîtriser les couts, ce qui est dans l'intérêt de toutes les communes sans compromettre ni la sécurité ni la qualité.

(Discussions)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) reprend la parole pour préciser que l'objectif principal de son interpellation est de garantir que le service public de bus reste un service public géré par les communes. Il résume sa compréhension de la position du bourgmestre : le TICE va progressivement diminuer en taille, sans remplacement des départs à la retraite, réduisant à long terme son importance au profit des lignes RGTR. Il souligne que celles-ci sont des entreprises privées opérant à un cout différent et pouvant desservir l'étranger.

A Fro gött gestallt, dass dee Prix de revient, deen den TICE kascht, fir all Kilometer ze fueren, muss ofgebaut ginn, an dass déi Faarte mussen iwwer RGTR-Busse gereegelt ginn. Doduercher komme mer zu engem anere Prix de revient vun deem ganzen ëffentlechen Transport an doduercher sprengt mer d'Finanze vun de Gemengen net méi. Well dat ass net méi esou virunzeféieren.

Dat huet de Virdeel, wa mer verschidde Faarte vum TICE ersetze loosse duerch privat Unternehmen, déi kënnen an d'Ausland fueren. Wéi mer elo ufänke mat Lonkech a wéi mer ufänke mat Héiseng, dass Lëtzebuerger Bussen d'Leit ofhuele ginn an dann hei an d'Stad Déifferdeng féieren, an d'Stad oder herno vläicht op d'Escher Gare mat deem ganz neie Mobilitéitsplang, deen da besteet, fir se dohinner ze féieren, op d'Zentralplaz. Et ass dat, wat wichteg ass.

Gleeft mer, mam Ënnerschreiwe vun där provisorescher Konventioun ewéi mam Ënnerschreiwe vun der definitiver Konventioun wäert dem TICE keng Aarbechtsplaz verluergeen. Ech betounen dat. Ech widderhuelen et: Keng Aarbechtsplaz geet verluer. Et gi manner Faarte gemaach. An déi Aarbechtsplazen, déi do sinn, déi bleiwen erhalen. Déi ginn eeben net remplacéiert, wa Leit a Pensioun ginn. Déi Leit ginn net méi ersat.

Mee déi Leit, déi haut ee Kontrakt beim TICE hunn, déi behalen hire Kontrakt, bis se an d'Pensioun goe kënnen. Gi vläicht dann net méi ersat, fir dass mer deem Käschtepunkt iergendwéi en Deckel opsetze kënnen. Wat jo, mengen ech, am Interessi vun all Gemeng a vun all Gemengepapp a Gemengemamm ass, déi ronderëm den Dësch setzen. An et geet net op d'Käschte vun der Sécherheet. An et geet och net op d'Käschte vun der Qualitéit.

D'Presenz hunn ech Iech scho geschriwwen, eis Leit, déi an deene Gremie schaffen. Et ass ee Verrieder vun eis am Komitee, dat sinn ech. An et sinn néng Verrieder vun der Gemeng Déifferdeng am Büro. Déi hunn eng Presenz vun iwwer 90 %.

Ech wëll deene Leit allegueren Merci soen, déi ëmmer dohinner kommen an

hir Iwwerleeungen an hiren Knowhow an all hir Informatiounen mat an dee Gremium erabréngen. Et ass och keen ...

ERNY MULLER (LSAP):

Dir hat gesot néng vun Déifferdeng. Et sinn der néng am Ganzen am Büro.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass een am Komitee an et sinn néng Verrieder am Büro.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ëmgedréit. Een am Büro an néng am Komitee.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat ass richtig. Pardon, Dir hutt Recht. Den Total ass dee selwechten. Dir hutt Recht. Dat ass en Detail.

Här Diderich nach eng Kéier, hunn ech vläicht eng Äntwert vergiess? Sot Dir.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Net onbedéngt eng Äntwert vergiess. Et ass jo eng Interpellatioun, dat ass jo och elo keng Fro. Do geet et schonn drëm, de Sujet ze diskutéieren. An d'Haaptzweck vu menger Interpellatioun ass et ze garantéieren, dass de Service public an de Bus-Service als ëffentlechen Déngscht assuréiert gött an dat a Gemengenhand bleift.

Wat Dir mir elo hei beschriwwen hutt, dat ass dann d'Fro, ob aner Parteien hei am Raum dat och esou gesinn. Wann ech Är Positioun richtig verstinn, da sot Dir, den TICE loosse mer lues a lues méi kleng ginn. Mir ersetze keng Départs en retraite a mir baue lo keen of. Mee am Fong, à la longue, gött de Stellwäert vum TICE méi kleng a mir ersetzen dat duerch RGTR.

Wat ass RGTR? RGTR si privat Busfirmen, déi fir een anere Prix de revient, wéi Der sot, fueren. Déi accessoirement

nach de Virdeel hunn, dass se an d'Ausland fuere kënnen. Wat fir verschidde Linnen, wann dat wierklech fir den TICE net méiglech ass an och net anescht ze reegelen ass, jo en objektiivt Argument ass, wat dofir schwätzt.

Mee Dir hutt awer genee dat beschriwwen, wat mir prinzipiell hei befierchten. An och d'Gewerkschaften. Dass en Ofbau vum TICE als ëffentleche Service gemaach gëtt an deen duerch RGTR-Linnen ersat gëtt.

Dat heescht: Grad wéi dat an der Stad Lëtzebuerg geschitt ass mat Luxtram, dee privatiséiert ginn ass, gi mer hei och am Süden anscheinend op dee Wee. An dat kann ech als déi Lénk absolutt net ënnerstëtzen.

Ech weess, dass mer zu Déifferdeng Tradition hunn domadder, well och den Diffbus iwwer eng privat Firma geréiert gëtt. An hei just de Käscheppunkt anscheinend ausschlaggebend ass.

Ech hunn d'Fro gestallt vun der Qualität. Mir wëssen alleguer – also ech hoffen, dass mer dat wëssen –, dass d'Buswiesen an d'Aarbechtskonditiounen vum de Buschaufferen alles anescht wéi evident ass hei am Land. Dass déi privat Busfirma Schwierigkeeten hunn, Leit ze rekrutéieren. Dass et do Reegele gëtt, Saachen, déi net gekläert sinn: Wou gëtt Paus gemaach? Wou kann een op d'Toilette goen? Wéi vill fuere se? Wou fanne mer nach Buschaufferen?

Dass ee Betrib wéi den TICE, en effet, besser Konditiounen huet wéi am Privaten, dat stëmmt. Mee dat ass jo éischter ze begreifen. Ech mengen, dat misst enger Sozialistescher Partei och wichteg sinn. Op jidde Fall eis, als déi Lénk, ass et wichteg. Dat géif och dozou bäidroen, dass déi privat Busfirma besser Konditiounen ubidde missten, well se soss souzesoen an deem Sënn eng Konkurrenz hätten um Aarbechtsmarché an déi gutt Leit soss dohinner géife verluergoen.

An do wär ech frou, hei ze héieren, ob dat elo d'Positioun wierklech vum Schafferot ass, an déi dote Richtung ze goen, wéi Dir et beschriwwen hutt. Well wann dat esou wär, géif ech dat ganz staark bedauern.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech verstinn, ech hunn Är Fro verstanen. Mengt elo net, ech wier esou schwéier vu Begrëff, dass ech Är Fro net verstanen hätt, mee et ass esou: Ech kann Iech den Detail vum der Konditioun, déi mer ënnerschreiwe mam Staat – dat musst Der verstoen – net matdeelen. Mir mussen eis elo mat enger provisorescher Konventioun zefridde ginn, bis déi aner Konventioun ënnerschriwwen ass. Soudass ech Iech elo net soe kann, wéi genau d'Zuel vun de Busse bleift an esou virun.

Mee wat ech Iech ka soen, dat hunn ech Iech gesot: Et gëtt keng Plaz ofgebaut. Wéi d'Zukunft ausgesäit, mat kommunaler Participatioun a Staatsparticipatioun ... Well Dir musst wëssen: Mir si momentan op enger Participatioun vu 60 %, déi leet de Staat bei déi Konventioun bäi, a mir als Gemeng 40 %. An ech schwätzen net vun e puer honnerttausend Euro, mee ech schwätze vun e puer Milliounen. Wann Der d'Chifferen herno am Budget gesitt, da wäert Der mech vläicht besser verstoen.

D'Präisentwécklung ass net deementsprechend, dass mer dat als Gemengen nach virun esou kontrolléiere kënnen an esou viru stemmen. Et ass un eis, d'Decisioun ze huelen. Selbstverständlech ass et un eis, d'Decisioun ze huelen, well mir stellen de Syndikat. Et ass keng Partei – ech mengen, mat der CSV zesummen –, déi méi laang an deem Gremium, an deem Syndikat TICE ass wéi déi zwou Parteien do. An déi hunn dee Syndikat do mat an d'Welt geruff. An déi ënnerstëtzen dee Syndikat. An déi schaffen och iwwer Jore schonn an deem Syndikat.

Heiansdo muss ee sech einfach dann der Situatioun upassen, der finanzieller Situatioun. Mee ech kann Iech déi lescht Chifferen net soen. Ech maache mer natierlech eng Freed an ech wäert Iech déi presentéieren, soubal mer déi provisoresch Konventioun ënnerschriwwen hunn. Soubal ech de Go hu vum Ministère, dass mer do en Ofschloss hu mat de Chifferen, wéi et an Zukunft ausgesäit.

Ech kann Iech just soen, dass mer um gudden Wee sinn, wat d'Sécherung vun den Aarbechtsplazen ubelaangt a wat

Si cela est réellement impossible pour le TICE, c'est un argument objectif pour certaines lignes. Néanmoins, il craint, comme les syndicats, un démantèlement du TICE en tant que service public au profit des lignes RGTR.

Gary Diderich s'oppose à la privatisation du transport public dans le sud du pays, à l'image de ce qui s'est produit avec Luxtram à Luxembourg-Ville. Il constate que Differdange maintient une tradition de gestion privée avec Diffbus, où le cout semble être le seul facteur déterminant. Il s'inquiète de la qualité du service et rappelle les conditions de travail difficiles des chauffeurs de bus dans les entreprises privées, qui peinent à recruter.

Il souligne que le TICE offre de meilleures conditions que le secteur privé, ce qui devrait être important pour un parti socialiste et ce qu'il considère comme essentiel pour son parti. Ces meilleures conditions contribueraient à améliorer celles du secteur privé grâce à la concurrence sur le marché du travail. Il demande si c'est véritablement la position du collège échevinal de s'orienter vers la privatisation, ce qu'il regretterait profondément.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'il a bien saisi la question, mais ne peut pas partager les détails de la convention avec l'État. Il explique qu'ils doivent se contenter d'une convention provisoire en attendant la signature de l'accord définitif.

Il assure qu'aucun poste ne sera supprimé.

Concernant l'avenir, il précise que la répartition actuelle du financement est de 60 % pour l'État et 40 % pour la commune, ce qui représente plusieurs millions d'euros. Il affirme que l'évolution des prix ne permet plus aux communes de contrôler la situation comme auparavant.

Il rappelle que son parti et le CSV ont créé et soutenu ce syndicat depuis longtemps. Il s'engage à présenter les chiffres dès la signature de la convention provisoire et l'approbation du ministère. Il affirme qu'ils sont sur la bonne voie pour sécuriser les emplois et assurer une

participation financière viable pour les communes. Il admet que, si la participation de l'État augmente, celui-ci voudra logiquement avoir davantage son mot à dire dans la gestion.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) précise sa question. Il note qu'il a seulement entendu que le bourgmestre veut éviter l'explosion des couts pour la commune et garantir le maintien des emplois. Il demande si le collège échevinal souhaite que le TICE, en tant que service public, continue à se développer fortement et à assurer principalement le transport dans le sud du pays.

Il a compris que, pour contenir le budget, certaines lignes seraient cédées au RGTR. Il ne demande pas le résultat final des négociations, mais veut connaître l'orientation souhaitée par le collège échevinal.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'il ne peut pas communiquer cette orientation avant d'avoir conclu la convention avec l'État et avant d'en avoir informé son collègue échevinal. Il estime qu'ils se répètent dans cette discussion.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) ajoute que les statuts du TICE sont approuvés par les communes membres et validés par arrêtés grand-ducaux. Si quelqu'un voulait modifier la mission fondamentale du TICE concernant la couverture locale ou régionale du transport public dans le sud, cette décision devrait être soumise aux conseils communaux de toutes les communes membres pour validation. Henri Krecké précise que le TICE se trouve encore dans le cadre de ses missions de base, ce qui constitue selon lui la question fondamentale.

GUY ALTMEISCH (LSAP) explique que la loi sur les syndicats ne permet pas qu'une majorité des membres d'un syndicat soient nommés par l'État, ce qui nécessiterait une modification législative entraînant des procédures plus complexes.

déi Participatioun finanzière vun de Gemengen ubelaangt, dass mer dat kënne stemmen. Natierlech, wann d'Participatioun vum Staat méi héich ass, wëll deen da méi d'Soen hunn an deene Syndikater, dat ass jo legitim. Ech mengen, dat ass an all Syndikat esou, wou d'Kollegen an anere Syndikater och sinn. Wou d'Participatioun vum Staat 50/50 ass, ass d'Zesummestellung vum Komitee vum Büro och eng aner wéi déi, déi haut ass.

Wéi gesot, soubal ech déi Detailer hunn, wäert ech Iech eng Freed maachen, Iech déi Detailer matzedelen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Just d'Fro, déi ech gestallt hunn, ass: Wat wëllt Dir? Wat ech bis elo just héieren hunn, wat Dir wëllt, dat ass oppassen, dass d'Käschten net explodéiere fir d'Gemeng an dass keng Aarbechtsplazen ofgebaut ginn. Déi zwou Aussoen hunn ech héieren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat kann ech Iech garantéieren.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mee ech hunn awer elo net héieren, ob Dir als Schäfferot wëllt, dass den TICE als Service laangfristeg sech staark entwéckelt an den éffentlechen Transport hei am Süde weider assuréiert, haaptsächlech. Ech hu vun Iech héieren: Fir dass de Budget net explodéiert, gi mer gären e puer Linnen of un den RGTR.

Dir musst mir net d'fäerdeg Resultat vun den Negociatiounen matzedelen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee, kann ech och net.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mee, meng Fro ass awer: Wou wëllt Dir hin?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ier mer ofgeschloss hu mam Staat mat der Konventioun an ier ech mengem Schäfferot gesot hunn, wou mer higinn, kann ech Iech et jo net matzedelen. An dat ass haut de Stand der Dinge.

Ech mengen, mer widderhuelen eis hei.

Gemengesekretär Henri Krecké:

Just eng Saach derzou. Et ass jo esou, dass déi Statutte vum TICE vun deene Communes membres ofgeseent gi vun deene jeeweilege Gemengeréit an iwwer Arrêtés grand-ducaux haut valabel sinn. A wann s du do un déi Missiounen muer wéils ënner sous quelque forme fréckele goen, wat d'Mission de base vum TICE ass, dat heescht déi lokal Ofdeckung oder déi regional Ofdeckung vum Transport public am Süden, wann dorunner géif iergendwéi wëlle geännert ginn, dann opläit déi Decisioun deene Gemengeréit vun all deene Member-Gemengen. An da kënnt dat hei op den Dësch an et muss och hei validéiert ginn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dat muss ee jo ëmmer virausschécken. Soudass ech emol dovunner ausginn, dass, à ce stade, den TICE sech nach am Killwaasser vu senge Missions de bases befënnt. Dat ass jo d'Kärfro hannendru vläicht!

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

An et ass och esou: D'Syndikatsgesetz léisst et net zou, dass eng Majoritéit vu Leit, déi am Syndikat sinn, vum Staat gestallt ginn. Dat heescht, do muss eng Gesetzesännerung kommen. An da komme mer a ganz, ganz aner Enverguren a vill méi schwéierfällleg Prozeduren.

Questions

Mee soubal ech eppes hunn, sidd Dir déi Éischt, déi dat gewuer ginn.

Ech soen Iech Merci mol fir Äert Verständnis, Här Diderich. Wéi gesot, ech halen Iech um Lafenden.

E puer Froen, déi nach am Raum stinn. Den Här Aguiar.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Den Här Hartung huet meng Fro scho beäntwert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wonnerbar, Här Hartung.

(Gelaachs)

Den Här Cillien.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Wëllschwäin zu Nidderkuer.

ERIC CILLIEN (DP):

D'Wëllschwäin zu Nidderkuer si geschoss ginn. Et sinn der manner do. Dee Wee, deen zou war, deen ass opgemach ginn. Dat ass tipptopp. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Berliner Mauer ass fort.

ERIC CILLIEN (DP):

Et sinn der leider nach ëmmer do.

Nee, ech hunn eng Partie Froen.

Eng Fro handelt ëm d'Pierre-Martin-Strooss. Do war de Verkéier gedréit ginn, well do d'Beem geschnidde gi sinn. Dat war eng quokeleg Situatioun, well verschidde Leit nach anescht stoungen. Déi hate keng Notifikatioun an d'Boîte kritt. Do war et anscheinend bal zu Accidenter komm, well d'Leit eeben net woussten, datt de Sens uni-

que gewiesselt hat während enger kuerzer Zäit.

Ech wollt froen, fir déi nächste Kéier, ob d'Servicer kucke kéinten, datt d'Bierger, déi do wunnen, och d'Informatioun zu Zäit kréien, fir datt ee Geforesituatiounen aus dem Wee geet. Dat wär déi éischt Saach.

Déi zweet Saach ass eppes, wat ech schonn ugeschwat hunn, wou ech einfach nach eng Kéier géif gären drop agoen. Dat ass déi Saach mat de Vignette fir Leit, déi an d'Gemeng schaffe kommen. Well et ass jo esou – ech hunn och Fotoen: Leit, déi zu Uewerkuer um Chantier schaffen, déi hunn eng Vignette, déi se zur Verfügung gestallt kréien, fir datt se do parken däerfen. Och an de Camionnetten. An dat wier och esou virgesinn am Gesetz, wéi ech gesot krut. Dat ass alles an der Rei.

Mee wa mer dat maache kënnen, da kënne mer jo och Vignetten ausstelle fir d'Commerçanten, déi heihinner schaffe kommen, an och fir d'Enseignanten, déi heihinner schaffe kommen, well déi leeschte jo och ee Service um Bierger. Also net nëmmen déi Firmaen, déi bei eis schaffe kommen a Renovatiounsaarbechte maachen oder esou, féieren ee Service aus fir eis Gemeng, mee och aner Leit maachen ee Service fir eis Gemeng.

An ech wëll net, datt eng Vignette ausgestallt gëtt, déi net bezuelt gëtt. Ganz kloer gesot, déi Leit, déi eng Vignette géife kréien, déi temporär befrist wier, do soll déi natierlech och bezuelt ginn.

Ech ginn Iech ee Beispill: An der Géigend vun de Schoulen, wann d'Enseignanten do parken, déi missten normalerweise um 9:45 Auer eraus, well dann déi zwou Stonnen ëm sinn, wou se do stoen däerfen. An dat kënne se jo net maachen, well si dierfen d'Kanner jo net eleng loossen. Ab und zu kënnt de Pechert awer grad an deem Moment, komescherweis.

Ech mengen, et wier ons all gehollef, wa mer deene Leit och d'Méiglechkeet géife ginn, sou wéi mer dat zu Nidderkuer maache wäerte fir d'Leit, déi fir de CID schaffen, datt et esou eng Vignette gëtt, déi s de op de Mount kanns huelen, wou s de dann 80 Euro, wéi dat

Il promet de tenir monsieur Diderich informé dès qu'il aura des nouvelles. Il donne ensuite la parole à monsieur Aguiar pour ses questions.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) indique simplement que monsieur Hartung a déjà répondu à sa question.

(Rires)

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) évoque le sujet des sangliers à Nidderkorn en s'adressant à monsieur Cillien.

ERIC CILLIEN (DP) confirme que des sangliers ont été abattus à Nidderkorn, mais qu'il en reste encore. Il mentionne qu'un chemin précédemment fermé a été rouvert.

Il soulève ensuite plusieurs questions, dont celle de la rue Pierre-Martin, où la circulation a été inversée temporairement pour permettre l'élagage des arbres. Cette situation était dangereuse, car certains résidents n'avaient pas reçu de notification. Il demande que les services communaux veillent à mieux informer les citoyens à l'avenir.

Il aborde également la question des vignettes de stationnement pour les personnes qui viennent travailler dans la commune, notamment les commerçants et les enseignants, suggérant un système payant comme celui existant pour les entreprises de construction.

Il s'inquiète aussi de la vitesse excessive dans les zones 30 et sollicite des contrôles policiers plus réguliers.

Enfin, pour des raisons personnelles liées à un déplacement professionnel à l'étranger, il demande soit qu'un collègue puisse présenter son discours lors du débat budgétaire, soit que la réunion du 18 décembre soit reportée au 20.

GUY ALTMEISCH (LSAP) donne la parole à madame Charlé pour répondre aux premières questions.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) commence par remercier les conseillers communaux pour les questions posées. Concernant le sens unique dans la rue Pierre-Martin, elle explique que la circulation a dû être déviée pendant une semaine entière pour des travaux sur les arbres, précisant que cette durée était nécessaire pour la sécurisation du chantier, même si les travaux effectifs n'ont pas duré tout ce temps.

Zenia Charlé reconnaît les problèmes de communication concernant les changements de circulation, expliquant que cela a été mis en œuvre trop rapidement. Elle promet une meilleure communication à l'avenir. Elle lance un appel aux citoyens pour qu'ils respectent les limitations de vitesse dans leurs quartiers, notant que, même si on inverse un sens unique, les gens pourraient ralentir s'ils respectaient les limites, mais beaucoup sont pressés d'aller au travail.

Concernant les vignettes de stationnement pour les commerces, elle souligne une réalité luxembourgeoise, où chacun souhaite se garer au plus près de son lieu de travail.

beim Staat emol de Fall ass, bezils a wou s de da kanns parken.

Et kann ee jo op d'Vignette schreiwen, vu moies aacht bis esou vill Auer ass se gëlteg. Wann ech an der Stad am Parkhaus stinn, wou ech meng Parkplaz vum Staat kréien, do dierf ech och just vu moies siwe bis owes aacht parken. A wann ech driwwer ginn, da bezuelen ech dofir.

D'Méiglechkeet wär ginn, och wa mer da vläicht missen d'Reglement ëmschreiwen oder esou. Mee ech mengen, dat dierft jo kee Probleem sinn. Dat wär eng Suggestioun, déi ech wollt mat op de Wee ginn.

Déi drëtt Saach, Dir hat d'leschte Kéier rieds iwwer d'Vitess. Ech kommen dorop zrëck. An der Hiel an op ville Plazen, wou 30er-Zone sinn, déi awer als Duerchfaart genotzt gi vun de Leit während de Stousszäiten, kéinte mer do kucken, ee Wuert bei der Police anzeleeën, datt se méi regelméisseg Kontrolle maachen.

De Muere sinn ech bal iwwerrannt gi mat mengem Hond op der Strooss – dat sief elo dohi gestallt. Mee et ass einfach, wann net regelméisseg Kontrolle gemaach ginn, dann ass et de Leit och egal, wa se derduerch rennen.

Ech mengen, wa mer Disponibilitäten hunn, fir Polizisten ofzezéie fir d'Heescherten ze joen, da misste mer och d'Disponibilitäten hunn, fir Kontrolle maachen ze kënnen.

Eng lescht Fro, dat ass an eegener Saach. Eng ganz Partie Gemengeréit si verluecht ginn. Et ass elo esou, wéi et ass. Vu datt ech net kann do sinn, well ech professionell muss am Ausland sinn während der Budgetried, wann de Budget kommentéiert gëtt, wou et mer awer wichteg wier, datt meng Uleisse géifen ubruecht ginn, wollt ech froen, ob et méiglech wär, datt ee vu menge Kollegen aus der Fraktioun dierft meng Ried virdroen. Oder déi aner Propos, wann dat net géing, ob et net méiglech wier, d'Sitzung vum 18. einfach op den 20. ze verleeën. Freides, den 20. Dezember wier ech erëm do.

Dat wier et gewiescht. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir d'Froen. Ech géif der Madamm Charlé de Mikro gi fir déi éischt Äntwerten, an da géif ech enchainéiere mam Rescht. Merci.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Dat ass léif, merci. Op jidde Fall merci fir d'Froen. Dat Éischt, wat Der gefrot hutt, dat war de Sens unique an der Pierre-Martin-Strooss. Do huet effektiv eng Woch laang de Verkéier missen ëmgeleet gi wéinst Aarbechten un de Beem. Krut Der och scho gesot. Et war net déi ganz Zäit, wou do een amgaange war. Mee wéinst der Securisatioun, bis ugefaange gëtt ze schaffen, muss een eng ganz Woch zoumaachen.

Un der Kommunikatioun, dat kann ech elo net revidéieren. Effektiv ass dat vläicht net esou ausgefouert ginn, wéi et hätt sollen. Well dat relativ séier duerchgezu gouf. Op jidde Fall wäerte mer esou Saachen an Zukunft anescht oder besser nach kommunizéieren.

Et muss een och dozou soen, zemools, wann een ee Sens unique ëmdréit oder esou, dass d'Leit einfach gewinnt sinn duerch d'Quartieren och e bëssen ze rennen. Dat ass dann erëm een anere Probleem. Wann d'Leit sech d'office géifen un d'Tempolimitt halen, da géif an deem Sënn, souguer wann s de ee Sens unique ëmdréis, géif ee kënnen bremsen. Mee wa mer awer doduerch rennen, da geet dat net. Dofir en Appell un d'Bierger, fir sech an hiren Zonen un d'Tempolimitt ze halen.

Kontrollen, jo, mee et muss ee sech och einfach kënnen drun halen, och wa keen do steet, dee moosst, mat wéi vill ee fiert. Mee et ass einfach – deen een ass presséiert, en anere wëll séier op d'Aarbecht, hin an hier. Op jidde Fall wäerte mer een A drop halen, dass dat an Zukunft besser kommunizéiert gëtt.

Vignette, Commercen, do si mer eis eens. Ech mengen, jiddwereen, deen iergendwéi hei schafft, wär frou, wann en am beschte mam Auto kéint do parken, wou en dann effektiv schafft. Dat ass, mengen ech, och esou eng lëtzebuergesch Saach, dass d'Leit einfach ganz gär ganz no stinn, och op anere Plazen.

Mee dass mer eis jo ganz kloer sinn, wann een elo just kuckt, ee Lycée wéi d'EIDE oder alleguerten déi Schoulen an déi Plazen, wou d'Leit schaffen, wéi vill Leit do schaffen.

ENG STËMM:

400.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Voilà, 400!

Stellt Iech elo mol: Wa mer elo eng Vignette maachen, wou ginn déi 400, déi 300 vun niewendrun, déi 200 aus dem Zentrum hin?

(Diskussiounen)

ERIC CILLIEN (DP):

Nee, nee, nee, nee. Ech schwätze vun den Aarbechter, an ech wëll deenen dat net ewechhuelen. Dat soll elo hei net falsch verstane ginn.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Ech mengen, wann ech eng Aarbechtsplaz enzweesch ugeholl hunn – an dat war a mengem Liewe virdrun, wou ech eppes anescht geschafft hunn, och esou –, da kucken ech, wou ech schaffen an ech kucken, wat do meng Méiglechkeete sinn. An ech kucken, wat ech ka maachen, fir ze parken oder fir een anere Wee, fir dohinner ze kommen, ob dat vläicht net méi Sënn mécht, wann ech net kann do parken.

Wann een all deene Leit, déi hei schaffen – huele mer déi am Zentrum, wat soen déi dann? Ech mengen, mir sinn eis eens, dass d'Iddi vläicht flott wär, awer dass se definitiv net realistesch ass. Ouni dass dat onhéiflech muss sinn, mee dat ass einfach net realistesch. Ech mengen, dass mer eis do awer iergendwéi eens sinn, dass wa jiddwereen hei aus der Gemeng, deen hei schafft – dat gëtt jo näischt.

(Ënnerbriechung)

Jo, op menger Parkplaz stinn och Leit, déi hei schaffen. Dat stéiert mech relativ wéineg. An dat wësse se och. An ech

kommen och meeschtens mam Vëlo. Effektiv.

Kontrollen an de Wunnquartieren, ech mengen, ech hunn dat virdu scho kuerz ugeschwat an der Martin-Strooss. Ech mengen, dat ass dann een änleche Problem. Mee et ass nun einfach esou, dass wann een d'Police freet, fir an den 30er-Zone Kontrollen ze maachen, mir kënnen ëmmer erëm froen, mee dat gëtt einfach d'office vill manner gemaach.

Mir géife jiddefalls gären op de Wee goen, wou d'Leit d'Vitess ugewise kréien, fir se drop hinzeweisen, wéi séier se fueren. Dat ass op alle Fall en vue. An awer och an de Quartieren allgemeng den Tempo e bëssen erofzedrécken, andeems ee se e bëssen ausbremst.

Da ginn ech dem Här Altmeisch d'Wuert fir de Rescht.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Ech wëll erwänen, dass ech Mëtt Dezember Rendez-vous hu mam Inneminister, wou mer dann d'Kommissioun hätten, si besiche ginn, a wou ech dann och wäert betounen, dass mer effektiv hei um Territoire e Manktem un Agenten hunn. Ech wäert do nach eng Kéier meng Doleancen ervirbréngen.

An ech hat am Virfeld scho mat him doriwwer geschwat. Hie versteet dat och an en huet mer och den Uschäi ginn, wéi wann e sech géif iwwerleeën, fir dass mer kéinten deen een oder deen anere Member als Police locale kéinte bäikréien. Déi dann och vum Staat géife bezuelt ginn, eebe just da bei eis hei um Kommissariat géife schaffen. Wat jo da géif zur allgemenger Sécherheet bäidroen, fir d'Sécherheet, wann der méi do sinn, fir méi Kontrollen ze maachen.

Ech wäert déi Doleancen do mathuele bei d'Kollegen an de Comité de prévention, wou mer eis jo periodesch gesinn, fir dat nach eng Kéier ze ënnermauern, dass dat awer wichteg ass, dass verschidde Kontrolle gemaach ginn.

Elle évoque le problème des établissements comme le lycée EIDE, où travaillent environ 400 personnes, et se demande où toutes ces personnes pourraient se garer si un système de vignettes était mis en place.

ERIC CILLIEN (DP) *tente d'intervenir, mais est interrompu.*

ERNY MULLER (LSAP) *demande où ces personnes devraient alors se garer.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *fait une brève mention des parkings.*

ERIC CILLIEN (DP) *précise qu'il parle des travailleurs et ne veut pas leur retirer quoi que ce soit, souhaitant éviter tout malentendu.*

ERNY MULLER (LSAP) *suggère une solution temporaire.*

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *reprend en expliquant que chacun devrait considérer les options de stationnement ou de transport alternatif lorsqu'il accepte un emploi. Elle insiste sur le fait que l'idée de fournir des places de stationnement à tous ceux qui travaillent dans la commune n'est pas réaliste. Elle mentionne qu'elle-même vient souvent à vélo et que cela ne la dérange pas si d'autres utilisent sa place de stationnement.*

Après quelques échanges humoristiques, Zenia Charlé aborde le sujet des contrôles de vitesse dans les quartiers résidentiels, reconnaissant que la police effectue moins de contrôles dans les zones 30 km/h. Elle propose d'installer des indicateurs de vitesse pour informer les conducteurs et envisage d'autres mesures pour réduire la vitesse dans les quartiers.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *mentionne son prochain rendez-vous avec le ministre de l'Intérieur pour discuter du manque d'agents sur le territoire. Il indique que le ministre envisage la possibilité d'affecter des agents supplémentaires de la police locale, payés par l'État, au commissariat local, ce qui contribuerait à améliorer la sécurité générale et permettrait davantage de contrôles.*

Il promet de soulever à nouveau ces préoccupations lors du comité de prévention.

Guy Altmeisch explique que la commune essaie, comme l'a mentionné madame Charlé, de prendre en compte dans la réorganisation de la circulation les endroits où les gens roulent trop vite. Elle prévoit d'intégrer des chicanes et de rétrécir la route pour minimiser ce problème.

Guy Altmeisch comprend parfaitement que les courses dans les quartiers ne sont pas agréables pour ceux qui y travaillent, y habitent et utilisent les trottoirs. Il pense avoir répondu à la plupart des questions.

ERIC CILLIEN (DP) mentionne le conseil communal.

GUY ALTMEISCH (LSAP) souligne l'importance de la question du conseil communal. Il propose, si les autres partis sont d'accord, de céder le temps de parole de monsieur Cillien aux autres membres de son parti pour qu'ils puissent s'exprimer plus longuement et présenter leurs doléances. Il précise que le collège échevinal aurait besoin de l'accord des autres partis.

Il ajoute que la commune n'aurait alors pas besoin de déplacer la date, rappelant que les conseillers communaux connaissent la polémique liée aux reports.

ERIC CILLIEN (DP) remercie monsieur Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP) affirme qu'ils ne déplaceront plus rien cette année, faisant une promesse solennelle. Il note qu'ils sont presque à la fin de l'année.

Il annonce qu'ils vont passer à la séance non publique.

Mir probéieren och, wéi d'Madamm Charlé gesot huet, am Rahmen vun der ganzer Neigestaltung vum Verkéier, deem Rechnung ze droen, wou ze vill séier gefuer gëtt. Fir do Schikane matanzebauen an d'Strooss ze verengen, fir dass mer dat sou mann wéi méiglech begéinen.

Ech verstinn dat ganz gutt, wann an de Quartiere gerannt gëtt, dat ass net flott fir déi Leit, déi do schaffen, an déi, déi do wunnen, an déi, déi den Trottoir benotzen. Dat ass wierklech net flott. Do hutt Dir mäi ganz Verstandnis dofir.

Ech mengen, dann hätte mer déi meeschte Froen.

ERIC CILLIEN (DP):

De Gemengerot.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Fro vum Gemengerot. Ganz wichteg. Ech mengen, wann déi aner Parteien domat d'accord wieren, da géife mer Är

Riedezäit un déi aner Membere vun Ärer Partei ofrieden, da kéinten déi méi laang schwätzen an Är Doleancë mat ervirbréngen.

Mir müssen awer do den Accord hu vun deenen anere Parteien, dass dat okay ass fir si. Da géife mer dat esou maachen. Da bräichte mer den Datum net ze verréckelen. Well wa mer elo erëm ufänke mat réckelen, Dir wësst, mir kenne jo d'Poleemik.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee, mir réckelen net méi, Madamm Schütz. Dëst Joer net méi. Versprach. Grousst Éierewuert. Mir si jo och bal um Enn vum Joer. Dëst Joer réckele mer net méi, versprach!

(Diskussiounen a Gelaachs)

Dat gesot, géife mer zur Séance non publique kommen.



FOODSHARING BBQ

Saviez-vous que 35 % des aliments produits dans le monde sont gaspillés ? Pour agir concrètement face à ce constat, le conseil alimentaire de la Ville de Differdange et Foodsharing Luxembourg s'associent pour vous proposer un repas partagé et solidaire :

- le 27 juillet 2025
- de 18 h à 22 h
- sur l'aire de grillade de Lasauvage.

Dès 16 h, vous êtes invités à venir cuisiner ensemble des aliments récupérés par Foodsharing (BBQ, salades, apéros, desserts...).

Vous avez des aliments à sauver ? Apportez-les et contribuez au festin !

À 18 h, un grand repas collectif sera servi dans une ambiance conviviale et chaleureuse.

Formulaire d'inscription





STEEL RUN 2025 : INSCRIVEZ-VOUS DÈS MAINTENANT

...Well mär si Stol!

Coueurs confirmés ou simplement désireux de vous surpasser, le 14 septembre 2025, le Steel Run est la course un peu folle à ne surtout pas manquer. Sortez votre tenue de sport, ou mieux votre déguisement, et laissez vos foulées vous guider dans des lieux de Differdange où rarement les coueurs peuvent s'aventurer !

Infos pratiques

- Départ à 15 h.
- Distance de 11 km.
- Hommes et femmes, adolescents et adultes, de 14 à 99 ans.

Inscriptions



ENTRÉE
GRATUITE

11h30
-22h00

LIVE AM PARK

7
JUN
2025

PARC DE
GERLACHE
DIFFERDANGE

CINÉMA
MUSIQUE

11:30 POMPJEESMUSEK BETTENDUERF
12:30 SIMMER DUERFMUSEK
13:30 FANFARE NIEDERKORN

17:45 FANFARE STE CÉCILE
HUNCHERANGE-NOERTZANGE-FENNANGE
19:00 HARMONIE MUNICIPALE DE DUDELANGE

15:00

VAIANA 2

VERSION FRANÇAISE

20:30

VICE-VERSA 2

VERSION FRANÇAISE

**MAZ UNIVERZE
(FEAT. ADRIANO SELVA)**

FRANCIS OF DELIRIUM

LUZAC

ONE LAST TIME

CORBI

NICOOOL

OKE

NEA LONE

SLIZZER

THE NIGHT FM

C DREW

DJ FR3SH

GRATIS ENTRÉE

**MADE IN
LUXEMBOURG**

28.06.2025

17:00 - 01:00

MAARTPLAZ, DÉIFFERDENG



Ville de
Differdange

